



INFO BLAT

°09 19

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 23. OKTOBER 2019

Conseil communal du 29 janvier 2020

ACCUEIL > VIE POLITIQUE > INFOBLAT > CONSEIL COMMUNAL DU 29 JANVIER 2020



Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déléguée)

Tom Ulveling (1er échevin, CSV)

Paulo Aguiar (délégué, échevin remplaçant)

Georges Liesch (échevin, délégué)

Robert Mangan (échevin, CSV)

Fred Dentinelli (LSAP)

Gary Diederich (délégué LSAP)

Jenny Hartung (CSV)

Fränz Meisch (DP)

Emy Müller (LSAP)

Laura Fregno (déléguée)

Yvonne Richartz-Nilles (déléguée)

Ali Ruckert (KPL)

Christiane Saal (DP)

Fränz Schwachtgen (délégué)

Guy Tempels (CSV)

Nicole Wohl (déléguée)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO
BLAT** 09 19

COMPTE-RENDU DU 23 OCTOBRE 2019

3-47

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 09/2019, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 23 OCTOBRE 2019

CONSEILLERS PRÉSENTS

Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Paulo Aguiar (échevin remplaçant, déi gréng)
Christiane Brassel-Rausch (échevine remplaçante (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)

Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno, (déi gréng)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
 2. Projets communaux :
 - a. Nouveaux locaux pour la police grand-ducale sur le parking du contournement à Differdange – plans et devis définitifs, article budgétaire 4/131211000/14018 ;
 - b. Nouvelle école ménagère à Differdange – devis et crédit supplémentaires pour la rénovation du local sanitaire/douche et la mise en conformité de la cuisine et du local de stockage, article budgétaire 4/910/221311/19029.
 - c. Travaux urgents de canalisation sous les voies CFL près du cimetière de Differdange.
 3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers :
 - a. Projet d'aménagement particulier au lieudit « Entrée en ville – Site 1-1 » (nouveau commissariat de police) à Differdange présenté par le collège échevinal pour le compte de la Ville de Differdange ;
 - b. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Biensel à Oberkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la société BESCHA 05.
 4. Finances communales :
 - a. Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2020 ;
 - b. Fixation du taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2020.
 5. Actes et conventions :
 - a. Acte d'échange avec soulte de divers terrains à Oberkorn liés à l'aménagement du contournement du PN 13 à Oberkorn ;
 - b. Acte de cession à titre gratuit de 3 parcelles au lieudit « rue de Soleuvre » à Oberkorn d'une superficie totale de 14,52 a ;
 - c. Contrat de bail avec l' AIS Kordall portant sur une maison d'habitation sise dans la Grand-rue à Differdange ;
 - d. Avenant à un contrat de bail au 1535° Creative Hub.
 6. Enseignement fondamental: validation des ultimes affectations aux postes vacants issus de la liste 2 pour la rentrée 2019-2020.
 7. École de musique de Differdange: organisation scolaire définitive 2019-2020.
 8. Dénomination de nouvelles rues pour l'accès Woiwerwisen, le lotissement de la SNHBM à Niederkorn et l'accès au site scolaire de l'EIDE.
 9. Règlements communaux :
 - a. Modification du règlement de circulations ;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
 10. Syndicats intercommunaux: désignation d'un deuxième délégué au sein du SIDOR.
 11. Changement au sein des commissions consultatives.
 12. Questions.
-

1. Communications

TOM ULVELING (CSV) ouvre la séance et signale que le collègue échevinal a ajouté un point au dernier moment: le fonçage sous la voie ferrée. Le canal est cassé. Comme les CFL ont fermé ce tracé, la commune en profite pour effectuer des réparations.

Tom Ulveling constate que le conseil communal est d'accord pour ajouter ce point à l'ordre du jour.

M^{me} Brassel-Rausch sera assermentée vendredi prochain. Tom Ulveling lui cède la parole.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) explique qu'elle sera assermentée par le ministre de l'Intérieur vendredi à 14 h 30. Le 20 novembre, la commune offrira un verre et un encas après la séance du conseil communal.

TOM ULVELING (CSV) annonce que deux personnes ont été engagées dans ses services.

M^{me} Bintener a pris ses fonctions le 15 octobre et est responsable de 2022 et du tourisme.

M. Ferrao est ingénieur au sein du service technique depuis le 1^{er} octobre.

Tom Ulveling communique ensuite au conseil communal que les deux monuments de la place du Marché seront déplacés. Le monument des mineurs sera situé entre la terrasse du Klenge Casino et le bout de rue. La flamme sera, quant à elle, déplacée en face de Calderoni. De cette façon, la place du Marché sera mieux adaptée à l'organisation de fêtes comme le marché de Noël.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande si le monument sera placé devant la rue qui descend. Celle-ci ne restera-t-elle pas ouverte?

TOM ULVELING (CSV) répond qu'il se situera devant les arbres, où se trouve l'encoche, là, où les voitures tournent. La rue restera accessible. Le collègue échevinal en a discuté avec l'artiste. Celui-ci est d'accord pour que le monument soit coupé légèrement dans sa longueur.

Tom Ulveling passe au point 1 de l'ordre du jour: le nouveau commissariat de police. Actuellement, les locaux de la police ne sont guère

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir hutt gesinn, oder et sinn der vläicht, déi et net gesinn hunn, mir hunn nach e Punkt en urgence drop gesat, fir de Fonçage ënnert der Bunn ze maachen. Do ass de Kanal futti. Mir kommen duerno drop zrëck. Well d'Bunn dee ganzen Trajet späert, musse mer dovunner profitéieren, fir dat an engems ze maachen, well de Kanal do agefall ass. Sidd der domat averstanen, dass mer dat nach drop huelen, en urgence?

(Zoustëmmung)

Merci.

Da begrëissen ech Iech all ganz häerzlech an ech géif e puer Kommunikatiounen maachen. Éischtens, d'Vereedung vun der Madamm Brassel-Rausch wäert nächste Freideg sinn. An d'Madamm Brassel-Rausch wollt nach selwer eppes soen.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Bonjour, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- an dem Schäfferot, ech ginn de Freideg um hallwer dräi vun der Inneministesche vereedegt a sinn dann offiziell en fonction. An ech wollt Iech virschloen, Iech no eisem nächste Gemengerot – dat ass den 20. November, wann ech mech net ieren – e bëssen Zäit ze huelen, well da géif et e Patt ginn, mat e puer Schnittercher, op déi nei Buergermeeschtesch.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Brassel-Rausch.

Ech wëll Iech soen, dass a mengem Service dëse Mount zwou nei Persounen agestellt si ginn. Am Kulturservice ass dat d'Madamm Bintener, déi vum 15. un do schafft. Si ass responsabel fir den 2022 an den Tourismus. Dat heescht, si huet jee eng hallef Tâche bei deem enge wéi bei deem aneren. An dann hu mer en neien Ingenieur am Baudeservice zënter dem 1. Oktober. Den Här Ferrao Canas ass agestellt ginn, fir eis Ekipp ze verstärken.

Als Lescht wollt ech Iech nach matdeelen, dass mer d'Monumenter op der

Maartplaz, d'Monument vun de Mineuren an och dat vun der Flam, wäerten deplacéieren. Dat vun de Mineure bleift op der Maartplaz, et kënnt just uewen hin, parallel zum Casino, tëschent der Terrass vum Casino an dem Stéck Strooss, dat do erofgeet, wat awer elo keng Strooss méi ass.

D'Flam déi kënnt vis-à-vis op déi Plaz virum Calderoni. Dann hu mer eng Plaz, déi mer besser kënnen notzen, wa mer Fester hunn, ouni dass mer dauernd mussen Encoché maachen. Dat wäert am Mount November oder Dezember gemaach ginn. An ech hoffen, dass et fäerdeg ass fir de Chrëschtmaart. Oder et sollt emol fäerdeg si fir de Chrëschtmaart.

Dat ass dat, wat ech matzedeelen hunn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng Fro dozou.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng Fro dozou. Dat kënnt jo net virun d'Strooss, déi do erofgeet? Déi Strooss bleift jo op.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et kënnt virun déi Beem. Do ass jo esou eng Encoche, wou d'Autoen dréien. Se kënnt do just virun déi Beem. D'Strooss bleift natierlech fräi. Dat ass ganz kloer.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hu mam Artist geschwat, deen d'accord ass, dass mer d'Monument e bëssen ofschneiden an der Längt. Den Artist ass domat d'accord. Esou kënne mer dat dann elo maachen.

2a. Commissariat

Da géif ech op den éischte Punkt vun eiser Dagesuerdnung kommen. E Punkt, dee mer ganz vill Freed mécht, well mer scho vill a laang an oft heiriwer debattéiert hunn. Nämlech dat neit Policegebai, wat dann elo endlech soll gebaut ginn. Mir wëssen alleguer, eis Police ass an net grad adequate Lokaler – wann een dat ganz mëll wëllt beschreiwen – ënnerbruecht fir de Moment. Et gëtt ganz héich Zäit, dass do een neit Policekommissariat entsteet.

Dir hutt als Conseillere keng Pläng kritt, wéi mer dat versprach haten, well et am Fong net eise Projet ass. Et ass dee vun der Police. Dat ënnerläit relative Geheimhaltungen, wat d'Opdeelungen ugeet. Mir si just Intermediaire, wann een esou wëll soen. Mir bauen hinnen dat. A wann et schlëselfäerdeg ass, bezuele si eis dat zréck. Ech wëll dem Manuel Lopes villmools Merci soen, dee sech ëm deem Dossier hei am Haus këmmert. Wou mer, wéi gesot, déi Pläng virleien hunn.

Mir sinn a Gespréicher iwwert den Terrain. Dat ass jo eng Fro, déi wäert kommen. Déi sinn nach net ofgeschloss. Et ass esou, fir d'Police ass et kloer, dass si onbedéngt musse Besëtzer gi vun deem Terrain. Do kann ee keng Emphytéose virgesinn. Mir sinn do a Gespréicher.

Mir sinn amgaang ze verhandelen, dass mir en contrepartie vun deem Terrain, dee mir hinne ginn, fir dat doten opze-riichten, een Deel vum Terrain solle kréien, wou dat aktuell Policegebai elo ass. An zwar déi Partie hannert dem Gebai, hannert de Garagen. Do ass eng Aart Gréngfläch, ee Park, dee mer wëilten do maachen. An uewen, an der Belairer Strooss, sinn zwou Bauplazen. Mir wëilten dat tauschen. Mä et ass nach net esou wäit. Et ass e bësse wéi beim Staat, do geet dat e bësse méi lues. Dat hu mer nach net ficeléiert. Mä et geet awer an déi Richtung. Et geet elo drëm erauszufannen, wat fir eng Soultedeen een oder deem anere muss bezuelen.

Dat Gebai gëtt op 20,26 Ar opgeriicht. Et ass e véierstäckegt Haaptgebai mat enger zouener Garage. Et si Büroendran, eng Kichen, e Verhéierraum. Alles, wat een esou brauch, ass virgesinn. D'Garage ass fir zwielef Autoen ausgeluecht. Déi sollen och do kënnen reparéiert ginn. Elektroautoe solle kënnen

opgeluede ginn. Ech mengen, et sinn dräi Plaze virgesinn.

D'Fassad gëtt ënner engem Sécherheetskoncept opgeriicht, fir dass een net direkt gesäit, wien a wat fir engem Raum sech ophält. Et gëtt e ganze Koup Ufuerderungen wéi Feierwiderstand. D'Fenster si praktesch Panzerfensteren, fir dass kee kann eraschéissen oder een erschéissen. Et si sechs Plaze fir Vëloer fir d'Police, virgesinn. Et ass eng massiv Bauweis am Bëtong. D'Fassad ass wärmegeedemmt.

D'Haaptgebai wäert Ofmiessungen hu vun 21 Meter op 29,36 Meter, eng Gesamtfläch vu 616 Quadratmeter. Dir wësst all, wou et ass. Et ass um Parking du Contournement, parallel zur Bunn, am ieweschte Stéck, wou een iwwert déi Bréck an d'Avenue de la Liberté kënnt. Do uschlëssend wäert dat Gebai opgeriicht ginn.

Ech wär frou, wa mer elo kéinten dat doten hei stëmmen, fir dass mer relativ schnell virukommen. Ech krut gesot vum Här Gonderinger, dass nächsten Donneschdeg géif ugefaange gi mat Buerungen, fir ze kucken – dat Gebai gëtt gehëtzt aus der Erdwärme, do sinn éischt Buerungen, déi 30 Meter erfinginn, fir ze kucken, wéi wäit een do muss goen. Dee ganze Käschtepunkt ass net onwesentlech. Deen ass de Moment op 19.285.000 Euro an e puer Zerquetschenter chiffriert.

Wéi gesot, mir wäerten alles virfinanzéieren iwwer e Prêt. A mir kréien déi sämtlech Käschten, souwuel vum Prêt wéi vun eise Leit, déi do schaffen, rembourséiert, wann d'Gebai schlëselfäerdeg do steet.

Dat gesot, ech mengen, et mécht elo kee Sënn, dass mer eis laang ausleeën iwwert d'Pläng selwer. Well d'Pläng hu mir jo net gemaach. D'Pläng sinn déi, déi d'Police no hire Moosstief ebe gezechent huet. Wann een eppes wëll soen, kritt en awer gär d'Wuert.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengen- a Schäfferot, léif Vertrieeder vun der Press, am Numm

adaptés à ses besoins. Il est plus que temps d'intervenir.

Les conseillers communaux disposent des plans. Mais il ne s'agit pas d'un projet communal. La commune ne sert que d'intermédiaire. Elle fera construire le bâtiment avant d'être remboursée. Tom Ulveling en profite pour remercier l'architecte communal, M. Lopes.

Les négociations concernant le terrain ne sont pas terminées. La police doit devenir propriétaire du terrain. Une emphytéose n'est pas envisageable. En contrepartie, le collègue échevinal souhaite obtenir une partie du terrain derrière le commissariat actuel et les garages. Il s'agit d'un espace vert que la commune voudrait transformer en parc ainsi que de deux terrains à bâtir dans la rue de Belair. Les discussions avancent doucement. La soulte reste à définir.

Le bâtiment fera 20,26 a et comprendra 4 étages. Il y aura un garage fermé, une cuisine, des bureaux, etc. Le garage pourra accueillir 12 voitures. Des réparations pourront y être effectuées et des voitures électriques pourront y être rechargées.

Les mesures de sécurité sont importantes. De l'extérieur, on ne pourra pas voir qui se trouve dans le bâtiment en béton massif. Les fenêtres seront blindées. Six emplacements pour vélos sont aussi prévus.

Le bâtiment principal fera 21 m sur 29,36 m pour une surface de 616 m². Il se situera sur le parking du contournement, là, où se trouve le pont pour accéder à l'avenue de la Liberté.

Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver le projet. Les premiers forages commenceront jeudi prochain. Le bâtiment sera chauffé par géothermie.

Les frais se montent à 19285000 €. La commune préfinancera les travaux grâce à un prêt. Tous les frais seront ensuite remboursés.

Analyser les plans n'a que peu d'intérêt étant donné qu'ils ont été réalisés par la police.

ERNY MULLER (LSAP) souhaite présenter un historique du projet avant de détailler les plans.

2a. Commissariat

L'ancien bâtiment de la gendarmerie n'est plus conforme aux besoins actuels et les conditions de travail y sont devenues intolérables. Il y a six ans, l'échevin à la sécurité, M. Bertinelli, les représentants du commissariat, la direction régionale et le bureau d'architectes se sont rencontrés pour finaliser ce projet. Les besoins ont été définis sur la base des demandes des futurs utilisateurs.

Malheureusement, une étude de la direction générale de la police grand-ducale sur la réorganisation des services de police a entraîné un retard de deux ans. Mais le bâtiment est désormais destiné à 80 agents au lieu de 50.

Lors des débats budgétaires de 2018, les socialistes ont été choqués d'apprendre que la coalition déi gréng-CSV ne voulait plus faire réaliser les travaux par la commune. Cela aurait entraîné un retard de plusieurs années. Les socialistes ont protesté et le projet a pu avancer.

Le site — sur le parking du contournement en direction de Niederborn — est idéal.

Pour ce qui est du bâtiment, Erny Muller ne souhaite pas revenir sur ses dimensions. Il comprend quatre étages, un sous-sol et un retrait. L'entrée et l'accueil se trouvent au rez-de-chaussée et les bureaux sont répartis sur les trois étages. Erny Muller rappelle qu'en effet, la police fait les trois-huit. Le premier sous-sol accueille les vestiaires et les douches pour 90 personnes. Quand on sait que tous les agents ne seront pas là en même temps, on se rend compte de la flexibilité qu'offre le bâtiment. En fait, celui-ci est suffisamment grand pour contenir plus de 90 personnes.

La façade donne un aspect résolument moderne au bâtiment. Le toit est écologique.

Les places de stationnement sont prévues au rez-de-chaussée à côté du bâtiment principal. Elles peuvent accueillir 12 voitures et 3 camions. Il y a aussi des emplacements pour vélos et voitures électriques. C'est là que se situe aussi une deuxième issue de secours.

Erny Muller regrette l'absence de places de stationnement pour le public.

vun der LSAP wëll ech zu dësem Policekommissariat Stellung huelen. Erlaabt mer, ier ech op d'Detailer vun de Pläng aginn, e klengen Historique zu der Entwécklung vun deem neie Commissariat ze maachen.

Wéi allgemeng bekannt ass, ass dat aktuell Policekommissariat an de Gebai-lechkeete vun der fréierer Gendarmerie a kengster Weis méi konform zu den haitegen Ufuerderungen. An d'Aarbechtskonditioune sinn net méi tolerabel.

Viru ronn sechs Joren hunn ech als deemolege Bauteschäffen, zesumme mam Schäfte fir d'Sécherheet, dem Här Bertinelli, zesumme mat de Verrieder vum Déifferdenger Policekommissariat, der regionaler Direktioun, dem Architektbüro an enger Partie Reuniounen dësen, fir eis Gemeng prioritären, Projet finaliséiert.

D'Bedürfnisser betreffend e modernt Commissariat, wéi mer se haut an de Pläng erëmfannen, goufen zesumme mat de spéideren Utilisateuren definéiert. Nodeems d'Generaldirektioun vun der Police Grand-Ducale eng national Etüd gemaach huet iwwer eng Reorganisatioun vun de Policeservicer, kouw et leider zu enger Verzögerung vu bal zwee Joer. De Virdeel vun dëser Etüd war awer, dass d'Gebai vu virdu fir ronn 50 Agente geplangt war an elo op iwwer 80 eropgaangen ass.

Fir eis als LSAP war dunn awer e Schock komm, wéi déi nei déi-gréng-CSV-Koalitioun bei de Budgetsdebatten 2018 de Projet net méi ënnert der Regie vun der Gemeng wollt duerchféieren. Wat zur Verzögerung vun etleche Jore gefouert hätt. Mat engem heftege Protest säitens der LSAP ass de Schäfferot awer zur Asicht komm. An de Projet ass, wéi virgesinn, weidergefouert ginn.

Haut, knapp zwee Joer méi spéit, hu mir elo endlech d'Pläng an den Devis virleien. Dat neit Gebai, wat um Contournement Richtung Nidderkuer gebaut gëtt, ass ideal geleeën an direkt ze Fouss zougängelech zum Stadzentrum an och an direkter Zoufaart zu Nidderkuer, Uewerkuer a Fousbann.

Zu den Dimensioune vum Gebai. Här Ulveling, Dir hat scho gesot, wéi grouss et gëtt, an d'Moossen. Ech wäert net

méi dorop agoen. Et ass e Gebai vu véier Stäck, mat engem Sous-sol an engem Retrait uewendrop. Um Rez-de-chaussée ass d'Entrée. Do ass och den Accueil fir d'Clienten. Ech géif dat emol nennen e Service client.

Op deenen dräi anere Stäck sinn déi eenzel Büroer fir déi dräi Schichten. De Polizei-System funktionéiert mat engem Dräi-Schichten-System. Wou och dann all Kéiers déi jeeweileg Cheffen ënnerbruecht sinn, mat Konferenzraum, Sëtzungsäll an esou weider.

Um Minus-Eent an um Plus-Eent si Vestiaires an Dusche fir 90 Leit virgesinn. Wann ee bedenkt, dass déi Leit jo net ëmmer mateneen do sinn, dann huet een do awer schonn e Gebai, wat vill Potential fir d'Police bréngt. Dat heescht, et kënne souguer méi Leit do si wéi 90. An och d'Aarbechtsplaze kënne multioperationell sinn. Da kënnen och déi benotzt gi vu méi Leit. Da kéinte mer soen, dat Gebai erlaabt am Fong méi wéi déi 90 Leit.

Dir hat vun der Fassad geschwat. Mer mussen soen, dass dat wierklech e modernen Aspekt gëtt, wierklech eng propper, eng flott Architektur. An d'Daachfläche sinn och begréngt.

E Wuert nach zu de Parkplazen um Niveau 0. Nieft dem Gebai sinn déi jo geplangt. Do ass eng zweet Ausfaart, eng Noutausfaart. Dës ass, an der Haaptsaach, praktesch eleng fir Déngschtgefierer. Zwielef Plazen an engem geschlossenen Haff an dräi fir Camionnetten och nach bausse virdrun. Dir hat erklärt, dass do och Elektrogefierer sinn. Et si souguer Stellplaze fir Véloe virgesinn. Mir fannen do awer leider keng öffentlech Parkplazen. Am Plang steet, do wär eng Plaz. Am PAP steet awer, et wäeren der zwou.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass eng fir handicapéiert Leit.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, fir Personnes à mobilité réduite. Am PAP gëtt vun zwou Plaze geschwat. Herno komme mer nach zum PAP. Do hunn ech och nach e puer aner Froen. Et kéint een eventuell nach verstoen,

2a. Commissariat

wann déi geplangte Parkplaz direkt nieft dem Polizeikommissariat wier – iwwregens an der Partie écrite vum PAP ass dat nach ëmmer virgesinn, huet dat nach ëmmer Bestand –, dass do keng weider Parkplazen néideg sinn. Mir hunn eis dat alles iwwerluecht a wollten Iech mat op de Wee ginn, fir ze kucken, fir an direkter Noperschaft zum Polizeikommissariat, wou hire geschlossene Parking ass, mat hire Gefierer, e Parking de proximité virzegesinn, fir a) d'Personal vun der Police a b) e puer Plaze méi wéi zwou. Och fir den direkte Service vun dem ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Client.

ERNY MULLER (LSAP):

Client, voilà. Fir d'Leit. Den Här Altmeisch wäert nach drop agoen. Mir hunn do Argumenter. Ech wëll déi elo net soen. Hie kann dat soen. Hien ass en Expert am Policewiesen. Hie weess do besser Bescheid. Hien erkläert Iech, firwat dat vun Notzen ass.

Zum Terrain. Am beschte wär et, et géif een deen Terrain un de Staat ofrieden an et géif ënnert der Police geréiert ginn. Dat wär zum Beispill eng Méiglechkeet. Da wär een do op der Plaz autark an et hätt een déi néideg Plaze fir hir Agenten direkt op der Plaz.

Zum Käschtepunkt, Dir hutt et gesot, kee Bëllegen: 19,2 Milliounen Euro. Et muss een awer och kucken, wat fir e Volumen do gebaut gétt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An dann déi Technik.

ERNY MULLER (LSAP):

An d'Ausstattung fir 2,9 Milliounen Euro. Déi misst een emol erausrechnen, da geséich een, wat fir de Bau selwer bléif.

Wa mer esou ee Chiffer elo stëmmen, mussen mir jo och eng Garantie hunn, dass mer d'Suen erëmkréien, iwwer e Refinanzement. Dat ass am Fong eng

Virfinanzéierung. Elo ass d'Fro: Hutt Dir e Schreiwes doriwwer vum Staat?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat heescht, dann ass dat jo ofgedeckt.

Et geet an déi Richtung, wéi mir als LSAP eis dat virgestallt haten. Dat war jo och scho viru Joren am Gespréich gewiescht. Mir kënnen nëmme soen: Gott sei Dank si mer elo souwäit, dass mer kënnen lassfuere mat deem Polizeikommissariat. Op jidde Fall stëmmt d'LSAP dese Projet, dee wierklech am absoluten Interêt vun eiser Stad an der Sécherheet vun hire Biergerinnen a Bierger ass. Merci.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, léif Verrieder vun der Press. Ech wollt kuerz dozou Stellung huelen am Numm vun deene Gréngen, déi des Arichtung begréissen an och ëmmer ënnerstëtzt hunn.

Ech hu mer soe gelooss, dass dat Schreiwes, wou den Här Ulveling elo gesot huet, dass dat do wier. Am Fong déi Regelung mam Staat, wat d'Finanzen, Terrain, Tosch an esou weider ubelaangt, kloer ass.

An dat war, menges Wëssens, de Grond déi lescht Joren, firwat de Projet verzögert ginn ass. Well domadder an der Stad gezéckt ginn ass, fir esou eppes erauszeeginn. Den Här Ulveling ka mech do korrigéieren. Mä ech mengen, dat wier awer esou.

Dat heescht, déi Gréng waren ni fir eng Verzögerung vun deem Projet. An ech mengen, d'Koalitioun och net. Et waren eben einfach Garantien, déi gefeelt hu vu Säite vum Staat, fir dat finanziell ofzedecken. Dat ass emol mäi Wëssensstand. Den Här Ulveling, denken ech, kann do e bësse méi driwwer soen.

Mä zur Saach.

(Interruption)

TOM ULVELING (CSV) *réplique qu'il y en a une pour personnes handicapées.*

ERNY MULLER (LSAP) *rétorque que le PAP, sur lequel il reviendra tout à l'heure, en mentionne deux. Il comprendrait cette décision si le parking de proximité initialement prévu était construit. Dans la situation actuelle, les socialistes recommandent au collège échevinal de construire un parking à proximité directe du garage du commissariat, et ce, pour la police et les clients. M. Altmeisch reviendra sur ce point.*

Erny Muller propose de céder le terrain à l'État pour qu'il soit géré par la police.

Les frais s'élèvent à 19,2 millions d'euros. C'est cher, mais il faut considérer le volume bâti.

TOM ULVELING (CSV) *y ajoute le volet technique.*

ERNY MULLER (LSAP) *constate que l'équipement coute 2,9 millions d'euros.*

Pour que le conseil communal accepte de financer le bâtiment, il doit disposer d'une garantie de remboursement. Le collège échevinal a-t-il un document écrit?

TOM ULVELING (CSV) *répond par l'affirmative.*

ERNY MULLER (LSAP) *réplique que les choses vont dans la direction souhaitée par les socialistes. Dieu merci, les travaux de construction du nouveau commissariat pourront bientôt commencer. Le projet est réalisé dans l'intérêt de la ville et de la sécurité des citoyens.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *signale que les écologistes ont toujours soutenu ce projet. Il croit savoir que le document que vient de mentionner M. Ulveling règle les questions de financement et d'échange de terrains. Ces éléments ont occasionné les retards ces dernières années. En d'autres termes, les écologistes et la coalition n'ont jamais voulu reporter le projet. Mais ils ne disposaient pas des garanties nécessaires de la part de*

2a. Commissariat

l'État. M. Ulveling en sait sans doute davantage.

(Interruption)

Frenz Schwachtgen propose d'attendre la réponse de M. Ulveling.

Pour la commune, la nouvelle structure apporte plusieurs avantages. Tout d'abord, l'ancien terrain pourra être réaffecté. Frenz Schwachtgen rappelle que les conditions de travail étaient intolérables et que l'accueil était exécrable en raison du manque de locaux. Il reste à voir comment réaffecter le site.

Le nouveau commissariat valorise l'entrée en ville. La police pourra intervenir plus rapidement, et ce, localement et régionalement. Elle n'aura plus besoin de foncer à travers le centre-ville pour se rendre à Belvaux ou Esch. Les nouveaux bureaux sont aussi plus proches du centre.

Frenz Schwachtgen salue le fait que des emplacements pour vélos soient prévus. Il rêve de voir plus d'agents à vélo. Malheureusement, il a entendu dire que l'État a retiré les vélos parce que personne ne les utilise.

Il ne s'y connaît pas trop en architecture, mais il trouve le bâtiment agréable. Le corps de police a participé à la planification des locaux intérieurs et du garage. Le site devrait donc être optimal pour les citoyens.

Frenz Schwachtgen n'a pas trouvé d'informations dans le dossier concernant le chauffage, mais on a parlé de géothermie.

TOM ULVELING (CSV) *confirme les propos de M. Schwachtgen.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *répète que cela ne figure pas dans le dossier.*

TOM ULVELING (CSV) *répond que si.*

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *n'en a pas trouvé mention.*

Le prix se monte à quelque vingt-millions d'euros. Mais tout sera remboursé.

Jo, mer kënnen elo vläicht an den Detail goen, mä ech géif do vläicht dann d'Äntwert vum Här Ulveling ofwaarden.

Ech kommen op de Kär vun der Saach zrëck an ech hale mech do méi kuerz. Mer hunn e puer Virdeeler mat där neier Arichtung op där do Plaz. Éischtens emol gëtt deen ale Site zougemaach a kann erëm genotzt ginn. Wou mer da musse kucken, wat dermat unzufänken ass.

An ech betounen och déi onméiglech Aarbechskonditiounen fir d'Polizisten selwer an deem Gebai a leschter Zäit. Respektiv och de grotteschlechten Accueil, deen d'Leit do konnte kréien, vu dass d'Lokalitéiten net do waren, wa se Renseigner gefrot hunn oder iergendeng Doleance do haten. Deen ale Site kann also vläicht erëm weider genotzt ginn. Wou ee sech da muss natierlech Gedanke maachen, wéi a wat sënnvoll ass.

Zweetens, deen neie Site do ënnen um Contournement ass eng Opbetterung vun der Entrée de ville. Eis Police ka méi schnell regional wéi lokal, wat d'Uertschaften Nidderkuer an esou virun ubelaangt, am Asaz sinn. Se brauchen net méi duerch Déifferdeng ze düssen, mat bloer Luucht iwwert d'Kräizung an esou virun, wann iergendwou zu Bieles oder Esch en Asaz ze fueren ass.

Dat ass schonn emol eng ganz grouss Saach, dass mer se hei aus där, dach Sakgaass, erauskréien a se méi mobil kënnen agräifen.

Se sinn och, duerch déi Presenz do ënnen méi zentrumsno, grad an eise Kär vun der Uertschaft. Ech hu begréisst, dass Vëloen do erëm zur Verfügung sti fir eis Polizisten. Ech dreemen ëmmer dervun, dass ech méi Polizisten um Vëlo gesinn an der Stad. Leider hunn ech mer musse soe loossen, dass d'Vëloen do erëm zrëckgezu gi si vum Staat, well se net genuch benotzt si ginn. Ech hu mer dat soe gelooss. Mä, ech hoffen einfach, dass mer erëm eng flott Presenz vun der Police an der Stad gesinn.

D'Architektur, den Här Muller an aner Leit sinn do méi bewandert dran. Mir kënnen se ganz positiv vir. Bannen ass de Polizeicorps, wéi et an den Texter steet,

mat ageweit ginn a konnt matschaffen un der Gestaltung vun de Banneraim a vun de Garagen an esou virun. Soudass do héchstwarscheinlech eppes Optimales fir si a fir de Bierger erauskënnt.

Ech hunn e puer Froen. Ech hat net vill fonnt am Dossier iwwert d'Heiztechnik. Ech hunn dat elo esou matkritt, dass dat Äerdwäermt soll sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat hat ech elo net richtig am Dossier erausfonnt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat steet awer dran.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo. Et steet dann iergendwou. Ech hunn et awer elo net direkt fonnt.

De Präis, ëm déi 20 Milliounen Euro, dat war vläicht net kloer, mä do ass et esou, dass mer do alles als Gemeng erëmkréien, plus Zënsen, plus Aarbechten, ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zënseszëns.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Zënseszëns an esou virun. Plus Aarbechtsstonnen, plus Prestatiounen, déi d'Gemeng soss mécht.

ENG STËMM:

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

D'Fro stellt sech elo, wéi dat separéiert gëtt an de Konten, wann den Ingenieur vun der Gemeng zwou Stonnen ...

2a. Commissariat

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dee schreift sech dat op. Dat ass d'selwecht wéi bei der École internationale.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Wéi déi Kontabilitéit da gefouert gëtt, dass mer herno do kënne soen, dat do ass deen an deen Dag geschitt fir deen an dee Kont an esou virun. Dat muss jo dann och extra opgefouert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat bedeit awer natierlech och eng Méi-Aarbecht, eng Méi-Belaaschtung fir eis eegent Personal. Ech mengen, dat musse mer ëmmer am A behalen. Dofir ass et och gutt – ech hunn héieren, et ass en neien Ingenieur elo do –, dass mer eise Personalbestand dauernd opstocken. Respektiv dass d'Leit och Zäit hunn, sech mat aneren Dossieren ze befaassen an eventuell net ze vill Zäit verléiere mat Saachen, déi mer fir de Kont vum Staat maachen.

Et gëtt vläicht dru geduecht, dass dee Site vun der Police iergendwann eng Kéier awer erëm kéint ewechkommen. Et steet dran, dat Gebai wier flexibel an der Raumgestaltung. Soudass et och eventuell eng Kéier kéint ëmbenutzt ginn, wann aner Besoine wäeren. Ech weess net, wat dee Saz bedeit. Ob do an Zukunft vläicht dru geduecht gëtt, fir en anere Site anzeriichten, vläicht enz-wousch anescht. Et kënnt esou komesch aus dem Text eraus. Dofir wollt ech dat awer emol hei soen.

Generell, wat d'éinescht gesot ginn ass, Parkplaze fir Visiteure sinn do, Déngschrieder, Vélo, Mobilitéit ass ugeduecht. Mä ech denken, och wa mer dat doten elo do opriichten an ariichten, musse mer eis Gesamtsituatioun vum Verkéier a vum Parkraum och kucken, wat alles dorëmmer geschitt.

Gëschter war eng hefteg Diskussioun iwwert de Parkraum ronderëm d'Bock-Schoul an esou virun. An dat huet heiansdo méi interesséiert wéi d'Schéin-

heet vun deem Gebai an dat gutt Konzept vun deem Schoulgebai. Bei der Entrée en ville, ech mengen, hei verléiere mer elo gutt ee Véierel vun eisem Parkraum, deen de Moment do ënne besteet. Bekannterweise ass e Chantier vill méi grouss wéi dat Gebai, wat dann, Länge mal Breite, do opgeriicht gëtt.

Mir mussen eis wierklech déi Gedanke maachen, dass mer déi nei Mobilitéit, déi ugeduecht ass, an der Stad kréien. Also mat méi öffentlechem Transport, mat méi Navetten eventuell, mat Notze vum Parkraum. Ech denken un Opkorn, ech denken un den Aquasud, déi natierlech mussen ugebonne gi mat interne Buslinien, déi eis Quartieren an eis Zentre matenee verbannen. Anescht geet et an Zukunft net. Jiddweree seet: Ech hätt gär meng Parkplaz. Mä mer mussen awer och drun denken, dass e Parkraum erschöpflech ass. Zemoos an engem Stadzentrum a ronderëm deen neie Stadzentrum.

Dofir denken ech, heimadder gëtt e Stéck Zukunft geschriwwen. A mer wäerten dann hoffentlech an zwee, dräi Joer, och mat där Opwärtung do, an eiser Entrée de ville kënne flott liewen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Meisch, wannechgelift

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Hären, et ass offensichtlech, dass d'Aarbeitsbedéngung vun eiser Police net ideal sinn. Wann ee selwer sech d'Raimlechkeete souwéi dee ganzen Areal ronderëm aktuell ukuckt, da kann ee souguer soen, dass déi aktuell Bedéngung katastrophal sinn.

Dofir si mer frou, dass d'Gemeng dem Staat hei zur Hand geet a sech deem Dossier unhëlt an och de Prefsfinanzement garantéiert. Wuelwëssend, dass de Staat eis integral rembourséiert, zuzüglech allen Niewekäschten.

Doduerch gewanne mer vill Zäit. Wat sécherlech am Interessi vun eiser Stad an alle Biergerinnen a Bierger ass.

TOM ULVELING (CSV) répond par l'affirmative.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) mentionne les intérêts, les heures de travail, les autres prestations de la commune...

(Interruption de M. Ulveling)

Frenz Schwachtgen se demande comment la comptabilité sera tenue. Les détails devront y figurer.

TOM ULVELING (CSV) répond que oui.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) souligne le travail supplémentaire attendant le personnel communal. C'est pourquoi il est important de renforcer le service technique durablement. Il salue le recrutement d'un ingénieur.

Le dossier précise que le bâtiment du nouveau commissariat est flexible et pourra être réaffecté le cas échéant. Frenz Schwachtgen ne comprend pas pourquoi cette phrase figure dans le dossier. Pense-t-on déjà à un nouveau site?

Pour ce qui est des places de stationnement, il faut évaluer la situation dans son ensemble. Frenz Schwachtgen cite l'exemple de l'école du Bock. Les discussions portant sur les voitures semblent intéresser la population bien plus que l'architecture du bâtiment.

Avec la construction du nouveau commissariat, un quart des places de stationnement du site vont disparaître — sans oublier que le chantier occupera plus de place que le bâtiment. Differdange doit miser sur les transports en commun et les navettes pour desservir par exemple des structures comme Opkorn et Aquasud. Il n'y a pas d'autre solution. Tout le monde veut une place de stationnement, mais l'espace n'est pas infini — surtout dans un centre-ville.

Differdange est en train d'écrire une page de son futur. Il fera bon vivre à l'entrée en ville dans deux ou trois ans.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate que les conditions de travail de la police sont catastrophiques. C'est pourquoi il est content que la commune préfinance ce projet. L'État remboursera tous les frais. Il y va de

2a. Commissariat

l'intérêt de la ville et de ses citoyens.

Le bâtiment de quatre étages pour 80 à 90 fonctionnaires et le garage pour une douzaine de véhicules seront fonctionnels début 2023.

Le collègue échevinal sait-il déjà quoi faire des locaux actuels? Combien de places de stationnement vont disparaître au contournement?

Les démocrates approuveront le projet.

JERRY HARTUNG (CSV) *se réjouit du fait que la construction du nouveau commissariat avance enfin. Il a déjà été question des conditions de travail et des retards. Mais la responsabilité en revient à l'État et non à la commune. La police fait partie des compétences de l'État. C'est pourquoi la commune devait être sûre qu'elle serait remboursée. Entretemps, la commune a l'habitude de réaliser des projets de l'État avec son propre personnel. Mais elle doit disposer des garanties nécessaires quant au remboursement des frais.*

Differdange aura bientôt un commissariat central et moderne. Le bâtiment est fonctionnel et grand. Il pourra accueillir 80 personnes. Jerry Hartung espère que plus de policiers viendront à Differdange et dans le sud. Differdange est la troisième ville du pays. Une présence policière certaine est nécessaire. La commune doit investir dans la prévention, mais la police doit pouvoir intervenir le cas échéant.

Le CSV s'engage pour une police de proximité. Dans ce contexte, Jerry Hartung salue l'aménagement d'emplacements pour les vélos de service. La présence de la police dans le centre-ville, les parcs, les quartiers et les gares est importante pour les citoyens. Elle leur donne un sentiment de sécurité.

En ce qui concerne le financement, les frais sont à la charge de l'État. Il s'agit d'un investissement dans la communauté se montant à quelque 16 millions d'euros HTVA. La somme est considérable, mais comme l'a souligné M. Ulveling, elle inclut le volume, l'équipement technique, le volet sécurité, les meubles et l'aménagement exté-

D'Gebai mat véier Stäck a Garage fir eng Dose Ween soll no zwee Joer Bauzäit, also Ufank 2023, operationell sinn an initial bal 20 Milliounen Euro kaschten. An ass fir 80 bis 90 Beamten ausgeluecht.

Mir hätten awer nach zwou kleng Froen dozou: Ass gewosst, wat mat den aktuelle Raimlechkeete soll duerno geschéien? A wéi vill Parkplaze ginn um Contournement duerch deen neie Bau do verluer?

Mir stëmmen dat hei awer mat. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der CSV Déifferdeng si mer immens frou, datt den Dossier Policegebai elo endlech esouwäit ass, datt ee mam Bau ufänke kann.

D'Aarbechtsbedéngunge vun der aktueller Police hei zu Déifferdeng goufen ugeschwat. Och d'Verzögerung gouf ugeschwat, déi an dësem Dossier stattfonnt huet. Mä, sou wéi mer dat deemools erkläert kruten, war d'Verantwortung net bei der Déifferdenger Gemeng, mä ganz kloer beim Staat, deen eis d'Garantien net wollt ginn, datt mer dat rembourséiert kréien. Ech mengen, et ass ganz kloer eng Missioun vum Staat. An et kann net sinn, dass mir Gemengesuen ausginn, wou mer net sécher sinn, datt mer déi herno erëmkréien.

Datt mer als Gemeng mat eisem Personal musse kucken eens ze ginn, fir Gebaier ze bauen, wou ganz kloer de Rôle vum Staat wier, domat hu mer jo mëttlerweil Gewunnecht. De Schäfferot huet an dësem Dossier awer seng Aarbecht gutt gemaach, all néideg Zousécherungen ugefrot, datt all d'Onkäschten duerno vum Staat rembourséiert ginn. An d'Pläng mat alle Bedeeligten erstelle gelooss.

Op deem Wee erreeche mer, datt hei op Déifferdeng, an zentraler Lag, een neit, grousst a virun allem zäitgeméisst Poli-

cegebai kënnt. Wat mer schonn all laang fuerderen.

Zu de Pläng ass net vill ze soen. Dat gesäit alles gutt duerchduecht, funktionell a grouss genuch aus. Et ass elo Plaz fir iwwe 80 Leit Personal.

Mer hoffen, datt duerch dës uerdentlech Aarbechtsbedéngungen dann och méi Police op Déifferdeng respektiv an de Süde kënnt.

Déifferdeng ass déi drëttgréisste Stad am Land, mat vill Wunnen a Liewen, do ass eng gewësse Policepresenz wichteg. Souwuel am Dag wéi an der Nuecht. Natierlech musse mer vill an d'Präventioun stiechen, wat mer als Gemeng jo och maachen. Op där anerer Säit – an ech denken dat gehéiert och dozou – brauch et an enger Stad awer och eng Police, déi, wann néideg, do ass a kann agräifen.

Eppes wat mer als CSV fuerderen ass, datt nees méi op eng Police no beim Bierger gesat soll ginn. An deem Sënn si mer frou ze gesinn, datt nieft de Parkplazen, der Garage och Stellplaze fir sechs Déngschtvéloes virgesi sinn. Mer hoffen, datt mer da spéiderhin d'Policepatrullen um Vélo oder ze Fouss op déi ëffentlech Plaze kréien, wou se bis dato mam Auto net esou gutt hikoumen. Dës Presenz, zum Beispill matzen am Zentrum, eise verschiddene Parken, eise Quartieren, Garen an esou weider, ass de Leit dobausse wichteg a gëtt hinnen d'Gefill vu Sécherheet.

Zum Finanziellen: Wéi schonns uganks gesot, iwwehëlt de Staat d'Onkäschten, well et jo kloer hir Missioun ass. Trotzdeem bleiwen et d'Sue vun der Allgemengheet. Et si ronn 16 an eng hallef Millioun Euro. Mat der TVA komme mer op iwwe 19 Milliounen Euro. Dat si vill Suen. Mä, wéi den Här Ulveling erkläert huet, de Volumen, d'Technik, d'Sécherheitsstandarden, déi mussen inkorporéiert ginn, sinn hei enthalen. Och de Mobilier an d'Aussenanlag sinn am Gesamtmontant dran.

D'CSV stëmmt de Pläng an den Devis mat. Merci.

2a. Commissariat

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Ulveling, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, et si vill Saache gesot ginn zum Präis, zu de Pläng. Dat eenzegt, wat ech technesch zu de Pläng wollt soe respektiv froen: Do kënnt jo eng Daachfläch. Wat gëtt mat där Daachfläch gemaach? Aus de Pläng hunn ech näischt erausfonnt, ob een a Richtung Gréngdaach respektiv Richtung Photovoltaik oder Solarthermie geet. Dat ass dat eent. Technesch gesinn.

Dat anert: Urbanistesches gesinn ass et jo esou, dass mer elo d'Police, souzesoen, an eisen neien Zentrum setzen, op d'Schnëttstell tëschent dem Stadkär, wou s de op där enger Säit direkt de Parc Gerlache hues an op där anerer Säit d'Entrée de ville sech amgaang ass ze bilden. Dat ass keng schlecht Iddi.

Obwuel d'Fro besteet, firwat et esou wäit hanne vun där Plaz huet misse sinn. Ob een et net op eng aner Plaz do hätt kéinte stellen. Do feelt mir perséinlech e bëssen de Gesamtbléck, wou mer highi mat der Entrée de ville. Verschidde Puzzlestécker si mer do nach net esou kloer.

Mä ech mengen awer, dass mer do eng Police op eng Plaz setzen, wou de Schäfferot jo decidéiert huet, eng privat Sécherheitsfirma ze placéieren. Wat ech net begréisst hunn a wou ech nach ëmmer dogéint sinn, dass mir fir eis öffentlech Sécherheet op privat Firmen zrëckgräifen. An ech hoffen, dass déi heiten Decisioun kann dozou bäidroen, dass mer dorobber kënnen an Zukunft verzichten.

Dass déi Proximitéit vun der Police par rapport zum Stadzentrum, zu där Unterführung awer och eben zum Parc Gerlache domadder méi ginn ass. An, dass mer duerch eng Presenz am öffentleche Raum vun der Police, wat natierlech och mat Personal ze dinn huet, wou awer och amgaang ass, eppes ze geschéien, vläicht erëm op eng besser Situatioun kommen. Dass mer kënnen déi privat Sécherheitsfirma do ofmelden.

Da wollt ech froen: Wat geschitt mam ale Gebai respektiv mam Terrain? Do hu mer jo e puer Prezisioune kritt, a wéi eng Richtung d'Gemeng do wëll goen. Awer am Fong zur Plaz hannenaus nach net esou. Ech hunn elo Saachen héieren zum Gebai selwer. Do si jo scho Wunnengen zum Deel genotzt ginn, déi schon net méi vun de jeeweilige Polizisten benotzt gi sinn, an de leschte Joren. Do läit et, menger Meenung no, no, dat eben ze renovéieren an an deem Sënn och an Zukunft ze notzen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Altmeisch an dann den Här Ruckert, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling, Dir Dammen an Dir Hären, ech schléisse mech dem Luef an de Bedenke vu mengem Virriedner vun der LSAP voll a ganz un. Wëll awer nach Folgendes bäifügen: Dat neit Gebai entsprécht den Ufuerderunge vum 21. Joerhonnert, wat d'Sécherheitsstandarden, d'Raumopdeeling an de biergerfrëndlechen Accueil um Rez-de-chaussée ubelaangt. Et ass zentral geleeën an erméiglecht eng schnell Hëllef fir eis Bierger an der ganzer Gemeng.

Gutt Aarbechtskonditiounen sinn d'Basis vun enger gudder Aarbecht, engem gudden Aarbechtsklima an engem motivéierte Beamten. All dës Ëmstänn droen zur Verbesserung vun der Sécherheet an eiser Gemeng bäi.

D'Pläng weisen aus, dass d'Gebai fir zirka zweemol 45 Agente geduecht ass. Folgend Froen dränge sech op: Si Parkplaze fir Bierger, déi d'Police brauchen, beim Gebai virgesinn? Ass fir d'Beamten en netöffentleche Parking virgesinn, wou Vandalismus an hirem Privatauto verhënnert ka ginn?

Allgemeng sinn national esou Parkplaze virgesi bei de Kommissariater. Well net jiddwereen, dee mat der Police ze dinn huet, ass der Police gutt gesënnt a profitéiert vun der Situatioun, wann Autoen enzwousch an Ecker stinn, déi net iwwerwaacht sinn an esou virun, fir

rieur. Les chrétiens sociaux approuveront le devis.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que beaucoup a déjà été dit. Il lui reste une question concernant le toit. Aménagera-t-on un toit écologique? Des installations photovoltaïques sont-elles prévues?

(Interruption)

Gary Diderich signale que le commissariat se situera entre le centre-ville et son parc Gerlache d'un côté, et l'entrée en ville de l'autre. Mais pourquoi le bâtiment sera-t-il construit sur la partie postérieure du site? Certaines pièces du puzzle de l'entrée en ville ne semblent pas encore claires.

Gary Diderich rappelle par ailleurs qu'une société de sécurité privée est active à cet endroit — une décision du collège échevinal qu'il désapprouve. Il espère que grâce au commissariat, la présence de la société de sécurité deviendra superflue. La police doit se montrer présente dans le parc Gerlache et au passage souterrain, ce qui devrait être possible avec davantage de personnel. La situation est en train de s'améliorer.

Qu'advient-il de l'ancien bâtiment? Le collège échevinal n'a pas vraiment donné de précisions quant à la partie postérieure du site. Certains appartements ne sont plus utilisés par la police depuis des années. Il faudrait donc les rénover.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'associe aux propos des autres socialistes. Il constate que le nouveau bâtiment correspond aux besoins du XXI^e siècle avec un accueil convenable pour les citoyens. Situé en plein centre, il permettra à la police d'intervenir rapidement et de venir en aide aux citoyens.

Pour pouvoir travailler comme il faut et dans un climat agréable, de bonnes conditions de travail sont nécessaires. Le nouveau commissariat contribuera donc à renforcer la sécurité dans la commune.

Le bâtiment pourra accueillir quelque 90 fonctionnaires. Des places de stationnement sont-elles prévues pour les citoyens? Les fonctionnaires disposeront-ils d'un parking privé pour protéger leurs véhicules privés d'actes de vanda-

2a. Commissariat

lisme? Tout le monde n'aime pas la police et certains en profitent lorsque les voitures sont garées à un endroit plus reculé pour les endommager. Il faut créer une situation de sécurité pour les fonctionnaires et leurs voitures.

Les socialistes vont veiller à ce que ce dossier ne soit pas retardé pour le bien des fonctionnaires et des citoyens.

En ce qui concerne les vélos, c'est le manque de personnel qui explique qu'ils soient peu utilisés. Car si la police de Differdange ne dispose que de six agents dont deux se trouvent à Niederkorn à vélo, seuls deux agents peuvent intervenir à Belvaux par exemple pour que deux puissent rester au commissariat en réserve. C'est pourquoi la police ne peut pas se permettre d'utiliser les vélos. L'administration ne veut pas saboter le vélo. Lorsque le nombre d'agents augmentera, on verra davantage de policiers à pied et à vélo.

ALI RUCKERT (KPL) *salue à son tour la construction du nouveau commissariat à Differdange après tous les retards. Ce bâtiment comprendra quatre étages, un garage couvert et un toit écologique. Les conditions de travail des fonctionnaires vont s'améliorer en partie.*

Malheureusement, la police continuera à manquer de personnel pendant plusieurs années. De nombreux agents sont surmenés. En juin dernier, la CGFP a trouvé un accord avec le gouvernement, mais le manque de personnel ne sera adressé qu'en 2023. Il est donc probable que le commissariat de Differdange ne sera au complet qu'à partir cette date.

Pour Ali Ruckert, il faudra aussi veiller à ce que les policiers soient formés comme il faut. Actuellement, de nombreux candidats ne passent pas leurs examens. C'est pourquoi les nouveaux policiers entrent en service au compte-goutte. Des améliorations sont donc possibles.

Ali Ruckert approuvera le devis, mais il désapprouve le fait que la commune préfinance les travaux. Le gouvernement agit de la sorte en permanence avec des conséquences sur le budget et les finances com-

Vandalismus un deenen Autoe virzuehlen. Ech schwätze vu Schréipsen, Téitschen a souguer Platten, där een heiansdo no der Schicht méi wéi zwee begéint, wann een zrëck bei säin Auto kënt. Dofir wier dat bei neie Gebaier onbedéngt néideg, fir do eng gewëss Sécherheet ze kreéiere fir de Beamten hir Autoen.

D'LSAP Déifferdeng wäert weider dësen Dossier am A behalen, keng Ver-spéidung zouloossen, am Sënn vun de Beamten an zum Wuel vun eise Bierger.

Zousätzlech wëll ech déi Vëloen uschwätzen, déi hei elo zitëiert gi sinn. D'Zrëckzéien, oder d'Netbenotze vun de Vëloen ass eng Folleg vu Personal-mangel bei der Police. Ech erkläre mech: Wa mer eng Schicht hu vu sechs Leit, a mer hunn zwee Leit mat Vëloen ënnerwee zu Nidderkuer, a mer hunn des Ëftere méi Asätz ze fueren, da kann net méi op déi zwee Leit, déi zu Nidderkuer mam Vëlo ënnerwee sinn, zrëckge-graff ginn, fir eng Interventioun zu Bieles ze maachen.

Dat heescht, wann ech sechs Leit op enger Schicht hunn, et sinn der zwee mam Vëlo ënnerwee, hunn ech nach e Potential vun zwee Leit an der Reserv. Wann ech da méi Asätz ze fueren hunn, kann ech mer net erlaben, zwee Leit ofzestelle mam Vëlo. Dat ass d'Ursach.

Et ass net, dass de Vëlo vun der Verwaltung sabotéiert gëtt. Et ass einfach eng Ursach vu Personal-mangel, deen herrscht. Well déi Leit, déi s de mam Vëlo erausschécks, ass wuelverstanen ass eng gutt Saach, no bei de Bierger ass, Kontakt mat de Leit. Et ass eng Folleg vu Personal-mangel. An ech sinn iwuerzeegt, wann effektiv deen Entworf gewollt ass vun der Politik, an deen néideg ass hei an eiser Gemeng, dass mer och erëm Leit ze Fouss begéinen an och Leit mam Vëlo begéinen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Altmeisch. Da kënt den Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Léif Kolleginnen a Kollege vum Gemengerot, ech wëll hei als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei begreissen, dass mer no laange Verzögerungen endlech dat neit Polizeigebai hei zu Déifferdeng kréien.

Wat relativ grouss ass, wat op véier Stäck ass, wat eng geschlossene Garage dobäi huet an e begréngt Flaachdaach kritt. Dat ass eng flott Saach. Dat wäert derzou bäidroen, dass, op d'mannst zum Deel, sech d'Aarbechtsbedéngunge vun de Polizeibeamte wäerte verbessere.

Wann ech soen zum Deel, dann huet dat einfach dermat ze dinn, dass et haut, an och nach an deenen nächste Joren, wäert en akute Personal-mangel bei der Polizei ginn. Dass vill Poliziste chronesch iwwerbelaascht sinn. Am Juni vun dësem Joer ass zwar en Accord tëschent der CGFP an der Regierung ofgeschloss ginn, fir an Zukunft op dee Mangel do ze reagieren, mä et wäert awer op d'mannst bis 2023 daueren, bis dee behewe ginn ass. An et kann een dovun ausgoen, dass och eréischt zu deem Zäitpunkt dat Gebai hei zu Déifferdeng esou dierft besat ginn, wéi dat noutwendeg wär.

Wann déi gutt Aarbechtsbedéngunge bis do sinn, dann ass et awer och noutwendeg, dass d'Ausbildung vun deene Polizisten, déi an deem neie Gebai sinn, muss verbessert ginn. De Moment ass et esou, dass et bei der Zouloossungsprüfung zur Polizeischoul riseg Mësserfolleger gëtt. Wat eben eng Ursach ass, dass d'Polizisten eréischt mam Drëpsenzieler dann an den Dëngscht kommen. Och do mussen nach Verbesserungen kommen.

Ech wäert dee Projet do stëmmen, mä ech wëll awer soen, dass ech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei net d'accord sinn, dass d'Gemeng dee virfinanzéiert. D'Regierung mécht dat systematesch, dass se sech vun de Gemenge Projekte virfinanzéiere léisst. Dat schaaft e ganz falscht Bild, éischens vun de Gemegefinanzen, zweetens och vum Budget. An et dréit natierlech derzou bäi, dass d'Regierung dann, fir hir Virstellungen, aner Projekte ka realisieren, wann d'Gemengen hir déi Saache virfinanzéieren.

2a. Commissariat

D’Kommunistesch Partei fënnt dat net ganz gutt. Mir mengen, dass dat net sollt esou sinn. Well grad déi Suen, déi d’Regierung dann zu deem Zäitpunkt net brauch, fir esou eppes ze maachen, déi ginn dann op aner Plazen an d’Onsicherheit investéiert. Zum Beispill fir Militärlager zu Suessem fir 220 Milliounen Euro auszebauen, wou de Lëtzebuurger Staat 80 % dervun dréit. Dat si Saachen, wou mir mengen, dass dat net gutt wär.

Mir sinn och der Meenung, dass grad am Ëmgang mat der Bevëlkerung, och zu Déifferdeng, misst eng Qualitätsverbesserung kommen. Och dat huet mat der Ausbildung ze dinn. Well et ass natierlech besser, op d’mannst an eisen Aen, wann d’Polizisten e besseren Ëmgang mat der Bevëlkerung léieren, op der Schoul, wéi wa se am Militärlager zu Suessem léieren, wéi een Demonstrateuren nidderschléit. Dat ass haut jo de Fall bei hirer Ausbildung. An dat gesi mer awer als onnéideg.

Wéi gesot, ech wäert awer de Projet vun deem neien Haus stëmmen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dann nach den Här Bertinelli, wannechgelift. Merci, Här Ruckert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleginnen, léif Kollegen, Dir kënnt Iech jo alleguete virstellen, datt ech extrem frou sinn iwwert deem heite Projet. Ech sinn absolutt net dem Här Ruckert senger Meenung. Déi Sitzungen, déi mer mat eise Bierger haten, wat d’Sicherheit ugaangen ass, maache mer hei wierklech zéng Meter no vir, andeem mer esou e Commissariat mëtten an eis Stad kréien, zemoos op deem nevragesche Punkt, wou mer effektiv sécherheetsméisseg Problemer hunn. Dat gesäit een dorun, datt mer hu misse privat Entreprises huelen, fir d’Sicherheit an den eenzele Quartieren hierzestellen.

Hei kréie mer e Commissariat mëtten an eis Stad, dat mat alle Quartieren, Nidderkuer, Uewerkuer, Déifferdeng a Fousbann verbonnen ass. Wou d’Leit schnell iwwerall do sinn an op de Plaze sinn. An och mat vill méi Beamten an

deem Gebai, wat mer virdrun net hatten. Dat ass och dat, menger Meenung no, wou vläicht e bëssen eng Demotivatioun bei der Police war, an der Lescht. Well et wierklech net esou war, wéi eng Stad wéi Déifferdeng mat 30.000 Awunner et verdéngt gehat hätt.

Ech muss awer nach e puer Richtegstellungen maachen. Ech muss soen, wann deem deemolege Schäfferot net do gewiescht wär, géife mer haut guer net iwwer e Commissariat schwätzen. Well d’Initiativ ass vun hei fortgaangen. Mat villen, ville Sitzungen mat der Police, mat der lokaler Police. A mir hätte kee Commissariat elo an Déifferdeng, wann net deem Asaz vun deem Schäfferot gewiescht wier.

Dee sech esou agesat hat fir dat Commissariat. Deen an déi eenzel Ministère gepilgert war an alles gemaach hat, fir datt dat Commissariat sollt op Déifferdeng kommen. Dat war fir eis d’Nummer eent, fir d’LSAP emol, wat d’Sicherheit an eiser Stad ugeet. A mir hunn alles dofir gemaach. Duerfir ware mer och e bëssen traureg bei deene leschte Budgetrieden, wou déi nei Majoritéit e bëssen d’Loscht verluer hat fir weiderzefueren an deem selwechte Konzept, fir dat Policegebai nach hinze kréien. Wat effektiv eng riseg Diskussioun hei war, déi kee wäert vergiess hunn.

Ech mengen, datt dat Gebai, wou et elo hikënt, fir eng Stad wéi Déifferdeng néideg ass, punkto wéi mer am Gaange sinn ze wuessen. Leider bedauern ech och, den Här Altmeisch huet et scho gesot, wat déi Parkplazen ugeet. Et war jo ëmmer an deem Konzept geduecht, datt e Parkhaus niewendru kéim, op de Contournement. Domat hätte mer e puer Mécke matenee geschloen.

Wou d’Police jo och vun Ufank un ëmmer gesot huet, datt se esou vill Parkingen an deem Gebai géife loune fir hir Beamten, fir hir privat Autoen. Well et jo och ëmmer de Fall ass, datt se ganz vill Autoe bei hire Kommissariater géife beschiedegt kréien, wann d’Leit bis wëssen, datt dat engem Agent säin Auto ass. Dat ass e bëssen iwwerall de Fall, datt se esou Parkingen zur Verfügung gestallt kréien.

munes. Le gouvernement peut, quant à lui, réaliser d’autres projets, dont certains contribuent à l’insécurité. Ali Ruckert fait par exemple allusion au camp militaire de Sanem dont l’agrandissement coutera 220 millions d’euros.

(Interruption de M. Ulveling)

Ali Ruckert trouve par ailleurs que les relations avec la population doivent s’améliorer. Pour les communistes, il vaut mieux que les policiers apprennent à se comporter comme il faut avec la population plutôt que d’apprendre à tabasser des manifestants à Sanem.

Ali Ruckert répète qu’il approuvera cependant le projet.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se réjouit de la réalisation de ce projet.*

Il ne partage pas l’avis de M. Ruckert. Les réunions avec la population ont montré que ce commissariat est absolument nécessaire — d’autant plus qu’il se situera à un endroit à problèmes. C’est ce qui explique d’ailleurs que la commune a dû recourir à une société privée pour assurer la sécurité.

Le nouveau site se trouve dans le centre et est relié à toutes les localités. Le bâtiment pourra accueillir de nombreux fonctionnaires. Le manque de personnel actuel démotive la police dans une ville de près de 30 000 habitants.

Fred Bertinelli tient à préciser que sans le collège échevinal précédent, il ne serait pas question d’un nouveau commissariat aujourd’hui. De nombreuses réunions ont eu lieu avec la police locale et le collège échevinal s’est rendu auprès des différents ministères pour demander un commissariat. Pour les socialistes, il s’agissait de la priorité numéro 1 en matière de sécurité.

C’est d’ailleurs pourquoi le LSAP était déçu de voir que la nouvelle majorité semblait avoir perdu l’envie d’aménager le nouveau bâtiment. Or celui-ci est nécessaire pour une ville en pleine croissance comme Differdange.

Comme M. Altmeisch, Fred Bertinelli n’est pas satisfait des places de stationnement. Un parking était prévu au contournement, ce qui aurait permis de faire d’une pierre deux coups. La police voulait d’ailleurs louer une partie des em-

2a. Commissariat

placements. En effet, les véhicules privés des fonctionnaires sont souvent endommagés.

Fred Bertinelli n'est absolument pas d'accord avec M. Schwachtgen. L'ancienne coalition soutenait la construction de parkings de quartier tout en promouvant la mobilité douce. Les socialistes en avaient aménagé au Fousbann, au Woiwer et à Niederkorn. Car même si la commune voudrait voir le moins de voitures possible dans les quartiers, des places de stationnement sont nécessaires. Autrement, il faudra expliquer aux futurs résidents qu'ils ne peuvent s'installer à Differdange que s'ils n'ont pas de voitures.

La population de Differdange est passée de 18 000 à près de 30 000 unités. Ces personnes ont droit à une bonne qualité de vie. La commune ne peut pas décider à leur place s'ils peuvent avoir une voiture ou pas. Les conseillers communaux sont élus par la population. Ils doivent veiller à fournir aux citoyens les infrastructures qu'ils souhaitent au lieu de les mettre sous pression en supprimant les places de stationnement.

Fred Bertinelli était un ardent défenseur des quartiers sans voitures où les enfants peuvent jouer dans la rue. Mais dans ce cas, il faut dire aux gens voulant s'installer à Differdange que les voitures ne sont pas les bienvenues. Autrement, il faut leur fournir des places de stationnement. M. Schwachtgen n'est pas du même avis, mais c'est une bonne chose, car ils ne font pas partie du même parti.

Fred Bertinelli revient sur le parking du contournement. Celui-ci aurait permis de soulager tout le Wangert, où la plupart des riverains ne peuvent plus se garer devant chez eux. En plus, il est prévu de réduire la largeur de la chaussée en aménageant des espaces verts. Où ces gens doivent-ils garer leurs voitures? Le parking du contournement aurait constitué une bonne solution. Mais le LSAP ne fait plus partie de la majorité. La décision appartient à d'autres.

(Interruption)

Fred Bertinelli soutient la construction du commissariat. Il rappelle que M. Schneider avait donné l'ac-

Mä dee Projet gött dann elo net méi gemaach mat deem Parkhaus. An ech sinn absolutt net dem Här Schwachtgen senger Meenung. Absolutt net. Déi Koalition deemoos hat gesot, mir mussen a Quartieren, och wa mer autofräi sinn, awer kucken, dass mer Quartiersparkingen hunn. D'LSAP hat och domadder ugefaangen um Fousbann, virun der Woiwer Schoul. Zu Nidderkuer hu mer Parkingen hiergestallt.

An och wann een e Quartier wëllt realiséieren, wou esou mann wéi méiglech Autoe sinn, wéi zu Nidderkuer am Mattendall, wou d'Kanner kënne spillen an der Strooss, muss awer iergendwéi ... Well soss muss een de Leit awer soen, déi hei op Déifferdeng wëlle wunne kommen: Kommt hei op Déifferdeng wunnen, mä Dir musst wëssen, Dir dierft keen Auto hunn, wann Der heihinner kommt.

Déi Diskussiounen iwwert d'Parkplazen, dat huet och e Stéck dermat ze dinn, dass mer vun 18.000 geschwënn op 30.000 Awunner sinn. Mat der Liewensqualität. Ech mengen, d'Leit hu jo och e Recht op Liewensqualität. Mir kënne jo net hei de Leit virschreiwen, ob se en Auto dierfen hunn oder net. An et ass un eis – well mir vun de Leit gewielt sinn –, fir ze kucken, dass déi Infrastrukturen do sinn, wéi d'Leit wëlle liewen.

Wa mir och mengen, et dierft kee méi en Auto hunn, an och wann dat ëmwelttechnesch vläicht dat Richtegt ass, kënne mir kee forcéieren, keen Auto ze hunn. An dann ass et un eis derfir ze suergen, dass déi Infrastrukturen do sinn, do wou se gebraucht ginn. A wou mer net d'Leit ënner Drock setzen, dass op eemol ufänken d'Leit Kaméidi mat eneen ze kréien, well kee méi eng Parkplaz a senger Strooss, a sengem Wunnquartier fënnt.

Also ech mengen, dass ass eng Opinioun, Här Schwachtgen, déi Iech eleng gehéiert. Do sinn ech awer ganz anerer Meenung. Ech war vun Ufank un ëmmer e Verfechter, dass een och Quartiere sollt maachen, wou keng Autoe sinn. Déi begréngt sinn, wou Kanner kënne an der Strooss spillen. Et muss een awer iergendwou de Leit eng Occasioun ginn, wou se mat hirem Auto kënne higoen.

Soss muss een am Viraus all deene Leit, déi sech hei wëllen umellen zu Déifferdeng, soen: Dir wësst jo, wann Der op Déifferdeng wunne kommt, dierft Der keen Auto hunn. Da muss een dat och soen. Da muss een de Leit kloer soen, dass dat hei net gewollt ass, dass een en Auto huet. Mä wann een dat net mécht, da muss een och kucken, dass déi Parkméiglechkeeten do sinn, dass d'Leit och kënne parken.

Dat emol dozou. Do ginn eis Meenungen dann auserneen. Wat jo och gutt ass. Dir sidd jo an enger anerer Partei wéi ech.

Nach eng Kéier zu deem Parking um Contournement. Hei hate mer jo och dee selwechte Problem. Dee ganze Wangert hätte mer kéinten entlaaschte mat de Parkingen. Wat mer och dann elo net maachen. Ech weess och net, wéi dat am Wangert soll weidergoen. Well do sinn net ganz vill Leit, déi eng Parkplaz virun hirer Dier hunn. A wéi ech de Plang gesinn hunn, wéi de Wangert soll ausgebaut ginn, nach méi Gréngs, nach méi Stroosseverengungen, da froen ech mech, wou Der mat deene Leit, déi do wunnen, hiren Autoe wëllt higoen.

Do war d'Alternativ ganz kloer dee Parking um Contournement. Wou mer de Leit jo wollten ubidden, dass se do eng Stellplaz géife kréien. Dee ganze Wangert. Dat war fir mech déi richtig politesch Léisung. Mä, wéi gesot, mir sinn elo net méi an der Majoritéit. Dir decidéiert dat. A mir muss jo awer net mat allem averstane sinn.

ENG STÉMM:

Mat Ärer Hëllef.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Mä wéi gesot sinn ech extrem frou fir d'Sécherheet vun eiser Stad, dass dat Policegebei dohinner kënnt.

An nach eng Kéier: Hei gouf gesot, dass dat net – mir haten en Accord schrëftlech vum Minister Schneider, deen eis geschriwwen hat, dass en domadder d'accord wier, dass dat Policegebei sollt op Déifferdeng kommen. Dat hat net un der Regierung gehaan-

2a. Commissariat

gen. Do hate mer herno e bösse Problemer mam MDDI, wéi dat sollt bezuelt ginn. Mä wéi gesot, dat war vun Ufank un duerch d'Leit, déi am deemolege Schäfferot waren. Duerch déi Energie, déi déi haten. Well soss géife mer hei guer net iwwer e Policegebai schwätzen. An dann hätte mer eng ganz aner Sécherheidsdiskussioun hei an eiser Gemeng, wéi mer se elo hunn.

Ech soen nach eng Kéier, datt ech extrem frou sinn, datt dat Gebai elo dohinner kënnt. An datt dat sécherheitstechnesch fir d'Gemeng Déifferdeng e grouse Schrëtt no vir ass. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci och. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Däerf ech just eng Fro stellen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir schwätzt ëmmer vun deene viregte Schäfferéit. Waart Dir eleng do dran, an deene viregte Schäfferéit?

(Interruption)

Also dann däerf ech jo och behaupten, dass déi Gréng derbäi waren. An dass dee Projet och am gréngé Schäfferot – ech nennen dat Schäfferot, da nennen ech déi Leit an déi Parteien allegueren, déi an engem Schäfferot waren. Och d'CSV. An net nëmmen d'LSAP. Dir maacht hei, wéi wann et just duerch d'Presenz vun der LSAP am Schäfferot hei zu Déifferdeng virugeet. Wat awer leider net de Fall ass. D'DP war dobäi, d'CSV war dobäi, déi Gréng waren derbäi. A méi oft, mengen ech, wéi aner Parteien.

Déi generell Ausrichtung, Parkraum hin oder hier, ass mat deene Koalitiounen zesummen ausgeschafft ginn. An ech mengen, et war ëmmer eng gutt

Ambiance an deene Koalitiounen. Dofir si se dann och virugefouert ginn oder och net. Dat huet jo de Wieler entscheet. Da muss een awer och alles soen.

Zu där anerer Saach, wat d'Orientierungen am Parkraum ugeet, vu dass ech perséinlech ugeschwat si ginn, sinn ech ganz kloer der Meenung, dass mer müssen Opfangparkingen hunn op deene gönschtegste Plazen. A mer müssen, innerhalb vun enger Stad, eng nei Mobilitéit kréien, wou ech ganz schnell op mäin Turnsall kommen oder op mäi Sportsterrain kommen, wann net grad bei deem Sportsterrain genuch Parkplaze sinn.

Et kann een net iwwerall Parkplaze schafen. Dat wësst Der selwer. En Haus, wat nëmme siwe Meter Breet ass, mat enger Stellplaz virun der Dier, an an deem Haus wunnen dräi Chauffeuren, an déi hunn dräi Autoen, déi kann ech nëmmen an engem öffentleche Parkraum ënnerbréngen, deen och vun der Öffentlechkeet muss finanziert ginn. Dat muss jo och jiddweree verstoen.

Wann ech dann awer muss ëm den Eck goen, an dat ass mer schonn ze vill, dann hunn ech e Problem. Dann hunn ech e Problem. Ech kann awer keng dräi Autoen op eng Stellplaz viru meng Dier quëtschen. Dat wësst Der och, wou Dir wunnt. An ech mengen, mir müssen all zesumme kucken, dass mer eng besser Mobilitéit innerhalb vun enger Stad kréien. Wann een an auslännesch Stied geet, virun allem an Däitschland, do ass et net ze wäit. Wann een da vum Opkorn oder vum ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mer kommen elo liicht vum Thema of.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, mir kommen of. Mä well ech ugeschwat si ginn, kann ech d'Parkraum-Diskussioun opwerfen. Ech ka se awer mat enger besserer Mobilitéit ganz gutt erklären.

cord du gouvernement, même s'il y a eu des problèmes avec le MDDI ensuite. C'est grâce à l'énergie de certains échevins à l'époque qu'il est question aujourd'hui d'un commissariat.

Fred Bertinelli répète qu'il est heureux que ce projet soit réalisé. C'est un grand pas vers davantage de sécurité dans la commune.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

demande à M. Bertinelli s'il était seul au sein du dernier collège échevinal.

(Interruption de M. Bertinelli)

Frenz Schwachtgen constate par conséquent que les écologistes en faisaient partie. Si l'on parle de collège échevinal, on parle de tous les partis inclus y compris le CSV.

M. Bertinelli semble prétendre que c'est uniquement grâce au LSAP que Differdange avance. Mais le DP, le CSV et les écologistes ont fait partie de la majorité.

Ces différentes coalitions ont élaboré un concept pour ce qui est du stationnement. L'ambiance au sein de ces coalitions était bonne. C'est pourquoi elles ont parfois été poursuivies. Mais cette décision appartenait aux électeurs.

Frenz Schwachtgen est d'avis qu'il faut des parkings aux bons endroits. Les localités ont, quant à elles, besoin d'une mobilité différente permettant d'accéder rapidement aux différentes infrastructures. M. Bertinelli sait pertinemment que l'on ne peut pas aménager des places de stationnement partout. Si une famille possède trois voitures, elle doit forcément les garer dans un espace public financé par le contribuable. Mais il est impossible de caser trois voitures devant la maison sur un espace de sept mètres. C'est pourquoi il faut améliorer la mobilité à l'intérieur de la ville. Il suffit de regarder ce qui se fait à l'étranger et notamment en Allemagne.

TOM ULVELING (CSV) signale à M. Schwachtgen qu'il s'éloigne du sujet.

2a. Commissariat

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

en convient. Mais il a été interpellé au sujet du stationnement. C'est pourquoi il en est venu à parler de mobilité.

TOM ULVELING (CSV) *répond que M. Schwachtgen pourra développer le sujet une autre fois.*

(Discussions)

Tom Ulveling cède la parole à M. Mangen.

ROBERT MANGEN (CSV) *est content de la construction du commissariat, peu importe à qui en revient le mérite. Il a visité le commissariat actuel il y a deux ans et s'il en avait été responsable, il l'aurait fermé immédiatement. Les fonctionnaires pourront désormais travailler dans de bonnes conditions et servir les citoyens comme il faut.*

En début d'année, le collègue échevinal a écrit une lettre au ministre pour obtenir davantage de personnel. M. Altmeisch a bien décrit la situation. Il existe un manque de personnel à différents niveaux. Il ne faut pas oublier non plus que le commissariat de Differdange s'occupe aussi d'autres communes.

(Interruption)

Robert Mangen ajoute que dans ces conditions il ne saurait être question de police de proximité.

En plus, une prison va ouvrir ses portes à proximité. Il est possible qu'une partie du personnel y soit attachée.

(Interruption)

Pour Robert Mangen, la commune doit veiller à ce que Differdange dispose de suffisamment de personnel.

TOM ULVELING (CSV) *ne comprend pas pourquoi certains prétendent que le collègue échevinal aurait dormi pendant deux ans. Le nombre d'intervenants était important: le commissariat de Differdange, le commissariat du sud, la police, le ministère, la Commission d'acquisition... C'est pourquoi les discussions ont pris du temps. La commune a dû attendre afin d'obtenir les autorisations et construire un bâtiment satisfaisant à la fois pour les décideurs et les futurs locataires. Tom Ulveling rappelle que la commune construira un parking de plus*

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat kënnt Der jo eng aner Kéier dann ...

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Okay.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Mangen wollt nach eppes soen.

(Diskussionen)

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Ech freeë mech, egal wiem säi Merite et ass, datt d'Policegebai gebaut gëtt. Viru bal zwee Joer war ech mer d'Gebai ukucken. An ech hunn deemools gesot, dat kann ech jo elo vläicht soen: „Wann ech responsabel wär, dann hätt ech d'Gebai zougemaach“.

ENG STËMM:

Richtig.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Dofir freeën ech mech, datt dat hei gebaut gëtt an datt déi Beamte vernënfteg Aarbechskonditiounen kréien a vernënfteg am Dénsgsch vum Bierger schaffe kënnen.

Mir hunn als Schäfferot ufanks dëses Joers e Bréif un de Minister geschriwwen, fir méi Personal ze kréien. D'Äntwert brauch ech Iech net ze soen. Et ass e Manktem do. Den Här Altmeisch huet gutt erkläert, wéi d'Situatioun, och vun de Beamten hei zu Déifferdeng, ass. Et ass op Schichten, wou vill Leit feelen. Déi Leit, déi zoustänneg sinn, mussen dann alles opfänken.

Ech muss hei awer nach betounen, si sinn net eleng zoustänneg fir Déifferdeng. Si sinn och fir d'Nopeschgemengen zoustänneg.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

De Kordall

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Si mussen oft erausfueren. Da si se hei um Terrain net do. Si kënnen hir Aarbecht als Beamte vun der Proximitéit hei dann net duerchféieren. Ech mengen, däärs muss ee sech bewosst sinn.

An och, wann dat Policegebai elo fir 80 Leit geménzt ass a méi Leit bäikommen, däärf mer net vergiessen, dass net wäit vun hei e Prisong opgeet, wou warscheinlech dann och Personal ofgeknappt gëtt, fir do matzehëllefen.

(Interruption)

Also mir mussen op jidde Fall als Gemeng awer nach um Ball bleiwen, datt mer genuch Personal heihinner kréien. Datt ons Gemeng vernënfteg ka geschützt ginn. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll op d'Froen äntwerten. Ech verstinn net wisou, datt Der elo hei sot, mir hätte geschlof zwee Joer oder mir hätten dee Projet net wëlle virundreiwen. Dat war absolutement net de Fall. Mir stoung vum éischten Dag un zu deem Projet do. De Problem war eben, dass do esou vill Leit am Coup sinn, dass et net virugaangen ass.

Den Déifferdenger Commissariat, de Süd-Kommissariat, d'Police en général, de Police-Minister an nach d'Acquisitionskommissioun vum Staat. Dat sinn alles Leit, déi am Ufank, deen ee mat deem anere geschwat huet, awer net alleguerten zesumme geschwat hunn. Dofir huet et effektiv laang gedauert. Mä et ass awer net esou – a mir waren och verdrësslech, dass et net méi schnell virugaangen ass. Mä leider hu mer awer missen do kucken, dass déi richteg Leit eis de Go ginn hunn, dass herno e Projet zustane komm ass, wou jiddweree konnt domat liewen. Souwuel déi, déi duerno hei musse schafffen, wéi déi, déi mussen decidéieren.

De Problem vum Parking: Et ass kee Geheimnis, well dat hu mer jo awer scho ganz kloer artikuliert, mä dat ass och en Dossier, deen e bësse méi lues virugeet, dass mer amgang sinn, e Parkhaus vun iwver 1.000 Parkplazen ze plangen um Site vun ArcelorMittal. An

2a. Commissariat / 2b. École ménagère

do wësst Der jo och, dass mer op där enger Säit ArcelorMittal Déifferdeng hunn, op där anerer Säit ArcelorMittal an der Stad an dann nach den Här Mittel selwer, déi alleguerte matschwätzen. An dat geet ebe relativ lues virun. Mä et geet virun. Dat kann ech Iech versécheren, Här Bertinelli.

An och do si Plaze genuch do. Mir hunn notamment d'EIDE gefrot, ob se bereet wäeren, a mir wäerten d'Police froen, ob se bereet wäeren, sech e gewësene Contingent vu Parkingen ze reservéieren, fir entweder Enseignantent oder hei ebe fir d'Agenten. Do schaffe mer ganz aktiv drun. A mir sinn der fester Iwwerzeegung, dass dat Parkhaus – ech gi jo do net ze wäit, Här Liesch –, ze soen, dass mer dat praktesch gläichzäitig kënnen opmaache wéi d'Polizeikommissariat. Dann hätte mer nämlech zwou Mécke mat engem Schlag.

Da war d'Fro: Wat soll mat deenen aktuelle Raimlechkeete geschéien, wann d'Police emol bis eraus ass? Do weess ech just, dass d'Bâtiment public emol Projeten hat. Ech weess elo net, wéi wäit déi virugefouert sinn oder nach an der Iwwerleeung sinn, fir e soziale Projet ze maachen. Haauptsächlech fir Wunnenge mat Jugendlechen ze maachen, déi een an deem Gebai do kéint ënnerbréngen.

Mir sinn op de Wee gaangen, fir hinne virzeschloen, mir hätte gär déi Partie hannert deem Gebai, hannert de Garagen. Well mer do gären e Park hätten. An dat ass jo och am PAG esou ausweisen, well mer do gär effektiv e Park hätten. Eng Verbindung vum Belair erof an d'rue Pasteur. Am Gréngen. A mir hätte gär uewen eventuell déi zwou Bauplazen, déi nach am Belair sinn. Fir do eventuell och e Projet ze maachen oder Gréngs ze loossen, dat wësse mer nach net. Mä dat ass en Deel, dee mer envisagéiert hunn.

Ech mengen, ech hätt alles gesot. Den Här Diderich hat nach eppes vum Daach gefrot. Do sinn ech elo net sécher. Mä ech mengen awer bal, dass et e Gréngdaach gëtt. Do kommen elo vum Ministère – hu se mer gesot – nei Oplagen, wat nei Gebai ugeet. Dat heescht, dass misst gekuckt ginn, fir nohalteg ze sinn, also och Photovoltaikanlag ze maachen. Ech weess elo net, vu dass dat elo nach net do ass, ob si sech

dorunner ralliéieren oder net. Mä dat kënne mer awer nach eng Kéier nofroen an hinnen noleëen, dass se dat vläicht awer solle maachen.

Ech mengen, ech hunn op alles geäntwert. Et si keng Froe méi do. Da géif ech soen, mir stëmmen elo driwwer of.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis définitifs des nouveaux locaux pour la police grand-ducale sur le parking du contournement à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Heimat hu mer e grouse Schrëtt an d'Zukunft gemaach, fir d'Sécherheet vun eise Bierger ze gewährleisten. 80 Leit, dat heescht jo awer, dass se drun denken, eis hei e bैसे méi Agenten zur Verfügung ze stellen, fir där Missioun gerecht ze ginn.

Mir kéimen zum Punkt zwee. Dat ass en Devis supplémentaire oder Crédit supplémentaire fir d'École ménagère. Do hu mussen e ganze Koup Renovatioun gemaach ginn.

Am Ufank wollte mer eng Renovatioun ‚light‘ maachen. Dofir hate mer 60.000 Euro virgesinn. Nodeem de Ministère de la Santé an d'ITM awer eng Kéier mat eis derduerch gaange sinn a Saache festgestallt si ginn, hu mer decidéiert, dat dann och ze maachen. Och war eng Ufro vum Personal, fir Duschen a WCen ze kréie fir si. Soudass mer hinne recht ginn hunn. Mir sinn dunn op de Wee gaangen, fir dat ze sanéieren, dass dat elo gerecht ass, souwuel fir de Ministère de la Santé, fir d'ITM a fir eis Enseignantent.

Do hu mer eng Produktiounskichen. Do war de Ministère de la Santé Demandeur, fir en neien Eclairage eranzekréien, fir d'Plaffongen nei ze beschichten. Och sollten zousätzlech Frigoen erakommen an e Compartimentage coupe-feu gemaach ginn.

E Local sanitaire enseignant mat enger Dusch – dat war net virgesinn am initialen Devis – an e Remplacement vum Réseau, wou d'Waasser ofleeft. An och Heizkierperen hu musse bäigesat ginn.

de mille places sur le site d'Arcelor-Mittal. Mais là aussi, des discussions ont lieu entre ArcelorMittal Differdange, ArcelorMittal Luxembourg et M. Mittal lui-même. Mais le projet avance.

Le collègue échevinal demandera à la police et à l'EIDE si elles souhaitent réserver un certain nombre de places dans le parking. Tom Ulveling ne croit pas exagérer en disant que ce parking devrait ouvrir plus ou moins en même temps que le commissariat.

Que va-t-on faire du commissariat actuel? Tom Ulveling ne sait pas où en sont les projets de l'Administration des bâtiments publics. Il était question d'appartements pour jeunes. Le collègue échevinal souhaite acquérir la partie postérieure du site pour y aménager un parc comme prévu dans le PAG. Il permettrait de relier Belair à la rue Pasteur. La commune veut aussi entrer en possession de deux terrains à bâtir à Belair pour y réaliser un projet ou y aménager un parc.

Tom Ulveling n'est pas sûr, mais il pense que le toit du commissariat sera vert. Il ne sait pas s'il y aura une installation photovoltaïque.

(Vote)

Tom Ulveling constate que la commune vient de faire un pas important vers davantage de sécurité.

Il passe à un crédit supplémentaire pour l'école ménagère. Il y a des rénovations à faire.

Au départ, le collègue échevinal avait prévu soixante-mille d'euros. Mais le ministère de la Santé et l'ITM ont soumis leurs avis que le collègue échevinal a décidé de suivre. Le personnel a, quant à lui, demandé des douches et des toilettes. À la fin des travaux, l'établissement sera conforme aux souhaits du ministère, de l'ITM et des enseignants.

Le ministère de la Santé a demandé à faire remplacer l'éclairage et remplacer le plafond dans la cuisine de production. Des frigos supplémentaires étaient nécessaires. Un compartimentage antifeu a été installé. Un local sanitaire pour les enseignants et le remplacement des canalisations n'étaient pas prévus au départ. Des chauffages ont été ajoutés. Dans les locaux sanitaires, l'éclairage, le chauffage et les radiateurs ont été refaits.

2b. École ménagère

Tom Ulveling constate que pour aménager quelques toilettes, il faut penser à l'éclairage, au chauffage, au carrelage, aux portes... C'est ce qui explique, entre autres, que le prix passe de 60 000 € à 145 000 €. Ces dépenses supplémentaires ont été effectuées dans l'intérêt des enseignants et des élèves.

ERNY MULLER (LSAP) constate que la commune dépense 150 000 € pour une cuisine dont elle n'aura plus besoin dans quelques années. En effet, une nouvelle cuisine est prévue sur le site de l'ancienne école ménagère. Une dérogation n'aurait-elle pas été possible? Erny Muller suppose que l'Administration de la santé s'est montrée inflexible. Il répète que l'investissement sera de courte durée.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate qu'après avoir approuvé un devis de 60 000 €, la commune a dû réaliser davantage de rénovations et de mises en conformité dans la nouvelle école ménagère. C'est pourquoi 95 000 € supplémentaires sont nécessaires.

Un faux plafond sera aménagé dans la cuisine pour éviter que des particules ne tombent,

TOM ULVELING (CSV) plaisante sur le fait qu'il faut éviter qu'elles ne tombent dans la soupe.
(Rires)

CHRISTIANE SAEUL (DP) mentionne aussi l'éclairage et les frigos. Le rapport de l'Administration de la santé est positif à 90 %.

Les personnels de l'école, de la cuisine et du nettoyage se sont plaints notamment des locaux sanitaires. C'est pourquoi des douches vont être aménagées. Des meubles de stockage dans la cave et du mobilier pour la cuisine sont aussi nécessaires.

Les démocrates approuveront ce point.

TOM ULVELING (CSV) donne raison à M. Muller. Mais il craint que la construction de la nouvelle cuisine ne prenne plus de temps que souhaité. L'EIDE se trouve toujours sur place avec ses conteneurs.

Bei de Local-sanitaires hu mer den Eclairage remplacéiert, de Chauffage gouf nei geluecht an d'Radiateurs ersat. Et gesäit een also, wann een ufänkt just unzedenken, dass wann ee just e puer Toilettë wëllt bäimaachen, dann huet een duerno den Eclairage dobäi, d'Heizung dobäi, de Carrelage dobäi, d'Dieren dobäi an alles. Soudass dat effektiv dann op eemol hei, kann ee soen, net explodéiert ass, mä awer bal. Dass mer vu 60.000 Euro dann op 145.000 komm sinn.

Dat alles ass am Interêt vun eisen Enseignantë respektiv de Kanner, déi do an d'Schoul ginn. Den Doleance vun der ITM an dem Ministère de la Santé hu mer Rechnung gedroen. Dofir wär ech frou, wann Der eis dat géift stëmmen.

Den Här Muller huet d'Wuert.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Ulveling, Dir hutt et gesot, et si ronn 150.000 Euro, déi mer do ausginn, fir eng Kichen, déi mer an e puer Joren net méi brauchen. Dat muss een awer och soen. Well mer hunn nämlech eng nei Kiche geplangt. Eng komplett nei, déi op de Site kënn vun där aler Haushaltungsschoul. Duerfir meng Fro: Ech ginn dovun aus, dass d'Santé do net vill mat sech schwätze léisst, wär do keng Derogatioun méiglech gewiescht? Well déi Suen, déi mer elo do investéieren, ass fir eng relativ kuerz Zäitdauer. An duerno wäerte mer déi Kichen dann net méi benotzen.

Mä ech mengen, dass mer warscheinlech keng aner Méiglechkeet haten. Op jidde Fall stëmme mir deen Zousaz.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Häre Schäfferot, Kollegeinnen a Kollegeen, Dir Häre vun der Press, Suite vum éischten Devis a Crédit vu 60.000 Euro an den Aarbechten, huet sech erginn, dass weider Renovationensaarbechten a Mises en conformité an der sougenannter neier Haus-

haltungsschoul néideg sinn. Mer brauchen dëse weidere Budget vu 95.000 Euro, fir op de Rapport vun der Santé an der ITM ze reagéieren. Fir eng Mise en conformité gëtt de falsche Plafong vun der Kiche gegipst an dicht gemaach, fir dass déi kleng Particullen, déi um Schluss duerch den Alter alt emol erofgerieselt sinn, ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Net méi an der Zopp landen.

(Gelaachs)

CHRISTIANE SAEUL (DP):

An nei Luuchten agebaut déi och ofwäschbar sinn. E Lokal fir Frigoe war scho bei deenen éischten Aarbechte gemaach ginn. De rezente Rapport vun der Santé seet dofir okay zu 90 %. Tiptopp.

Et koumen Doleancë vum Schoul-, Kichen- a Botzpersonal. Ënner anerem e Sanitär-Lokal fir d'Enseignante mat Dusch – aus engem Grond, wéi zum Beispill de Minien, deenen e Malheur passéiert ass, eng Dusch ze ginn.

Nei Stockage-Schief fir d'Botzekipp am Keller. Confort-Mobilier fir d'Kichen, Aarbechten a Mises en conformité, wéi scho vum Schäffen Tom Ulveling gesot.

D'DP stëmmt dëse Punkt. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir soen och Merci. Wa keng aner Fro méi do ass, géif ech dem Här Muller äntweren. Här Muller, Dir hutt recht an deem Sënn. Mä ech fäerten, dass et awer e bësse méi laang dauere wäert, wéi mir eis et alleguerte wënschen, dass et sollt daueren. Ech erënneren drun, dass d'EIDE nach mat Containeren op der Plaz ass. An, dass mer och net alles zesumme kënnen bauen. Dass mer am Fong fir d'éischt wollten dat Parkhaus ënnerierdesch maachen an déi Plaz amenagéieren. A wann den EIDE mat senge Container fort ass – an dee geet eréisch fort, wann déi nei Schoul gebaut ass –, da kënnen mer eréisch un deen Deel vum Terrain goen.

Soudatt ech awer leider fäerten, dass et méi wéi fënnef, sechs Joren dauere wäert – oder fënnef Joer –, bis mer ukommen. An dann dauert et jo nach, bis et gebaut ass. Soudatt ech mengen, datt deen Invest awer sënnvoll ass. Ech mengen, et geet ëm d'Santé publique, et geet ëm d'Santé, do muss een awer duerno kucken. An Derogatioun hätte mer sécher keng kritt.

Et ass awer och esou, dass mer natierlech déi Saachen, déi mer elo nei gemaach hunn, déi Frigoen an esou, dass mer kucken, déi ze recuperéieren, an deenen neie Gebailechkeeten ënnerzebréngen. Dir hutt recht. Mä wéi gesot, mir sinn do forcéiert ginn, dat ze maachen. An da maache mer dat.

Wa keng aner Fro méi do ass, da kënne mer iwwert de Projet ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les devis et crédit supplémentaires pour la rénovation du local sanitaire/douche et la mise en conformité de la cuisine et le local de stockage.

Da kéime mer zum Punkt dräi. Do geet et ëm de PAP.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee, nee. D'Urgence fir d'éischt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ass gutt. Dann huele mer d'Urgence vir. Hei geet et drëm, dass ënnert der Voie ferrée, ënnert de Gleiser, vis-à-vis vun eiser Morgue zu Déifferdeng um Kierfecht, mussen een neie Kanal leë fir d'Waasser.

D'Bunn hat virgesinn, dee ganzen Trajet ze späere während zwou Wochen, mengen ech, wou dann esou Aarbechte kéinte gemaach ginn. An do hu mir si gefrot, ob mer dat kéinte gläichzäiteg maachen. Do hu mer een Devis gefrot. Wéi Der am Bréif kënnt liesen, erlaabt d'CFL eis dat just mat hirem exklusive Partner, der Firma Baatz, déi dofir autoriséiert ass, well do gewësse Sécher-

heetsbestëmmunge mussen agehale ginn.

Am Bréif, deen dobäi geluecht ginn ass, steet ganz kloer, dass si net wëllen nach en aneren, en zweeten op de Chantier loossen, wéinst der Koordinatioun vun den Aarbechten. Soudass mer forcéiert sinn, mat der Firma Baatz e Kontrakt ze maachen. Mir hunn een ugefrot. Dee seet eis, dass mer 141.820 Euro musse bezuelen, fir dese Fonçage ze maachen. Ech géif mengen, dat wär gutt ugeluecht Geld. An ech géif Iech dann och bieden, dat ze stëmmen.

Wa keng Wuertmeldung do ass, géife mer direkt zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les travaux urgents de canalisation sous les voies CFL près du cimetière de Differdange.

Da kéime mer elo zum Punkt dräi. Et geet ëm de PAP vun deem Polizeigebai, wou mer elo grad driwwer ofgestëmmt hunn. An enger éischter Phas emol deen an dann duerno kënnt deen zweete Punkt.

Den Här Liesch huet d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. D'Policegebai hu mer jo elo diskutéiert. Da musse mer nach de PAP guttheeschen, wou dat Gebai soll drop kommen. Den Dossier hutt Der jo kritt. Dir gesitt, et ass eng Surface vun e bësse méi wéi 20 Ar, wou dat Gebai hei soll drop kommen. D'Gebai selwer ass konform mam PAG en vigueur, dee mer am Moment hunn. Derogéiert awer op zwou Plazen. Wéi Der aus dem Dossier gesitt, gëtt eng Derogatioun gemaach, fir d'Recullen an d'Dimensiounen vun den Dependancen an eben och, wat d'Héicht vun de Clôturen ugeet. Wat bei diesem Gebai jo och verständlech ass.

En ass och konform zum PAG, deen de Moment an der Prozedur ass. Dir hutt vläicht aus dem Dossier erausgelies, dass manner Terrain un d'Gemeng cedéiert gëtt, wéi dat an engem PAP üb-

En outre, les travaux ne peuvent pas tous être réalisés en même temps. Le collègue échevinal fera d'abord construire le parking souterrain et aménager la place. Il doit de toute façon attendre que l'EIDE quitte les lieux. Tom Ulveling pense que tout cela prendra cinq à six ans. Ensuite, la construction de la cuisine commencera. En plus, il s'agit d'un investissement dans la santé publique.

Par ailleurs, les frigos par exemple seront récupérés pour d'autres établissements.

En principe, M. Muller a raison, mais le collègue échevinal n'a pas le choix.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) passe à un PAP.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) l'interrompt.

TOM ULVELING (CSV) constate qu'il a oublié l'urgence. Un nouveau canal doit être aménagé sous la voie ferrée en face de la morgue de Differdange.

Les CFL ont prévu de fermer ce tracé pendant deux semaines. Le collègue échevinal a demandé à réaliser ces travaux en même temps.

Un devis a été demandé auprès d'un partenaire des CFL, la seule entreprise pouvant effectuer ces travaux en raison des mesures de sécurité et de la coordination des travaux.

Le devis se monte à 141 820 € pour le fonçage. Tom Ulveling trouve que cet investissement est nécessaire et demande au conseil communal de l'approuver.

(Vote)

Tom Ulveling passe au PAP du commissariat de police.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) constate que les conseillers communaux disposent du dossier.

Il est question d'une superficie de plus de vingt ares. Le bâtiment est conforme au PAG en vigueur, mais deux dérogations sont nécessaires pour les reculs et les dimensions des dépendances, et pour la hauteur des clôtures.

3a. PAP Entrée en ville

Georges Liesch ajoute que le bâtiment est également conforme au PAG en phase d'approbation.

Lors de la réalisation de projets, 25 % du terrain sont cédés à la commune en général. Dans ce cas-ci, il s'agira de 17 %. La commune renonce au reste, mais demande une contrepartie.

Les conseillers communaux disposent de photos du bâtiment. Le collègue échevinal a insisté pour que l'architecture s'intègre au reste de l'entrée en ville.

Les goûts se discutent, mais le bâtiment a une façade moderne adaptée à l'entrée en ville.

ERNY MULLER (LSAP) *répète que la superficie est de 20,26 a. Le terrain se trouve au contournement dans une zone mixte urbaine. Le PAP porte la dénomination d'«Entrée en ville 1.1».*

La commission a remis un avis positif bien que certains points ne respectent pas le règlement des bâtisses communal — notamment la clôture, les garages et la distance à la voie ferrée. Mais un commissariat a besoin de mesures de sécurité spéciales.

17,47 % du terrain seront cédés à la commune. Erny Muller estime que la commune devrait renoncer à l'indemnité compensatoire, car le projet est réalisé dans l'intérêt public.

L'emprise du chantier sera de 62,50 m. Combien de places de stationnement seront-elles perdues temporairement? Erny Muller constate cependant qu'il en reste en face.

(Interruption de M. Ulveling)

Erny Muller revient sur les emplacements de stationnement privés mentionnés dans la partie écrite de l'avis. Il est question de 5 à 25 emplacements. Erny Muller n'est pas sûr de comprendre. Le dossier parle de 12 + 3 véhicules de service. Mais d'où proviennent les 25 emplacements.

Le schéma directeur ne prévoit pas de logements sur ce site, mais des bureaux. L'architecture doit être de qualité, ce qui est réussi avec ce projet.

Les pages 8 et 9 mentionnent le parking qui devait être construit au contournement.

lech ass. Wou mer jo normalerweis bei 25 % sinn, leie mer hei bei 17 %, wou da just cedéiert gött. Wou mer als Gemeng och drop verzichten, fir en Ausgleich dee Moment och ze froen.

Urbanistes hutt Der d'Fotoe gesinn, wéi dat soll ausgesinn. Dass et e Gebai ass – an dorop hu mer gehalten –, dass dat Gebai an der Entrée en ville ass, dass dat e Gebai gött, wat engem Cachet vun enger Entrée en ville gerecht gött. Et kann een natierlech ëmmer iwwer alles diskutéierten. Mä d'Gebai huet eng modern Fassad, eng flott Fassad, déi sech an enger Entrée en ville wierklech ganz gutt weise loosse kann.

Dat sinn déi wichtegst Punkten, déi zu deem PAP ze soe sinn. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Den Här Liesch huet eis alles erkläert. Déi 20,26 Ar sinn néideg, fir dat Gebai ze bauen. Et ass um Contournement an enger Zone mixte urbaine MIX-C an ënnerläit engem PAP nouveau quartier. En ass definiéiert ginn als Entrée de ville, Site 1-1. Ech mengen, do kommen der warscheinlech nach dobäi nom Schéma directeur. Dat jo schon ausgeschafft ass.

D'Kommissioun ass d'accord mat der Ausleeung vun deem PAP, obwuel nach eng Partie Detailer ofwächen zu eisem Bautereglement, wéi zum Beispill d'Clôture, dee System vun de Garagen an d'Distanzen zu der Eisebunnsstreck an esou. D'Erklärung heifir sinn eben déi speziell Sécherheetsufuerderung fir d'Polizeigebai.

Da schwätze mer vun der Cessioun vum Terrain un d'Gemeng. Üblech sinn et 25 %. Hei sinn et nëmme 17,47 %. Si soen, da kéint eng Indemnité compensatoire bezuelt ginn. Ech mengen, mir sollten op déi Indemnitéit verzichten, well hei geet et jo schliisslech ëm en Interêt public vun eiser Gemeng. Duerfir solle mer déi net froen.

Mir gesinn, dass dat eng relativ grouss Emprise kritt par rapport zu der N31 ass. Dat sinn 62,50 Meter. Also 62 Meter ass scho vill. Duerfir ass d'Fro: Wéi vill Parkplaze ginn temporairement do verluer? Bon, déi aner Säit wär jo och nach Plaz, do sinn der nach ëmmer eng Partie fräi. An an der hënneschter Richtung, Richtung CFL, hu mer 33 Meter.

Ech kommen nach zu den Emplacements de stationnement privés, vun deene rieds geet am Avis an an der Partie écrite. Am Text vum Architekt steet „cinq emplacements minimum et maximum 25 emplacements“. Vlächicht kënn Dir mir erklären, Här Liesch, wat domat gemengt ass, op der Säit 5.5 vun der Partie écrite. Ech verstinn dat net richtig.

Déngschtween, 12+3, dat ass kloer, dat gesäit ee schéin op de Pläng. Mä wou elo op eemol déi 25 sollen hierkommen, ass dat elo op där anerer Säit? Sinn do Plaze virgesinn? Kéinten do Plaze kommen, ech weess et net.

Et gött op d'Schéma directeur higewissen. D'DL ass gläich null. Dat heescht, do komme keng Logementer hin. Hei sinn et jo Büroen. Wunnenge si keng do virgesinn. Dat soll e Quartier gi mat enger gewässer Qualitéit vu Konstruktiounen, „de bonne qualité architecturale“. Ech mengen, dat ass gelonge mat deem Gebai.

Op der Säit 8/9 geet nach ëmmer rieds vun deem Parking, deen dohi sollt kommen. Dat sougenannte Parkhaus. Wat jo awer elo net méi de Fall ass. Ech huelen un, dass dat einfach esou bestoe bliwwen ass, fir mam Dossier méi schnell virunzecommen.

Soss wär alles okay. Et koume keng weider Remarque vun der Kommissioun, soudass mer dee PAP do kéinte stëmmen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Fir op d'Fro ze äntwerte vum Här Muller. De PAP hunn ech esou gelies, dass eben d'Méiglechkeet géif bestoen, am Kader vum PAP, tëscht 5 a 25 Parkplazen ze maachen. Et geet jo och rieds vun enger bis zwou Parkplaze fir Handicapierter. An dann herno am Detailplang stellt sech dann eraus, wéi vill der

3a. PAP Entrée en ville

dann elo konkret realiséiert ginn. E PAP gëtt de Gabarit an d'Méiglechkeete vir. An de Plang adaptéiert sech dann herno un déi Limiten. Esou hunn ech dat op jidde Fall gelies gehat.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Bertinelli wollt nach eppes froen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro un den Här Liesch. Ech kann et net richtig situéieren. Ënner d'är ganzer Plaz ass jo e Baseng, dee Reewaasser soll opfänken. An ech situéieren en net. Läit dee méi wäit ewech vun deem Projet?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

E läit ënnen. Ganz ënnen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Oder verschwënnt dat oder gëtt dat bäibehalen, dee Baseng? Dat huet ni esou richtig funktionéiert, well an dee Baseng och ëmmer Ueleg gelaf ass an esou. Dat war gutt geduecht, mä schlecht exekutéiert. Soudatt een ni richtig dovun profitéiere konnt, fir do Waasser erauszehuelen.

Mä wann een elo am Gaang ass, wier dat do eng gutt Méiglechkeet, fir deen erëm funktionell ze kréien, wann een dobäi wëll bleiwen, datt een dee Baseng do behält fir Waasser. Ech mengen, datt dat wichteg wier fir eis Regiebetriber, fir do Waasser kënne sichen ze goen. Fir ze kucken, fir dee Baseng do hinzekréien, datt en och serviable ass.

Am Moment ass een do, mä e gëtt net genotzt. An ech weess, déizäit war et jo eng immens Neiegkeet, wou de Parking gebaut ginn ass, war et mat eng vun den Nouveautéiten, fir do drënner esou en Opfaangbaseng ze bauen. Wéi gesot, et huet net esou richtig funktionéiert. Mä kéint een dat net an engems, an deem Kontext, dann esou hikréien, datt een do och Reewaasser kéint opfänken an dee fir aner Saache gebrauchen? Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

De Reservoir läit um déifste Punkt. Dat heescht also relativ ënnen. An e gëtt och gebraucht zënter e puer Joren, fir Reewaasser ze kollektionéiere fir eis Beem. Am Summer, wann et esou schrecklech waarm ass, ginn déi schonn d'Déngel fëllen. An da gi se hei duerch d'Duerf, an da ginn d'Beem mat deem Waasser do genat.

Mer hate Gespréicher, ob een net vläicht besser hätt – well et relativ laang dauert, bis dee Container do voll ass –, méi eng staark Pompel anzebauen, fir dass dat e bësse méi schnell geet. Dass een net eng Stonn do muss stoen, bis de Reservoir voll ass, ier een dann erëm ka weiderfueren. Dofir weess ech, dass dat awer benotzt gëtt.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Ech wëll eppes dozou soen. Et ass wichteg, dass mer dat hei elo stëmmen, dass dat esou séier wéi méiglech op d'Been kënnt mat eisem Policegebai, wat wichteg ass. An och hei zentral läit.

Ech hunn eng kleng Fro zu der Passerelle, déi hannert dem Policegebai, déi aner Säit an den Zentrum féiert. Wiem gehéiert déi Passerelle? Viru Kuerzem sinn ech doriwwer gaangen. Et ass net genial. Et ass mat Bëtong-Flex-Placke provisoersch zougeluecht. A kromm a krëppleg. D'Leit, déi do wëllen eriwergoen ... Et ass e super Wee, mä ass awer ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass gemellt schonn an eisem CID. Déi sollen duerno kucken. D'Madamm Rausch hat mech schonn drop opmierksam gemaach, dass déi hëlze Placken amgaang sinn, sech no uewen ze bëien an diebelen. An ech hu virun dräi, véier Deeg Instruktioune ginn, dass se

Les commissions n'ont pas fait de remarques. Les socialistes approuveront le projet.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique que dans le cadre du PAP, 5 à 25 places de stationnement peuvent être aménagées, dont 1 à 2 pour les personnes handicapées. Le PAP ne fait que fournir un gabarit. Il faudra ensuite adapter le plan aux limites.*

(Interruption)

FRED BERTINELLI (LSAP) *ne comprend pas où sera aménagé le bassin de rétention. Se trouve-t-il à un autre endroit?*

TOM ULVELING (CSV) *répond qu'il se trouve tout en bas.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande si le bassin sera supprimé. Il rappelle que de l'huile y coulait. Le bassin n'a jamais fonctionné correctement.*

Si le collègue échevinal entend garder ce bassin de rétention, il devrait profiter de ces travaux pour le réparer. Cela serait important pour les services de régie.

Fred Bertinelli se souvient qu'aménager un bassin de rétention sous le parking constituait une nouveauté. Il demande à nouveau s'il ne pourrait pas être réparé.

TOM ULVELING (CSV) *explique que le réservoir se trouve sur le point le plus bas.*

(Interruption)

Tom Ulveling ajoute qu'il sert à collecter de l'eau pour arroser les arbres. C'était notamment le cas cet été lorsqu'il a fait terriblement chaud.

Remplir le conteneur prend du temps. C'est pourquoi la commune réfléchit à installer une pompe plus puissante. Mais en tout cas, le bassin est utilisé.

GUY TEMPELS (CSV) *signale l'importance d'une construction rapide du commissariat.*

Il a une question concernant la passerelle derrière le commissariat. À qui appartient-elle? Elle est loin d'être agréable à utiliser.

3a. PAP Entrée en ville / 3b. PAP Biensel

TOM ULVELING (CSV) répond que ce problème a déjà été signalé au CID. M^{me} Rausch en a parlé à Tom Ulveling.

GUY TEMPELS (CSV) mentionne les plaques.

TOM ULVELING (CSV) confirme que les plaques en bois plient. Il a donné des instructions pour que la passerelle soit réparée.

GUY TEMPELS (CSV) remercie M. Ulveling.
(Vote)

TOM ULVELING (CSV) passe au troisième point, le PAP Biensel à Oberkorn. La société Bescha 05 y construit un lotissement.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) précise que le promoteur a demandé deux petites modifications de ce PAP déjà approuvé par le conseil communal.

La première modification concerne les maisons jumelées des lots 1 à 6, 25 et 26, 51 et 52, et 59 et 60. Les garages devaient se situer de part et d'autre des maisons. Le promoteur propose désormais de séparer les maisons et de construire les garages au milieu. Les futurs propriétaires disposeront donc de plus de façades libres, ce qui est un avantage. Les abris de jardin sont quant à eux déplacés vers l'arrière du terrain. Le collègue échevinal n'y voit pas d'inconvénient.

Georges Liesch constate qu'il s'agit de petites modifications.

ERNY MULLER (LSAP) signale que la commission des bâtisses a remis un avis positif.

Déplacer les garages au milieu augmente la qualité de vie.

M. Liesch n'a pas expliqué pourquoi les abris de jardin sont déplacés. Au départ, le promoteur voulait construire les maisons bifamiliales sur deux étages. Un logement était prévu au rez-de-chaussée et un deuxième au premier étage et sous le toit. Désormais, la maison est divisée en deux parties. Les appartements se trouvent donc dans deux demi-maisons.

duerno solle kucken an dat erëm riicht maachen.

GUY TEMPELS (CSV):

Wonnerbar. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wa keen anere méi wëll eppes dozou soen, da géife mer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet d'aménagement particulier au lieu dit « Entrée en ville – site 1-1 » (nouveau commissariat de police) à Differdange présenté par le collègue échevinal pour le compte de la Ville de Differdange.

Da komme mer zum drëtte Punkt. Dat ass de PAP vum Lieu-dit Biensel zu Uewerkuer. D'Société Bescha05 wëllt do eng Cité bauen. Nach eng Kéier den Här Liesch, deen eis dozou e puer Explikatioune gëtt.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

De Promoteur ass komm mat zwou Ëmännerungen, fir am PAP, dee mer jo scho guttgeheescht hunn, zwou kleng Modifikatioune ze maachen. Déi eng Modifikatioun betrëfft déi Maison-jumelleeën an de Lousen 1 bis 6 an am zweeten Areal 25, 26, 51, 52, 59 a 60.

Do ass et jo esou, dass Maison-jumelleeë waren, an da ware lénks a riets dovunner ëmmer d'Garagen. An de Promoteur huet awer elo d'Propos gemaach, fir d'Maison-jumelleeën auserneen ze huelen, dat heescht d'Haiser lénks a riets ze setzen an d'Garagen dann uneneen ze bauen. Wat de Virdeel huet, dass ee méi fräi Fassaden huet am Haus selwer. Wat mir als Avantage gesi fir déi Leit, déi do wunnen, wann ee méi fräi Fassaden huet. Dat gesi mer eigentlech ganz positiv un.

Dat Zweet, dat sinn déi Abris-jardinen, déi e wéineg no hanne geréckelt ginn op der Limitt vum Terrain. Do hu mer kee

Problem dermat, dass déi Emplacements e wéineg no hanne geréckelt ginn.

Dat si wierklech kleng Ëmännerungen, déi hei solle gemaach ginn an deene Lousen, wou ech elo grad genannt hunn.

ERNY MULLER (LSAP):

Däerf ech nach eng Kéier?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Liesch, fir déi Explikatioune. Mir haten an der Bautekommissioun och e ganz positiven Avis ofginn.

Op där enger Säit ass et eng besser Wunnqualitéit, wann d'Garagen an der Mëtt sinn, an et gesäit sech och besser un. Fir déi spéider Bewunner vun deenen Haiser ass dat e grouse Confort.

Dir hutt elo net gesot, firwat déi Abri-de-jardinen mussen duebel ginn. Am Ufank war et esou, do hat de Promoteur vir – dat si bi-familiale Haiser –, dat op zwee Stäck ze maachen. Een ënnen um Rez-de-chaussée, dann uewendriwwer am Daachgeschoss an ënnerdrënner och nach en Appartement. An elo hu se eng aner Variant. Si maachen am Fong d'Haus esou, dass déi eng Haushalschent en Appartement gëtt an déi aner Haushalschent och. Soudass een en halleft Haus huet, all Kéiers, niewenteneen. Dat heescht aus deem Haus, wou virdu vertikal geplangt war, gëtt elo da parallel ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mä et ass awer e ganz Haus, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

... e ganz Haus vun ënne bis uewen. Awer d'Halschent vum Haus gëtt ee Partner an déi aner Halschent och een. Wat jo och e grouse Virdeel ass. Well da kann een am Fong vun deem ganze

3b. PAP Biensel / 4. Finances communales

Volume vun engem Haus profitéieren. Quite, dass et méi schmuelt ass.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Duerch déi Method ginn déi Abri-de-jardin en op zwou Säiten orientéiert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Keng aner Wuertmeldung méi do? Da géife mer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit « Biensel » à Oberkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la société BESCHA 05.

Merci. An da géife mer zum Punkt véier kommen. Wéi all Joers ëm dës Zäit ginn d'Taxe vum Impôt foncier a vum Impôt commercial fixéiert. De Schäfferot schléit vir, déi Taxen esou ze be-loossen, wéi se d'lescht Joer an dat Joer virdru waren.

Fir den Taux vum Impôt foncier 2020 géife mer soen, beim Taux A: 250 % fir d'Propriétés agricoles. De B1: 750 % fir Constructions industrielles et commerciales. De B2: 250 % fir Constructions à usages mixtes. B3: 250 % fir Constructions à autres usages. Dann de B4: 250 % fir Maisons unifamiliales, maisons de rapport. De B5: 250 % fir Immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation. An de B6: 600 % fir Terrains à bâtir à des fins d'habitation. Dat heescht, et bleift esou, wéi et war.

A wann Der d'accord sidd, déi zwee zesammen ze stëmmen, da géif ech direkt och nach den Impôt commercial fir 2020 virliesen. Dee bleift och esou, wéi et war. An zwar op 350 %.

Kënne mer déi Saachen zesammen ofstëmmen? Oder wëllt Der eng eenzel Ofstëmmung? Jo, okay. Den Här Diderich huet awer eng Fro.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wéi all Joers soen ech zu deem Punkt, dass mer punkto Grondsteuer a punkto Steieren, och wat Logement ugeet a Bauterrain, mussen handelen. Dass mer dat net einfach ëmmer esou solle stoe loossen.

Ech denken, dass mer eng ganz niddreg Grondsteuer bezuelen. Zum Deel ass dat gutt fir déi, déi och an hirem Logement wunnen. Deene wëll ech op kee Fall nach d'Chargen an d'Luucht setzen. Mä déi, déi méi wéi hiren eegene Wunnsätz als Logement hunn, respektiv déi, déi en plus dee Logement, dee se méi hunn, wéi do, wou se wunnen, och nach eidel stoe loossen, do misst ee steierlech eppes maachen.

Esou Motioune sinn et schonn hei am Gemengerot ginn. Et ass jo och eng Ouverture elo an deem aktuelle Koalitionsvertrag, dass een an déi Richtung géif iwuerleeën, sou wéi ech dat verstanen hunn.

Ech wëll dofir nach eng Kéier en Appell maachen, dass mer eis dat spéitstens fir d'nächst Joer sollen iwuerleeën an dann awer endlech do ze handelen. Dass een all Joers, wou Wunnsätz eidel steet, dat da progressiv an d'Luucht soll setzen, fir dass net, wéi hei am Zentrum, matzen am Zentrum, en Haus schonn Eiwegkeeten eidel steet, wat eis ganz Stadtbild verschandelt. An dobäi dee ganze Wunnsätz verluer geet, deen am Fong do kéint sinn.

Ech mengen, als Déifferdenger Gemeng gi mer genuch Ënnerstëtzen, och iwert d' AIS Kordall an esou weider, fir déi, wou sech vläicht net selwer kënnen oder wëllen drëm këmmen. Do gëtt et keng Excuse méi, fir dat dann net ze maachen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Ruckert, wannechgelift.

TOM ULVELING (CSV) constate qu'ensemble, ils forment une maison complète.

ERNY MULLER (LSAP) explique que la nouvelle configuration permet de profiter de tout le volume de la maison.

C'est aussi ce qui explique que les abris de jardin sont construits des deux côtés.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) passe au point 4, la fixation des taux de l'impôt foncier et de l'impôt commercial.

Le collège échevinal propose de ne pas modifier l'impôt foncier, qui resterait à 750 % pour les constructions industrielles et commerciales, 250 % pour les propriétés agricoles, les constructions à usage mixte, les constructions à autres usages, les maisons unifamiliales, les maisons de rapport et les immeubles non bâtis, et à 600 % pour les terrains à bâtir à des fins d'habitation.

L'impôt commercial n'est pas modifié non plus et restera à 350 %.

Tom Ulveling demande si les deux points peuvent être votés en bloc.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) répète depuis des années que la commune doit agir en matière d'impôt foncier. Le taux est extrêmement bas. C'est une bonne chose pour ceux qui vivent dans leur habitation. Mais il faut faire quelque chose pour ceux qui ont plus d'une habitation et qui en plus la garde vide.

L'accord de coalition actuel a laissé une ouverture à l'augmentation de l'impôt foncier. Gary Diderich en profite pour lancer un nouvel appel: la commune doit agir au plus tard l'année prochaine. Les impôts devraient augmenter d'année en année si les bâtisses restent vides.

La commune fait beaucoup pour soutenir les propriétaires — par exemple avec l' AIS Kordall. Il n'y a donc plus d'excuse pour ne rien entreprendre.

5. Actes et conventions

ALI RUCKERT (KPL) est d'accord pour ne pas modifier le taux de l'impôt foncier en 2020. Mais il trouve qu'une discussion sérieuse est nécessaire à ce sujet.

Il y a deux ans, il a interpellé le conseil communal pour introduire une taxe sur la spéculation. La motion a été rejetée. Mais cette taxe est de plus en plus urgente.

Le parti communiste est aussi d'accord pour laisser le taux de l'impôt commercial à 350 %. Ali Ruckert rappelle cependant que seules les entreprises faisant des bénéfices paient cette taxe.

D'une manière générale, l'impôt sur le capital est bien trop bas au Luxembourg. Il a été baissé systématiquement au cours des dernières années et il est question de le baisser ultérieurement à 15 %.

En plus, les fonds d'investissement et les fonds spéciaux ne versent que 0,01 % d'impôts. Il est vrai que la commune n'y peut rien, mais d'une manière générale, l'imposition doit devenir plus équitable. Actuellement, les salariés paient deux tiers des impôts directs.

TOM ULVELING (CSV) propose de voter les différents taux en bloc.
(Vote)

Tom Ulveling passe au point 5 de l'ordre du jour, un acte d'échange avec soulte dans le cadre de la suppression du PN 13 à Oberkorn. Ces documents ont longtemps été oubliés dans un tiroir.

À l'époque, la commune a reçu 5 parcelles de M^{me} Elvire Meyer en échange de 18 a au lieudit « Auf der Retsch » et 35 a au lieudit « In der Kaemerchen ». Il s'agit de terres labourables.

La valeur des différents terrains a été estimée. La commune doit verser 82 650 € à M^{me} Meyer.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver la somme étant donné qu'il s'agit d'un vieux dossier.

ALI RUCKERT (KPL):

Kolleginnen a Kollege vum Gemeengerot, ech wëll hei als Verrieder vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech d'accord sinn, dass mer deen Taux fir d'Grondsteier nach eng Kéier esou beloosse fir d'Joer 2020. Ech sinn awer der Meenung, dass mer eng seriö Diskussioun müssen an Zukunft doriwwer féieren.

Ech wëll drun erënneren, dass ech hei virun zwee Joer eng Interpellatioun gemaach hunn, fir eng Spekulationssteuer anzeféieren. Vun der grousser Majoritéit vum Gemengerot ass dat deemools ofgeleent ginn. Ech mengen awer, dass dat ëmmer méi aktuell gëtt, vu d'Entwécklung an deem Beräich. An dass esou eng Spekulationssteuer muss kommen, déi op d'mannst an der Héicht ass vum Buedemwärtzouwuess. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet Saach, wat d'Gewerbsteier ugeet, ass d'Kommunistesch Partei och d'accord, dass mer deen Taux bei 350 % beloossen.

Ech wëll awer drun erënneren: Hei hu mer et mat der Gewerbsteier ze dinn, wou also nëmme déi Betriber eng Steuer bezuelen, déi och Gewënn maachen, déi aner si jo net dovou beträff. Ech wëll drun erënneren, dass global d'Kapitalsteieren zu Lëtzebuerg vill ze niddreg sinn, an dass dofir och d'Gemengen net genuch Sue kréien.

Et ass esou, dass d'Kapitalsteieren an deene leschte Jore systematesch erofgesat ginn. An d'Regierung schwätzt elo schonn erëm dervun, fir se op 15 % erofzesetzen. An et kënnst derbäi, dass déi sougenannten Investitiounsfongen an déi Spezialfongen – do gëtt zum groussen Deel nëmme 0,01 % Steiere bezuelt. Do huet d'Gemeng zwar keen Impakt drop, mä ech wëll awer trotzdem hei soen, dat muss an eng Richtung kommen, dass et awer eng méi gerecht Besteuerung gëtt. Well et de Moment esou ass, dass am Fong déi Leit, déi schaffen, 2/3 vun den direkte Steiere bezuelen an d'Kapital nëmme 1/3. Do muss eng Ännerung kommen. Well dat ass ganz ongerecht.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Keng weider Wuertmeldung? Da kéinte mer iwwert déi zwee Tauxen ofstëmmen. Zesummen dann, wann ech richtig verstanen hunn.

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer le taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2020.

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer le taux de l'impôt commercial pour l'exercice 2020.

Komme mer zum Punkt fënnf vum Ordre du jour, do geet et ëm en Acte d'échange mat enger Soulte, déi mer musse bezuele fir Terrainen, wéi sengerzäit de PN13 zu Uewerkuer suppriméiert ginn ass. Dee scho laang besteet.

Leider war et esou, dass mer dat hei vergiess haten. Déi waren iergendwou an engem Tirang leie bliwwen, soudass mer dat dote muss rektifizéieren. An et geet drëms, op där enger Säit krute mer fënnf Parzelle vun der Madamm Elvire Meyer, fir de PN13 kënnen ze realiséieren. Op där anerer Säit hu mir mat der Madamm zwee kleng Stécker getosch. Eng Kéier 18 Ar „Auf der Retsch“ an eng Kéier 35 Ar „In der Kaemerchen“.

Dat sinn alles Terres labourables, also normaalt Ackerland. Mir hunn d'Valeur vun deenen Terrainen ausrechné gelooss. An do ass dann eng Soulte erauskomm, déi mir als Gemeng musse bezuelen. 82.650 Euro misste mir der Madamm Meyer bezuelen. Dat ass d'Differenz vun deem, wat si eis ginn huet an dat, wat si vun eis amplaz kritt huet.

Ech wär frou, wa mer dat elo endlech géifen hei aktéieren, dass mer domadder d'accord sinn. Wéi gesot, dat ass schonn e bësse méi eng al Kamell.

D'Madamm Saeul, wannechgelift.

5. Actes et conventions

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Ulveling. Mech wonnert, ech hu gesinn, dass um Echange am Kontrakt keen Datum steet. Et steet l'an 2019 le ... Hat d'Madamm Meyer dann net reklaméiert, dass se hire Versement net kritt huet?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dach. Si huet gesot, mir missten den Acte eng Kéier maachen. Mä, wéi gesot, et ass vergiess ginn.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt nofroen: Wann ech d'Fläch an d'Präisser kucken, ass dat ënnerschiddlech ageschat, also d'Wäertschätzung vum Terrain. Wourausser ergëtt sech dat? Wann een d'Aren hält, déi d'Déifferdenger Gemeng gött an d'Aren hält, déi mer vun der Privatpersoun kréien, dann ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn hinne méi Are ginn, wëllt Der soen, wéi si eis ginn hunn, a si kréien awer nach Suen eraus?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Genau. Et ass jo kee Bauterrain dobäi.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech weess net, et ass geschat ginn, wéi dat ëmmer geschat gött. Hei steet, dass dat eent geschat ginn ass op 99.150 Euro. Dat, wat mer kritt hunn. An dat, wat mir ginn hunn, op 16.500 Euro. D'Soulte ass dann den Delta do dervun.

Dat eent ass Bauterrain, deelweis nach. An dat anert ass ...

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ass et deelweis Bauterrain?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et ass deelweis Bauterrain.

(Interruption)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay. Well do steet zum Deel 'terre labourable' ëmmer an de Klammeren dobäi. Bei deem anere steet Voie ferrée oder Strooss. Mä dat ass jo eréischt esou ginn, wéi et gemaach ginn ass.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Also ech mengen, dass dat scho korrekt gaangen ass, dass do elo keen e Virdeel huet.

Den Här Tempels ass eraus. Da kënne mer ofstëmmen, wa kee méi eng Fro huet.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte d'échange avec soulte de divers terrains à Oberkorn liés à l'aménagement du contournement du PN 13 à Oberkorn.

Dann hu mer eppes méi Erfreelech, wou mer näischt mussen bezuelen. Wou mer eppes kréien. Dat ass an der Rue de Soleuvre zu Uewerkuer, wou mer vun der Société Hamun gewësse Fläche kréien, déi Partie publique ginn. Deem géife mer natierlech zoustëmmen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Wéi eng Fläche sinn dat konkret?

CHRISTIANE SAEUL (DP) a remarqué que le contrat n'est pas daté. M^{me} Meyer n'a-t-elle pas réclamé lorsqu'elle n'a pas reçu de versement?

TOM ULVELING (CSV) répond que oui. Mais le dossier a été oublié.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que les terrains n'ont pas été évalués de la même façon. Il a comparé les ares.

TOM ULVELING (CSV) confirme que les terrains que la commune a cédés sont plus grands que ceux qu'elle a reçus. Mais elle doit malgré tout verser de l'argent.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) précise qu'il ne s'agit pas de terrain constructible.

TOM ULVELING (CSV) ne connaît pas les détails.

(Interruption de M. Diderich) Tom Ulveling suppose que les terrains ont été évalués comme d'habitude. La valeur des terrains reçus s'élève à 99 150 € et celle des terrains cédés à 16 500 €.

Un des terrains est partiellement un terrain à bâtir.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande s'il s'agit partiellement d'un terrain à bâtir.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) confirme que oui. (Discussions)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que le document parle de terre labourable et de voie ferrée. (Discussions)

TOM ULVELING (CSV) suppose qu'aucune des deux parties n'a été avantagée. (Vote)

Tom Ulveling passe au point suivant. La commune reçoit plusieurs surfaces dans la rue de Soleuvre à Oberkorn de la part de la société Hamun.

FRANÇOIS MEISCH (DP) demande des précisions.

5. Actes et conventions

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit d'aires de jeux et de routes comme d'habitude.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) précise qu'il s'agit d'espace public.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que deux plans figurent dans le dossier. (Interruption de M. Muller et discussions)
(Vote)

Tom Ulveling passe à un contrat avec le Sikor et l' AIS Kordall. La commune cède une maison de 140 m² située au 11, Grand-rue au Sikor pour que le syndicat la mette à disposition de l' AISK. Elle comprend quatre chambres à coucher, une salle de bain, des toilettes, une cuisine équipée, une buanderie et un petit jardin.

Le contrat porte sur six ans avec une durée minimale de trois ans. Le prix est gelé pendant six ans. La commune demande un loyer de mille euros. Le propriétaire est conscient que le loyer est inférieur à ce qui est demandé normalement. (Interruption de M. Diderich)

Tom Ulveling passe au vote.
(Vote)

Tom Ulveling passe à un avenant d'un contrat au 1535°. La société Doghouse Films réalise un dessin animé sur Anne Frank et a besoin de plus de place. La commune lui propose 94,5 m² dans le bâtiment A pour 850 €, plus 160,65 € de charges individuelles et 141,75 € de participation aux frais communs. Le contrat a pris effet le 1^{er} octobre et porte sur un an.
(Vote)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Spillplazen a Strooss an esou, alles wat am Kader vun enger Cité ufält. Wat un d'Gemeng üblecherweis cedéiert gëtt. Wat duerno ëffentleche Raum gëtt. Et ass eng Kaart dobäi gewiescht. Zwou Kaarten. Et ass am Fong en T, dee mer kréien. Wann een déi zwou Kaarten zesummesetzt.

ERNY MULLER (LSAP):

Eng Strooss.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Voilà.

(Diskussionen)

Okay? Kënne mer driwwer ofstëmmen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de cession à titre gratuit de 3 parcelles au lieudit « Rue de Soleuvre » à Oberkorn d'une superficie totale de 14,52 a.

Den nächste Punkt ass e Contrat de bail mat dem Sikor respectivement mat der AIS Kordall. Wou mer deenen en Haus, wat der Gemeng gehéiert, zur Verfügung stellen. Dat ass d'Haus op 11, Grand-Rue. Dat huet 140 m². Et si véier Schlofzëmmeren dran, eng Salle de bain, e WC, e Living, eng Cuisine équipée, eng Buanderie an e kleng Jar-din à entretenir.

Dat gi mer dem Sikor, fir dass deen der AIS Kordall et kann zur Verfügung stellen. Et ass e Kontrakt, dee sechs Joer soll lafen, wou d'Durée minimale dräi Joer ass an de Präis während deene sechs Joer agefruer ass. Mir verlaangen e Loyer mensuel vun 1.000 Euro. Do steet, de Loyer ass „non révisable pour toute la durée du présent“. An: „Le Propriétaire est conscient du fait que le prix du loyer est légèrement en dessous du prix du marché ce qu'il accepte expressément“. Dat heescht, mir ginn dat jo als But, fir dass d' AIS Kordall en Haus huet, fir weider u Leit ze vermēt-

telen, deenen et net grad esou gutt geet. Déi e Loyer social kréien, wann een dat esou nenne kann.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ass dat, wat mer kaf haten an der leschter Séance?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wa keng Wuertmeldungen dozou sinn, da kënne mer direkt driwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec l' AIS Kordall portant sur une maison d'habitation sise dans la Grand-rue à Differdange.

Dann hu mer en Avenant zu engem Kontrakt am 1535°. D' Firma Doghouse Films ass amgang, en Zeechentricksfilm iwwert d' Anne Frank ze maachen. Déi brauchen e bësse méi Plaz. Si hate gefrot, fir e Stéck bäizelounen. Mir hunn eng Plaz am Bâtiment A fonnt, 94,5 m², déi mer hinne fir 850,50 Euro hors TVA verlounen. Dobäi kommen 160,65 Euro fir d' Charges individuelles an 141,75 Euro fir d' Participation aux frais communes. Wat dann e Loyer géif maache vun 1.152,90 Euro mensuel. De Kontrakt leeft den 1. Oktober un an dauert ee Joer.

Et ass en Enkpass, dee si hunn, fir hinnen do ze hëllefen. Dofir ass d' Proposition, hinnen dat doten zu deene Konditiounen do ze verlounen. Wëll een eppes dozou soen?

Nee. Da kënne mer driwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 4 abstentions d'approuver l'avenant à un contrat de bail avec la société Doghouse Films SARL au 1535° Creative Hub.

6. Enseignement / 7. École de musique

De Punkt sechs geet iwwert den Enseignement fundamental. D'Lëscht sinn e bësse spéit erakomm. Déi misste mer après-coup guttheeschen. Ech géif der Madamm Brassel d'Wuert ginn, fir eis dat ze explizéieren.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, wéi Der gesitt am Bréif vun der Madamm Schmit, Chef de service vum Schoulsystem, hu mir eng éischte Kéier hei ofgestëmmt iwwert d'Besetzung vun de Poste vum Enseignement.

Et kann ee sech froen, firwat mir elo hei mussen ofstëmmen iwwer eppes, wou mer net méi direkt eppes domadder ze dinn hunn als Gemeng. Ech werfen d'Fro einfach op. Am Oktober ass en Ofschloss gemaach ginn, en definitiven Ofschloss. Ech mengen, et ass éischer eng Formalitéit.

Iwwert déi zweet Lëscht, do sinn no-dréiglech eng Rei Posten am Enseignement besat ginn. Dëst souwuel mat brevetierten Enseignanten, mat Chargé-de-coursen awer och mat Quereinsteiger.

Et ass e kleng Changelement festgehale ginn. D'Horairé vun de Pausen am Fundamental, dëschdes an donneschdes, sinn net méi no där zweeter Stonn, mä no där drëtter Stonn. Wéi gesot, dës Lëscht ass elo definitiv festgehale ginn am Oktober. Et ass d'definitiv Besetzung vum Schoulpersonal.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Brassel. Huet een eng Fro dozou? Nee. Da kënne mer och doriwwe ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité de ratifier la validation des ultimes affectations aux postes vacants issus de la liste 2 pour la rentrée 2019-2020.

Da kéime mer zum Punkt aacht. Et ass den Här Mangen, deen eis Explikatiou-

ne gëtt iwwert d'Schoulorganisatioun vun der Museksschoul.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Ulveling. Wéi Dir aus den Ënnerlage kënnt gesinn, brécht ons Museksschoul mam Schouljoer 2019/2020 een neie Schülerrekord mat 835 Aschreiwungen. Dat ass méi wéi eng Verduebelung vun onse Schüler, ënnerhalb vun dräi Joren. Ech erënneren, 2016/2017 hate mer nach 356 Schüler. Leider ass ons aktuell Museksschoul nëmme fir ongeféier 400 Schüler virgesinn.

Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengerot, verstitt also, datt mir an noer Zukunft ee grouse Problem ze léise kréien, wéi mir den Zoufluss vun de Schüler an adequate Strukturen opfänke kënnen. Mir hunn elo nach d'Méiglechkeet fir auszewäiche mat der EIDE. Wou mer Raimlechkeeten zur Verfügung stelle kënnen. Och a verschiddeenen anere Schoulen.

Mä et kann een net ëmmer d'Schüler vun enger Plaz op déi aner féieren, mat de Museksinstrumenter, déi zum Deel ganz fragil sinn. Et muss schonn eng gewësse Plaz ginn, wou all déi Saache regroupéiert sinn. Mir mussen an Zukunft kucken, wéi mer do eens ginn a wat fir eng Léisung mer fannen. Ech wär frou fir all Ureegung, déi vun Iech kéim. Ech hunn och meng Virstellungen, da kënne mer vläicht kucken, wéi mer do eens ginn.

Wann et esou weidergeet, bleift just d'Léisung, de Leit ze soen, datt mer se net kënnen opfänken, well mer ebe keng Plaz hunn. Dat wär fir mech perséinlech keng Léisung. Jiddwereen, dee Musek léiere wëll – grad wéi an de Sportsstrukture si mir als Gemeng zoustänneg, fir de Leit dat zur Verfügung ze stellen.

Op jidde Fall mussen mer eis doriwwe Gedanken maachen. Mir kënne jo driwwer schwätze während den zukünftege Budgetsrieden. Wann do Virschléi sinn, datt een doriwwe kéint schwätzen.

Komme mer elo op d'Schouljoer zrëck. Et sinn 835 Schüler, 441 männlecher an 394 weiblecher. Residente sinn am

Tom Ulveling passe au point 6, l'enseignement fondamental.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) rappelle que le conseil communal a déjà approuvé les postes de l'enseignement.

Elle se demande pourquoi la commune doit approuver un document qui ne la concerne pas vraiment, mais il s'agit d'une formalité.

Par rapport à la première liste, plusieurs postes ont été occupés. Par ailleurs, la récréation dans le fondamental n'aura plus lieu après deux heures de cours, mais après trois heures.

Cette liste est définitive et a été approuvée en octobre.

(Vote)

Tom Ulveling passe au point 8, la dénomination de rues.

(Interruption)

Tom Ulveling constate qu'il a oublié l'organisation de l'école de musique.

ROBERT MANGEN (CSV) se réjouit du fait que l'école de musique a connu un record d'inscription pour 2019-2020: 835 élèves. En trois ans et demi, le nombre d'inscriptions a plus que doublé. Malheureusement, l'école de musique actuelle ne peut accueillir que 400 élèves.

La commune devra proposer des locaux adéquats à l'avenir. Actuellement, l'EIDE et d'autres écoles mettent des salles à disposition de l'école de musique. Mais il est difficile de changer constamment d'établissement, et ce, d'autant plus que les instruments de musique sont fragiles. Le collège échevinal devra trouver des solutions. Robert Mangen a des idées, mais il demande également l'avis des conseillers communaux. À défaut de solution viable, il faudra refuser des gens par manque de place. Or Robert Mangen est d'avis que chaque personne voulant apprendre la musique ou faire du sport doit pouvoir le faire. Il espère entendre des propositions lors des débats budgétaires.

Pour 2019-2020, 441 hommes et 394 femmes sont inscrits. 678 élèves résident à Differdange.

Les jeunes sont bien représentés: 359 élèves ont moins de 8 ans, 308 ont entre 9 et 18 ans et 168 sont

7. École de musique

adultes. Robert Mangen répète qu'il faut trouver de nouveaux locaux pour que ceux voulant faire de la musique en aient la possibilité.

L'école de musique est dirigée par deux personnes: le directeur Rudi De Bouw et sa secrétaire M^{me} Moretoni. Robert Mangen les remercie pour leur engagement. Ils sont soutenus par 36 enseignants. Les détails figurent dans le dossier des conseillers communaux.

Robert Mangen tient à mentionner les enseignants quittant l'école: Sarah Kertz, Bastien Lorgé, Patrick Wilhelm, Dariusz Wisniewski, Niels Engel, Romain Hoffmann et Alain Graf.

FRANÇOIS MEISCH (DP) remercie la direction pour son engagement. Depuis l'ouverture du nouveau centre culturel en janvier 2014, le nombre d'élèves n'a cessé d'augmenter. L'offre a été adaptée.

L'école compte désormais 835 élèves et 36 enseignants. La commune devra réfléchir à des locaux supplémentaires.

Les classes ont un bon niveau. François Meisch espère qu'un maximum d'élèves intégrera les associations.

Le DP approuvera l'organisation de l'école de musique 2019-2020.

ERNY MULLER (LSAP) salue à son tour l'énorme succès de l'école de musique, qui est dû en large partie à sa direction.

Les projets comme l'éveil musical, les ateliers et la coopération avec les maisons relais et l'école fondamentale sont importants pour l'avenir des associations musicales. Erny Muller remercie M. Rudi De Bouw, son administration et les enseignants pour leur bon travail.

GUY TEMPELS (CSV) constate que les chiffres démontrent le succès de l'école de musique.

meeschte vertroueden, mat 678 Schüler. Do dergéint 157 Non-Residenten.

Erfreelech ass d'Tatsaach, datt déi Jonk gutt vertrauede sinn. 359 Kanner ënner aacht Joer. Jugendlecher tèschent 9 an 18 Joer si mat 308 derbäi. An Erwuesener iwwer 18 Joer 168. Dir gesitt, dass méi Jugendlecher a Kanner an d'Schoul kommen. Et soll een deejéinegen, déi elo an Zukunft nach bäikommen an ons Gemeng, de Wee net verspären, mä hinnen d'Méiglechkeet ginn an nei Raimlechkeete fannen.

Administrativ gëtt ons Museksschoul gefouert vun zwou Persounen: onsem dynameschen Direkter, dem Rudi De Bouw a senger fläisseger Sekretärin, der Madamm Moretoni. Hinnen zwee e grouse Merci fir hir virbildlech Aarbecht an Asaz. Ënnerstëtzt gi si vu 36 Enseignanten, déi e breetgefächert Angebot vu Coursen ubidden.

Et géif elo ze wäit féieren, fir jidder eenzelen hei opzeféieren. Den Detail fannt Der an den Ënnerlagen. Den Enseignante wëll ech e grouse Merci soe fir hiren Asaz an onser Gemeng.

Besounesch wëll ech ernimmen déi Leit, déi elo fortginn, entweder an d'Pensioun oder déi ons Museksschoul verlossen. Ech ernimme kuerz déi Leit. Dat sinn d'Madamm Sarah Kertz, den Här Bastien Lorgé, den Här Patrick Wilhelm, den Här Dariusz Wisniewski, den Här Niels Engel, den Här Romain Hoffmann an den Här Alain Graf.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Meisch freet d'Wuert.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Ech wëll der Direktioun, ënnert der Leedung vum Rudi de Bouw, Merci soe fir d'Engagement. Säit der Overture vum neie Kulturzentrum am Januar 2014 ginn d'Schülerzuele konstant an d'Luucht, d'Offer gëtt vergréissert a regelméisseg adaptéiert.

Mëttlerweil, mir hunn et héieren, si mer bei 835 Schüler ukomm. 36 Enseignan-

te schaffen do, CDD a CDI confondus. Duerch dee staarken Zouwuess, mir hunn et héieren, stousse mer raimlech un eis Grenzen a mir mussen eis deemnächst Gedanke maachen an där Hiischt.

Den Niveau vun de Klassen a Schüler ass ganz positiv ze gesinn. Ech hoffen, dass e Maximum vu jonken a manner jonke Museker, eise Veräiner erhale bleiwen. Do ass de Lien nach ze intensivéieren.

D'DP stëmmt déi definitiv Schoulorganisatioun vun der Museksschoul fir 2019/2020 mat. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Muller hat nach d'Wuert gefrot.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir als LSAP begrëssen deen enorme Succès, deen déi Museksschoul huet. Net zulescht ass d'ëst zréckzeféieren op déi Leit, déi déi Schoul leeden.

Et ass wichteg, déi Projeten, déi elo erëm opgegraff gi sinn, wéi den Éveil musical, wéi déi Atelieren, déi zesumme mat de Maisons d'accueil an och mat der Primärschoul, mat der École fondamentale gemaach ginn, an Zukunft vu grousem Notze si fir eis lokal Veräiner. An och fir d'Akzeptanz oder d'Decouverte vun der Musek vis-à-vis vun eise Jugendlechen. Dat muss onbedéngt virugefouert ginn. Well do si mer wierklech um richtege Wee.

Dofir dem Här Rudi De Bouw, mat senger Administratioun, awer och allen Enseignanten e grouse Merci fir hir Initiativen an hir gutt Aarbecht. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir soen Iech Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Dir Dammen an Hären, wann ee sech d'Zuelen ukuckt, da gesäit een de

7. École de musique

Succès, deen eis Museksschoul huet. D'Schülerzuel geet nach eng Kéier an d'Luucht, vu 735 op 835. Dat ass de Verdéngscht vun eisem engagéierten Direkter, dem Här Rudi De Bouw, sengem Sekretariat an natierlech och senge 36 Enseignanten, déi d'Coursen halen.

Hei gëtt eng super Aarbecht geleescht. Et ass wichteg, dass mir eiser Museksschoul déi néideg Ënnerstëtzung gi vun der Gemeng hier. Den Här Mangeln huet den Haaptproblem ugeschwat, wou mer musse kucken, an Zukunft do eng Léisung ze fannen.

Mir vun der CSV soen nach eng Kéier Merci un d'ganz Ekipp vun der Museksschoul fir hir super Aarbecht. Mir stëmme mat Jo. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, dass ech d'Wuert kritt hunn. Ech begrëssen déi Aarbecht, déi hei geleescht gëtt, dass dat en immense Succès ass, dass do vill Leit sinn, déi mat vill Engagement a Leidenschaft déi Aarbecht maachen. An dass dat wierklech eise Kanner an der ganzer Gemeng zegutt kënnt.

D'raimlech Fro muss sech elo gestallt ginn. Ech begrëssen, dass do eng Invitatioun ass, fir sech zesumme Gedanken ze maachen. Vlächicht kann ee sech eng Kéier eng Aarbechtssëtzung gi virun enger Budgetdiskussioun. Well ech weess elo net, ob een an enger Budgetdiskussioun nach wierklech vill Iddien entwéckelt kritt.

Mech géif op jidde Fall interesséieren, wat d'Iwwerleeunge si vun Iech, Här Mangeln, respektiv vum Schäfferot. An dann zesummen ze iwwerleeën, a wéi eng Richtung een do ka goen. Jiddefalls wär dat ganz wichteg, dass mer dee positiven Trend do weider ënnerstëtzen an net op eemol, duerch mangelnd Raimlechkeeten, eng aner Stëmmung opkënnt. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Als Leschte schléissen ech mech all deene Mercien, am Numm vun deene Gréngen, un. Ech wëll déi Fro stellen: Mer hu jo och Zesummenaarbecht mat de Museksschoule Käerjeng an esou virun.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Gëtt do en Austausch gemaach, Klansenzesummeleungen, wann dat néideg ass, an esou virun? An a wéi engem Mooss? Dat muss elo net beäntwert ginn. Mä ech mengen, an där ganzer Koordinatioun am Kordall besteet eventuell d'Méiglechkeet, fir e Raum notzbréngend anzesetzen. Quitte dass dat da leider mat Deplacementer verbonnen ass. Ëffentlechen Deplacementer. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zur Diskussioun bäidroend wëll ech soen, dass ech och amgang sinn, mer de Kapp ze zerbréchen, wéi ee wou nach kéint e Raum fannen oder zur Verfügung stellen. Et sinn e ganze Koup Méiglechkeeten do. Mä dat eent hänkt ëmmer erëm vun engem aneren of.

Soudass ee muss kucken, um Terrain e bëssen ze deblayéieren. Ech mengen effektiv, dass mer eng Léisung musse sichen. Den Här De Bouw war e ganz gudder Choix, dee mer sengerzäit gemaach hunn, dee wierklech am Interêt vun der Museksschoul a vun der Musek iwwerhaupt, muss ee soen, wierklech hei à l'oeuvre ass. An et héiert een och net vill Kloen, dass iergendwéi eppes net sollt funktionéieren oder net gutt sollt funktionéieren. Dat klappt 1A. Dofir soen ech him och nach eng Kéier Merci.

Da kéinte mer ofstëmme, wa keen anere sech méi wëll mellen.

Le nombre d'élèves passe de 735 à 835. Le mérite en revient au directeur Rudi De Bouw, son secrétariat et ses 36 enseignants.

L'école de musique réalise un formidable travail et il est important que la commune la soutienne. M. Mangeln a expliqué les problèmes rencontrés par l'école et les solutions qu'il faut trouver.

Le CSV remercie l'équipe de l'école de musique pour son travail et approuvera l'organisation.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour le travail réalisé par l'équipe de l'école de musique au profit des enfants et de toute la commune.

Il reste à résoudre la question des locaux. Le conseil communal pourrait organiser une séance de travail avant les débats budgétaires. Gary Diderich se dit curieux de connaître les idées de M. Mangeln et du collège échevinal.

La commune doit soutenir la tendance positive qui s'est développée dans l'école de musique.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) s'associe aux remerciements au nom des écologistes.

Il rappelle que l'école de musique de Differdange collabore déjà avec Käerjeng.

(Interruption de M. Ulveling)

Frenz Schwachtgen demande s'il existe des échanges et des classes fonctionnant ensemble. Il estime que le bassin de la Chiers devrait utiliser l'espace disponible ensemble même si cela est lié à des déplacements.

TOM ULVELING (CSV) explique que le collège échevinal réfléchit à la question des locaux pour l'école de musique. Les options sont nombreuses, mais dépendent systématiquement d'autres éléments.

Tom Ulveling salue le choix de recruter M. De Bouw. Il agit dans l'intérêt de l'école et de la musique en général. Il n'est jamais question de dysfonctionnements. Tout se passe parfaitement.

(Vote)

8. Nouvelles rues

Tom Ulveling passe au point 8, la dénomination de rues. Il rappelle que la commune dispose d'une commission au sein de laquelle tous les partis sont représentés et qui fonctionne bien.

Il mentionne M^{me} Rausch pour les écologistes, M. Goffinet pour le LSAP, M. Cilien pour le DP, M. Ruckert pour le KPL, M. Diderich pour déi Lénk et M. Hartung pour le CSV.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) apprécie les réunions de la commission. Les différents souhaits ont été pris en considération. Les noms ont été choisis à la majorité des voix.

Le dossier parle de la dénomination de nouvelles rues pour les accès aux Woierwisen et au site scolaire EIDE, et pour le lotissement de la SNHBM à Niederkorn, mais aussi de la rue Thillenberg. Or c'est une erreur. La rue le long du Gulliver s'appelle Terrasses de la Ville tout comme celle derrière, où se trouve le Fonds du logement. Il s'agit en fait d'une seule et même rue. Par conséquent, la rue Thillenberg a été supprimée.

Dans le lotissement de la SNHBM, trois rues et une cité sont concernées. La cité s'appellera Op Lauterbann. L'idée est de créer un sentiment de cohésion en donnant un nom unique à un ensemble de rues. Christiane Brassel-Rausch passe ensuite à la petite rue.

(Interruption et discussions)

TOM ULVELING (CSV) répond que cette rue deviendra grande un jour.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation claire définitive 2019-2020 de l'école de musique de Differdange.

Da kéime mer zum Punkt aacht vun der Dagesuerdnung, fir nei Stroossen ze benennen. Et freet mech, dass mer déi Kommissioun hunn, wou all Partei vertrueden ass, esou eng iwierpartelech Kommissioun, wou mer ënnerteneen diskutéieren, wat fir eng Nimm ee verschiddene Stroosse ka ginn. Dass et zënterhier relativ gutt klappt an och net zu risegen Diskussiounen hei am Schäfferot kënt.

Do wäert ech der Madamm Brassel-Rausch d'Wuert ginn. Ech wëll just soen, dass an där Kommissioun vun all Partei een dran ass. Fir déi Gréng ass d'Madamm Rausch dran, fir d'LSAP den Här Goffinet, fir d'DP den Här Cilien, fir d'KPL den Här Ruckert, an de Gary Diderich fir déi Lénk souwéi de Jerry Hartung fir d'CSV. Si hu sech zesummegeat. An d'Madamm Brassel-Rausch soll eis erklären, wat se virschloen.

ENG STËMM:

Et ass dach net schwéier.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, mä, deen ee seet esou, deen anere seet esou.

(Diskussiounen)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäfferot, ech mengen, ech schwätzen am Numm vun eis all, dass et erëm flott war, sech ze treffen. Et war eng problemlos Veranstaltung, kéint ech soen, am Numm vun eis alleguer. D'Wësch sinn alleguer berécksiichtegt ginn. Mir hunn ënner eis, mat Majoritéit, déi Nimm gesicht, déi elo hei stinn.

Ech wëll drop opmierksam maachen, bei der Ukënnegungsséance publique steet Dénomination des nouvelles rues pour l'accès Woierwisen SNHBM zu Nidderkuer a Site scolaire EIDE. A wann Der ënne kuckt, do steet dann nach eng dran: Rue Thilleberg. Do wollt ech just soen, dat war e falschen Alarm. Entschëllegt mech dofir.

Dat heescht, do sinn elo zwou Stroossen op der Grousstrooss, Rue Terrasses de la ville, beim Reggio, laanscht de Gulliver erop an hannen, wou de Fonds de Logement ass, déi heescht och Terrasses de la ville. Am Nachhinein gëtt geplangt, dass déi zwou Stroossen zesummekommen, an da gëtt et eng eenzeg Strooss. Dofir hu mer Rue Thilleberg erëm ewechgeholl. Just als Informatioun.

Fir déi aner Stroossen, d'SNHBM zu Nidderkuer: Nodeem e puer Recherchë gemaach gi sinn, Op Lauterbannen, Zwischen Lauterbannen an esou virun, si mer eis eens ginn – et sinn dräi kleng Stroossen hannen, et sinn der véier, mä bei der véierter ass kee Passage –, dass mer et géifen als Cité consideréieren an hir den Numm Cité Op Lauterbann ginn. Éischtens, fir net esou vill Stroossen ze benennen. An och de Gedanke vun der Kohesioun war dobäi. Wann een zesummen an enger Cité ass, dass ee vläicht méi ee Gemeinschaftsgeescht entwéckelt. Dat war d'Iddi hannendrun. An eben och e Flouernumm ze huelen, amplaz en Numm vun enger Perséinlechkeet.

Dann hu mer déi kleng Strooss, déi vun der Woierstrooss bei de Servior geet.

ENG STËMM:

Kleng ass se net.

ENG ANER STËMM:

Et gëtt eng grouss.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Se gëtt eng Kéier grouss gemaach.

8. Nouvelles rues

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Déi gëtt eng Kéier grouss, elo ass se kleng. Do ass d'Propos komm vum Här Goffinet, an déi ass och ënnerstëtzt ginn, vun der Madamm Renée Lazard. Dat war e jonkt jiddescht Meedchen, wat 1942 mat 13 Joer um Blinddarm gestuerwen ass. Den Här Goffinet seet bestëmmt nach eppes dozou.

Op Wonsch vum Direkter vun der EIDE si mer eis eens ginn – do wollt ech elo e bëssen aushuelen: Also ech hu mam Här Zens geschwat, deen ënneschten Deel heescht Rue du Gaz.

ENG STËMM:

Dat bleift.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech fannen dem Här Zens seng Remark pertinent, eng Schoul an der Rue du Gaz ze hunn, ass delikat. Awer d'Awunner vun deem ënneschten Deel halen den Numm Rue du Gaz. Dat heescht, dat Stéck bleift Rue du Gaz. An do, wou d'Schoul ufänkt, gëtt et Rue John Ernest Dolibois. Déi mécht dann dee ganzen Tour bis bei de Science Center erof, wou se dann erëm an d'Rue Émile Mark kënnt. Doriwwer si mer eis och eens ginn.

Dann hu mer am Grupp nach festgehalten – op Proposition vum Här Ruckert, dat hutt Der och an Ärem Text stoen –, fir iergendwann, wann op ArcelorMittals-Terrain eng Strooss soll benannt ginn, dass mer d'accord waren, fir den Numm Walter Schmidt ze berécksiichtegen. Dat ass e Bouf, dee mat 13 Joer erschoss ginn ass während engem Streik vun 1912.

Domadder hunn ech plus ou moins resüméiert, wat an där Kommissioun gesot ginn ass. Merci fir d'Nolauschteren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dann danke mer der Kommissioun fir hiren Asaz a fir hir gutt Propositionen. An den Här Goffinet wëll nach eppes zur Madamm Lazard soen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Éischtens emol Merci. Et war wierklech flott, mat hinnen ze schaffen, allegueren. Mir sinn eis an allem eens ginn. Et war iwwerall e Konsens.

Ech wollt zum Renée Lazard eppes soen, och als Comitésmember vu MemoShoah. D'Renée Lazard war e Kand vun 13 Joer, dat zu Déifferdeng gewunnt huet. Et war eent vun deenen eelef Kanner, déi op der Lëscht vu jiddesche Kanner stoung, déi vun der Déifferdenger Gemengeverwaltung schonns fir d'Schouljoer 1939/1940 zesummegeallt ginn ass.

Deemools war eng zimmlech rassistesch Zesummestellung an der Gesellschaft iwwert d'Juddentum – de Gedanken iwwert d'Juddentum war scho ganz staark ausgeprägt, fir déi als Minoritéit festzeleeën. Soss wier déi Lëscht warscheinlech ni zesummegeallt ginn. Oder aus wat fir engem Grond och ëmmer. Ech ka mer keng aner virstellen.

D'Famill ass um Dag vum Amarsch geflücht a Richtung Frankräich. Si war gewarnt gi vun engem Déifferdenger Bierger. Deem säi Bouf mer och eng Kéier kennegeléiert hunn, wou mer Recherchen iwwert d'Jude vun Déifferdeng gemaach hunn. Vun deenen eelef Kanner sinn der dräi a Ghettoen an Osteuropa gestuerwen.

D'Renée war dat véiert Kand, dat ëmkomm ass. Hatt ass zu Poitiers op der Flucht un enger Blinddarmentzündung gestuerwen. D'Renée war dat eenzegt Kand vu sengen Elteren, dem Sigmund Lazard a senger Fra Berthe Mayer. Alle béid sinn och ëmkomm. D'Renée Lazard ass nom Krich hei zu Lëtzebuerg begruewe ginn, 1947. Wat een un der Doudesannonce aus dem „Tageblatt“ erausfënnt.

Et ass wéineg bekannt iwwert d'Renée. Mä ech mengen, mir géifen hei en Zeeche setze géint d'Vergiesse vun där Zäit. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Goffinet. D'Madamm Saeul nach, wannechglift.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

réplique qu'elle est donc petite pour le moment.

Il s'agit de la rue en direction de Servior. M. Goffinet a proposé le nom de Renée Lazard, une jeune fille de 13 ans morte d'une appendicite.

Christiane Brassel-Rausch a discuté avec le directeur de l'EIDE concernant la partie postérieure de la rue du Gaz.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch trouve la remarque de M. Zens pertinente. Appeler une rue où se trouve une école « rue du Gaz » est délicat.

(Rires)

Christiane Brassel-Rausch ajoute que les riverains tiennent cependant à ce nom. C'est pourquoi seule la partie où commence l'école obtient un nouveau nom: John Ernest Dolibois. Cette rue fait le tour, passe devant le Science Center et aboutit dans la rue Émile-Mark.

Sur proposition de M. Ruckert, la commission a décidé de considérer le nom de « rue Walter Schmit » dès qu'il faudra dénommer une rue autour du bâtiment d'ArcelorMittal. Walter Schmit est un garçon de 13 ans mort lors de la grève de 1912.

TOM ULVELING (CSV) remercie la commission pour ses bonnes propositions.

SERGE GOFFINET (LSAP) a aimé travailler avec la commission, qui a réussi à trouver un consensus.

En tant que membre du comité de MemoShoah, il tient à fournir quelques explications sur Renée Lazard. Elle avait 13 ans et figurait sur la liste des 11 enfants juifs de Differdange inscrits pour l'année scolaire 1939-40. À l'époque, les préjugés contre les juifs étaient forts, ce qui explique la réalisation de cette liste.

La famille a pris la fuite vers la France le jour de l'invasion. Elle avait été prévenue par un habitant de Differdange.

Des 11 enfants juifs, 3 sont morts dans les ghettos d'Europe de l'est. Renée est morte, quant à elle, d'une appendicite à Poitiers. Elle était l'enfant unique que Sigmund Lazard et Berthe Meyer. Elle a été enterrée au Luxembourg en 1947.

8. Nouvelles rues

On ne connaît pas grand-chose de Renée, mais lui consacrer une rue permet de ne pas oublier.

CHRISTIANE SAEUL (DP) remercie à son tour le groupe de travail. Les noms choisis sont adaptés aux différents sites.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) a suggéré la dernière fois que les noms soient publiés dans le magazine avec des explications.

Il propose de demander à M. Fleischhauer ou M. Logelin, les historiens locaux, de faire des recherches sur ces personnages et sur le nom Lauterbann. Il faudrait au moins que des explications figurent sur le panneau.

Frenz Schwachtgen en profite pour lancer un défi au conseil communal: découvrir ce que signifie «Lauterbannen».

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il faudra demander l'accord des familles concernées. Cela n'a pas encore été fait.

SERGE GOFFINET (LSAP) répond que Renée Lazard n'a plus de famille.

TOM ULVELING (CSV) rappelle qu'une salle de la bibliothèque porte déjà le nom de John E. Dolibois. Il ne pense donc pas que quelqu'un sera contraire à l'idée de lui dédier une rue.

JERRY HARTUNG (CSV) constate à son tour que le climat au sein de la commission est excellent. Cela démontre l'importance de discuter des points avant les séances de conseil communal.

M. Goffinet et M^{me} Brassel-Rausch ont donné des explications quant à M^{me} Renée Lazard. Jerry Hartung rappelle quant à lui que M. Dolibois a contribué à l'installation de la Miami University à Differdange. Compte tenu de la collaboration entre la Miami University et l'EIDE, il était logique d'attribuer son nom à une rue sur ce site.

Pour ce qui est de la rue Thillen-berg, le nom pourrait être retenu si une nouvelle école en forêt ouvrait ses portes.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci dem Groupe de travail fir d'Iwwerleeungen zu dësen Nimm. Ech fannen, dass et e ganz flotten, neien, innovative Grupp ass. An dass déi Nimm effektiv déi passend Auswiel sinn, déi zu de Sitte passen. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Den Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hat d'leschte Kéier scho proposéiert, dass Explikatiounen zu deenen Nimm am Magasin sollten iergendwéi verëffentlecht ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et kann ee jo eis lokal Chroniker, fir se net mam Numm ze nennen, den Här Fleischhauer, den Här Logelin, zum Beispill, froen, ob si géife Recherchë maachen. Oder déi Donnéeën, déi schonn do sinn, vun deene Personagen, déi mer elo do ausgewielt hunn oder och zum Flouernumm Lauterbann, dass do Explikatioune géife kommen. Dass d'Leit och e bëssen dermat eppes kënnen ufänken.

Oder um Stroosseschëld herno wéinstens kleng Indikatioune stinn. Ech selwer lancéieren en Challenge un de Gemengerot. Lauterbann, Lauterbannen zu Nidderkuer. Et gëtt méttlerweil Lauterbannen, viischt an hënnescht Lauterbannen. Ech lancéieren en Challenge, fir déi nächste Kéier emol nozesichen, wat dat heescht.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Okay. Merci. Ech mengen déi Leit, déi concernéiert sinn, mussen mer d'Famillje froen, ob se d'accord sinn. Dat ass jo kloer. Dat ass bis elo nach net geschitt. Mä dat wäerte mer nach maachen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Et ass keen do.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Et ass keen do. Mä dowéinst huelen ech och net un, dass een eppes dogéint huet, well se jo scho ganz stolz waren, wéi mer an der Bibliothék e Sall no him benannt hunn. Mä ech mengen, pro forma mussen mer dat awer maachen.

Nach den Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, ech schlësse mech all de Virriedner un. Et war wierklech e ganz gutt Klima am Aarbechtsgrupp. Dat weist, dass wann ee sech am Virfeld Zäit hëlt, fir iwwer Themen ze schwätzen, ier se an de Gemengerot kommen, dass mer do wierklech un engem Strang zéien.

De Gros ass gesot. Zur Madamm Renée Lazard hunn den Här Goffinet an d'Madamm Brassel-Rausch e puer Wieder gesot. Och zum Här Dolibois. Do wollt ech just nach ergänzen, firwat deen zréckbehale gouf. Deen Här huet vill Meritten dorunner, dass d'Miami University hei zu Déifferdeng ass. A vu dass d'EIDE vill mat der Miami University zesummeschafft, huet sech dat fir dëse Site esou erginn.

Et ass scho gesot ginn, et gouf gekuckt, fir all Site ëmmer Nimm ze fannen, déi passen.

Bei der Rue Thillebiere, déi ass elo net zréckbehale ginn, well do ebe keng nei Strooss hikënnt. Mä wann herno eng Kéier – et ass jo geschwat ginn, fir uewen um Thillebiere eng weider Bëschschoul ze maachen, oder esou, do géif deen Numm souguer nach vläicht besser passen. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll eppes soen zum Här Dolibois, well effektiv net vill dozou gesot ginn ass. Ech hunn dee Mann perséinlech kennt. Et war een, kann ech Iech soen, ganz interessante Personage. En ass,

8. Nouvelles rues / 9. Règlements communaux

mengen ech, vun Hollerech gebierteg. Hien ass am Krich bei d'Amerikaner gaangen. A wéi d'Nazibonzen zu Mondorf agespaart waren – en huet e Buch iwwer säi Liewen geschriwwen, wat iwwregens jiddwerengem ze empfeelen ass –, konnt hien als Traducteur, well e Lëtzebuenger war an Däitsch an Englesch geschwat huet, do hëllef, fir d'Traduction ze maachen.

En huet déi och verhéiert. E war och bei den Nürnberger Prozesser dobäi. Duerch ass en an Amerika zrëckgaangen. Huet do op der Miami University geschafft. E war do a leedender Funktion tateg. Vum Reagan ass e sengerzäit als Lëtzebuenger Ambassadeur zu Lëtzebuerg genannt ginn. Si wollten en Experiment maachen, hat den Dolibois mer selwer eng Kéier gezielt, wou e Gebiertegen ausgewandert ass, dass een deen erëm géif als Ambassadeur zrëckschécken, ob dat géif eppes bréngen. A well se kee grousst Land wollten huelen, a Lëtzebuerg do gepasst huet, hate se hien du geholl, fir op Lëtzebuerg ze schécken. Ech mengen, et ass him ze verdanken, dass d'Miami University hei en Ofleeër, souwuel an der Stad gehat huet, wéi och hei zu Déifferdeng. Dofir verdéngt dee Mann och eng Strooss.

Wëllt nach een eppes soen? Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Léif Kollegeen a Kollegeinnen am Gemengerot, ech si ganz frou, dass mer punkto Stroossen an där Demarche sinn, an där mer elo zënter deene leschten zwou Benennunge sinn. Dat ass jo schonn hei gesot ginn.

Ech sinn deen, dee sech ëmmer derfir agesat huet, dass mer méi Stroossen no Fraen nennen. An deem do Rhythmus, wéi mer elo haut och stëmmen, kréie mer dee Retard zwar nach net opgeholl, mä op d'mannst maache mer en net nach méi grouss. Dat heescht, mir sinn elo bei 50/50, souzesoen, wat gendert Nimm ugeet.

Ech denken, dass déi Approche ganz gutt ass, wierklech am Detail kënnen nozedenken an ze schwätzen a sech auszetauschen, firwat ee wéi enger Strooss wéi een Numm gött. Dat kann

een als Detail gesinn. Mä dat ass symbolesch net onwichtig. An dat bréngt verschidde Saachen an d'Bewosstsinn, doduerch, dass et am ëffentleche Raum present ass. Dat ass souwuel fir Perséinlechkeete wéi fir Flouernimm net onwichtig. Dohier wollt ech dat nach eng Kéier hei begrëssen.

Selwer hat ech och den Numm vum Renée Lazard abruecht. Well ech matkritt hat, dass bei den Aarbechte ronderëm d'Stolpersteine och eng Fro war, ob fir d'Renée Lazard e Stolperstein sollt geluecht ginn. Wat net de Fall war, well et net déi nammlecht Circonstancë ware wéi deemools. Mä ganz kloer: Ouni déi Verfolgung vun de Judden, déi do stattfonnt huet, wär d'medezinesch Hëllef matzäiten do gewiescht fir eng einfach Blinddarmentzündung. An dat war eben net de Fall gewiescht. Dofir mengen ech, dass dat elo dee richtige Schrëtt ass, eng Strooss no deem Meedchen ze benennen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Da géife mer driwwer ofstëmmen, wa keng aner Wuertmeldung méi do ass.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la dénomination des nouvelles rues pour l'accès « Woiwerwisen », le lotissement de la SNHBM à Niederkorn et l'accès au site scolaire de l'EIDE.

Komme mer zum Punkt néng, dat si Règlement-communaux. Do geet et ëm d'Circulation. Do géif ech dann dem Här Liesch d'Wuert ginn, fir eis dat e bëssen ze explizéieren.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Et geet fir d'éischt ëm d'Règlements de circulation, wou mer verschidden Upassunge gemaach hunn. Mir hate verschidde Leit gesinn, haapt-sächlech Restaurateuren a Geschäftsleit zu Déifferdeng, fir e bëssen ze kucken, wou d'Doleancë sinn, wou de Schong dréckt, wat hir Besoine sinn.

TOM ULVELING (CSV) *a personnelle-ment connu M. Dolibois, un homme intéressant. Il est né à Hollerich. Il a travaillé comme traducteur à Mondorf, où étaient emprisonnés les nazis. Il a également participé au procès de Nuremberg.*

Plus tard, il est parti aux États-Unis et a travaillé à la Miami University. Ensuite, il est devenu ambassadeur de Reagan à Luxembourg. Il s'agissait d'une expérience. Le gouvernement américain voulait voir s'il y avait des avantages à nommer ambassadeur quelqu'un né dans le pays en question. C'est à M. Dolibois que l'on doit les annexes de la Miami University au Luxembourg et à Differdange.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *se réjouit de la démarche ayant conduit à la dénomination des rues dernièrement.*

Il s'est toujours engagé pour donner des noms de femmes aux rues. Le rythme actuel ne permettra pas de rattraper le retard, mais au moins, la différence ne deviendra pas plus grande.

L'approche actuelle, consistant à réfléchir et discuter en détail des noms de rue, est vraiment bonne. On peut considérer un nom de rue comme un détail, mais symboliquement, c'est important.

Gary Diderich avait lui aussi pensé à Renée Lazard, parce que son nom avait été évoqué dans le cadre des « Stolpersteine ». Il est clair que sans la persécution des juifs, elle aurait pu être soignée. C'est pourquoi Gary Diderich est d'accord pour donner son nom à une rue.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) *passé aux règlements communaux et cède la parole à M. Liesch.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique qu'il s'agit d'adaptations de règlements de la circulation.*

Le collège échevinal a rencontré des restaurateurs et des commerçants pour connaître leurs doléances. Le chiffre d'affaires des restaurateurs repose en grande partie sur les livraisons à midi et le soir. Ils ont donc besoin de places de stationnement à proximité du restaurant.

9. Règlements communaux

Le collège échevinal a envoyé un plan aux conseillers communaux hier. Ce plan reprend les restaurants de Differdange et les endroits où des places de stationnement sont nécessaires.

Ces places de stationnement destinées aux livraisons sont limitées dans le temps à midi et le soir. Le stationnement payant a par ailleurs été prolongé le soir à certains endroits dans le même contexte.

Quelques places de stationnement pour personnes handicapées ont été aménagées dans la rue Émile-Mark et sur le plateau du Funiculaire.

Deux places de stationnement courte durée ont été aménagées au cimetière de Differdange. Georges Liesch rappelle que ce site est utilisé par les gens travaillant à la commune ou dans le centre. Cela a eu pour conséquence que les gens se rendant au cimetière ne trouvaient plus de place. Les nouvelles places sont limitées à trente minutes, par exemple pour déposer des fleurs sur une tombe.

Une place de stationnement a été aménagée devant la pharmacie du Funiculaire.

La rue Pierre-Meintz a été harmonisée avec le reste du quartier.

Georges Liesch demande s'il doit aussi fournir les explications quant aux règlements d'urgence maintenant.

TOM ULVELING (CSV) répond que oui. Il sera toujours possible de soumettre les deux points à des votes séparés tout à l'heure.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) constate qu'il s'agit des règlements habituels. Il mentionne cependant un chantier des CFL dans la rue Kondel. À la suite de travaux, la haie avait pratiquement disparu, ce qui était dangereux. Les CFL ont finalement décidé d'installer une clôture.

Parmi les autres règlements d'urgence, celui concernant les travaux dans le cadre du nouveau commissariat mérite une mention.

Pour le reste, il s'agit de travaux sur des maisons.

Do ass erauskomm, dass eng ganz Partie vun de Restaurante mëttlerweil hire Chiffre d'affaires konsequent domadder maachen, dass se Iessen ausliwweren. Net nëmmen iwwert dat, wat se am Restaurant zerwéieren. E gudden Deel vun hirem Chiffre d'affaires maache se an der Mëttegstonn an och owes, wou se bei d'Leit heem an och an d'Bertriber liwweren, am Fong iwwerall.

Doraus resultéiert, dass ee Plaze brauch, relativ no, natierlech net beim Restaurant selwer, mä an der Proximitéit awer. Liwwerplazen, wou se d'Iesssaachen an d'Camionnette lueden, fir se dann auszeliwweren.

Mir hunn eng Kaart opgestallt. Déi hu mer Iech gëschter geschéckt. Dat ass begleetend zum Reglement. Et gesäit een d'Iwwersiicht vun de Restauranten, déi mer zu Déifferdeng hunn a wou mer esou Liwwerplazen ausgemaach hunn, wou se während verschiddene Stonnen déi Servicer do ubidden.

Dat ass emol een Deel vum Reglement, wou Der erausfannt, dass do nei Livraisonsplazen dobäi komm sinn. Déi natierlech an der Zäit limitéiert sinn, an der Mëttesstonn an owes.

Aner Plazen, déi schonn do waren, hu mer an den Owend era verlängert, fir Liwwerungen an den Owend eran nach ze erlaben. Dass mer dat och nach hikeréien.

Da fannt Der am Reglement déi eng oder déi aner Stationnement-handicapéen nach mat dran, an der Rue Émile Mark an um Funiculaire. Déi mer schonn eng Kéier hei diskutéiert haten, déi elo am Reglement sinn.

Dann hu mer Kuerzzäitparkinge mat agebaut. Dat eent ass beim Déifferdenger Kierfecht. Do ass jo e Parking, dee mëttlerweil gutt frequentéiert gëtt. Och vu Leit zum Beispill, déi hei op der Gemeng schaffen, vu Leit, déi am Zentrum schaffen. Déi dohinner parke ginn an dann ze Fouss, mam Bus oder mam Vëlo – well do ass jo eng Vël'OK-Station – an Déifferdeng erakommen.

Doraus huet awer resultéiert, dass d'Leit, déi op de Kierfecht gaange sinn, gesot hunn, elo fanne mir bal keng Parkplaz méi, wa mer wëllen op de Kierfecht goen an eng Blumm deposéieren

oder eppen. Dofir hu mer elo emol zwou Parkplazen do reservéiert, limitéiert an der Zäit op 30 Minutten. Soudass déi Parkplazen dréien um Kierfecht. Dass d'Leit ëmmer eng Parkplaz fannen, wa se mat Saache kommen, déi se op d'Graf wëllen droen.

Dat hu mer och gemaach bei der neier Apdikt um Funiculaire. Do ass e Kuerzzäitparking mat dran.

D'Rue Pierre Meintz, gesitt Der, hu mer elo harmoniséiert mam Rescht vum Quartier. De Quartier résidentiel ass payant, och sonndes, sou wéi de Rescht vum Quartier.

Dat sinn alleguerten déi grouss Saachen aus de Règlements de circulation. Elo weess ech net, ob ech d'Règlements d'urgence hannendrun huelen oder direkt mat erklären? Et ass, wéi Der wëllt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Erkläert se mat, wannechgelift. Mir kënnen ëmmer nach separat ofstëmmen, wann d'Leit wëllen oder zesummen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

D'Règlements d'urgence sinn déi üblich. Ech huelen der e puer eraus. Zum Beispill, wéi ech elo grad gesot hunn, déi Emplacementer beim Parking. Dann hu mer e Chantier, dee mer scho méi laang gefrot hunn, bei der CFL. Dat ass laanscht d'Rue Kondel, wou keng Clôture ass. Do war emol ëmmer eng Heck. Am Kader vun den Aarbechte war déi quasi ganz verschwonnen. Soudass eigentlech d'Leit, an och d'Kanner, kéinten do direkt op d'Schinnene goen. Du ware mer bei d'CFL an hu gesot, dat ass awer keng gutt Situation. Dat ass geféierlech.

Doropshin hu si elo déi Clôture gesat. Dat ass och ee vun de Règlement-d'urgencen hei. An dann nach een, deen ech wollt eraushuelen, dee mer och schonn de Moien diskutéiert hunn, dat sinn déi Sondagë vum Policegebai, déi dann och elo ufänken. Wat schonn als Reglement hei draläit. Déi aner, dat sinn üblich Aarbechten un Haiser a Bännen.

9. Règlements communaux

Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci och, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Fir verschidde Geschäftsleit ass et sécherlech hëllefräich, dass eis Livraisonszonen zäitlech erweidert ginn. A sécherlech vereinfacht dat och d'Aarbecht vun eisen Agents municipaux. Aner Geschäftsleit am Zentrum sinn awer och op ausräichend Parkraum ugewisen. Deen definitiv leider net ëmmer do ass. An eisen Zentrum blutt, wësse mer, ëmmer méi aus.

Ech rappelléieren un déi mediewierksam virgestallte Parkplazprojeten, wéi zum Beispill d'Parkhaus um Contournement, wou nach ëmmer keng Zill steet. Wa mer den Zentrum net wëlle komplett stierwe loossen, da muss dat eng absolutt Prioritéit ginn. An och endlech an e Budget. Mir hunn et jo schonn ukléngelooss hei.

Nichtsdestotrotz stëmme mir déi Modifikatioun hei mat. An der Hoffnung, dass dat, wat ech elo gesot hunn, dann och endlech ugepaakt gétt. Merci.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci Dir Hären. Ech hat am Virfeld vun eiser Gemengerotssitzung vun haut mam Här Liesch geschwat an ech ka mat deem Text an där Beschëlderung, déi hei virgewise ginn ass, einfach net zefridde sinn. Well do si Feeler dran. Dir hat mer versprach, Dir géift dat nofroen. Dir sidd awer net méi op déi Informatiounen, déi Der nodréiglech kritt hutt, agaangen. Soudass ech mech muss widderhuelen. Dat selwecht, wat ech Iech erkläert hunn.

Mir hunn déi Zäitbegrenzung, dat ass dat Parkverbuert C18, dat ass dat ronnt Schëld, wou d'Parkverbot duergestallt ass. Do ass et, wéi de Legislatuer et seet,

verbueden ze parken. Wann elo Ausname kommen, da mussen déi an engem Zousazschëld, wat ënnendrenner kënnt, erkläert ginn. Wann ech de Libellé dann hei liesen, dee mir elo ofstëmme, steet do ganz richtig: „Stationnement interdit, livraisons“. An dat ass net kompatibel mam Schëld. Well da verbidde mir d'Parken do fir d'Liwwerer. An dat ass jo net den Zweck an de Sënn vun der Übung.

Mir wëllen dem Livreur erlaben, vu moies siwe bis owes zéng – ech huelen elo den Artikel 2, et sinn der nach méi där dran –, do ze stationéieren, fir seng Clientèle ze beliwveren. Mä mat deem, wat mir elo ofstëmme, verbidde mir him, vu moies siwe bis owes zéng do ze stationéieren.

Ech kann Iech och den Text virlesen, wéi et am Code de la route steet: „Signal C18 indique que le stationnement est interdit“. Verbuetschëld. „Le signal C18 complété par un panneau additionnel indique que le stationnement est interdit ou limité selon les modalités inscrites sur le panneau additionnel“. Da kënne mir net op de Panneau schreiwen „Stationnement interdit, livraisons“. Da muss do stoen „Stationnement interdit, sauf livraisons“.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Well wa mir dat hei stëmme, verbidde mir him do ze stoen. An da kréie mer e Chaos total an e Surplus un Aarbecht a maachen d'Leit duercherneen. De Prinzip ass gutt. Mä mer musse kucken, dass mer wierklech awer ufänken, e bësse méi conscient ze schaffen. Well et ass ganz rar, dass mer Verkéiersreglementer, Modifikatiounen hei stëmme, déi zu 100 % richtig sinn.

Hei hu mer dann erëm eng sechs Situatiounen, déi net stëmme an net deem entsprechen, wat mer wëllen. Ech wier frou, wa mer do kéinten eng Kéier net driwwer diskutéieren hei, an dass dat méi minutiéis géif ausgeschafft gi wéi dat, wat mer haut gesinn.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate que l'élargissement des zones de livraison aidera les commerçants et facilitera la vie des agents municipaux.

Mais les autres commerces dépendent aussi des places de stationnement disponibles. Le centre-ville de Differdange saigne de plus en plus.

François Meisch signale que la construction du parking du contournement, annoncé en pompe dans les médias, n'a toujours pas commencé. Pour sauver le centre, ce projet doit être une priorité.

Les démocrates approuveront la modification en espérant que les autres projets suivront.

GUY ALTMEISCH (LSAP) a déjà dit à M. Liesch qu'il n'est absolument pas satisfait du texte et de la signalisation, car il y a des erreurs. M. Liesch lui a assuré qu'il s'informerait, mais il n'est pas revenu sur ce point.

Guy Altmeisch signale que l'interdiction de stationnement C18 interdit tout stationnement. Les exceptions doivent être signalées par un deuxième panneau en dessous du premier.

Le texte stipule correctement que le stationnement est interdit pour cause de livraisons. Mais cela n'est pas compatible avec le panneau interdisant aux livreurs de se garer. Or les livreurs doivent pouvoir se garer de 7 h à 22 h d'après l'article 2.

D'après le Code de la route, le signal C18 indique que le stationnement est interdit. Un panneau supplémentaire est nécessaire pour indiquer d'éventuelles modalités.

D'après M. Altmeisch, si le conseil communal approuve la réglementation telle quelle, les gens ne comprendront plus rien. Le principe est bon, mais il faut travailler de façon plus précise. Il est rare que les règlements de circulation votés soient corrects à 100 %. Aujourd'hui, six règlements ne correspondent pas à ce que veut le conseil communal. Guy Altmeisch voudrait ne pas devoir discuter de ces problèmes chaque fois.

En ce qui concerne les règlements d'urgence, un habitant a demandé à installer un conteneur devant sa

9. Règlements communaux

maison dans la rue de l'École à Niederkorn. Si la commune donne son autorisation, elle doit veiller à ce que le conteneur ne soit pas trop éloigné d'un croisement. Dans ce cas-ci, il se trouvait à trente mètres du croisement entre la rue de l'École et la rue Saint-Pierre. Les automobilistes provenant de Käerjeng réussissaient à passer, mais pas ceux en direction de la route de Pé-tange. Les embouteillages se prolongeaient jusqu'au rondpoint.

Lorsque la commune approuve de tels règlements d'urgence, elle doit penser aux croisements régis par des feux tricolores. Autrement, c'est le chaos. Les automobilistes étaient coincés derrière le conteneur.

GEORGES LIESCH (LSAP) remercie M. Altmeisch pour ses remarques. Cependant, il doit nuancer ses propos. D'après le règlement communal, le panneau C18 peut être complété par un panneau additionnel portant le cas échéant l'inscription des jours et des heures pendant lesquels l'interdiction de stationnement s'applique. Contrairement au texte cité par M. Altmeisch, celui-ci semble indiquer que la mention «sauf» n'est pas nécessaire. Mais M. Altmeisch a raison: ce point doit être clarifié.

Ce que le conseil communal veut est clair. Mais le règlement ne peut pas contenir d'erreurs. Il faudra comparer l'article du règlement communal et l'article du Code de la route, et apporter les correctifs nécessaires.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rétorque que les personnes lisant le panneau ne devraient pas avoir besoin de contacter le ministère des Transports pour le comprendre.

TOM ULVELING (CSV) en convient.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute que la commune doit être consciente du fait qu'elle ne peut pas approuver un règlement de circulation non conforme au Code de la route. Elle doit se tenir aux lois et elle doit faire en sorte que les gens comprennent de quoi il en retourne.

Wa mer vun Drénglechkeetsreglementer schwätzen, huelen ech nach eng Situatioun erëm, déi mer duerch en Drénglechkeetsreglement provoziert hunn. Do war eng Situatioun e Samschdeg zu Nidderkuer. Do war en Awunner, deen hat gefrot, fir e Container an der Rue de l'École virun d'Dier ze stellen. Do mussen mer onbedéngt oppassen, wa mer esou eppes autoriséieren, dass mer net ze wäit ewech si vun enger Kräizung. Hei ware mer 30 Meter vun der Kräizung Rue de l'École/Rue St. Pierre ewech. D'Luuchte si gréng ginn. Déi, déi vu Käerjeng komm sinn, sinn erofgefuer. De Container stoung a Richtung Péitenger Wee/Käerjenger Wee. Mä déi ënnescht, déi sinn net méi laanschtkomm. Verstitt Der? Well déi aner gefuer sinn, well déi gréng haten.

Selbstverständlech léisst jo dann och keen dee laanscht, deen hannert dem Container steet. Dat huet e Réckstau provoziert bis bei de Rond-point. Soudass, wa mer Drénglechkeetsreglementer stëmmen oder réaliséieren, wou Containeren op d'Strooss kommen, muss ee wierklech kucke goen, ob do keng rout Luucht déi Kräizung, de Verkéier hannendrun, reegelt.

Well soss schafe mer do e Chaos. Dat ass gewosst vun Ufank un. An dat war hei esou e Chaos, dass d'Leit op eemol am Rond-point gedréit hunn an net méi konnten an déi Stroosse fueren, wou se wollten, duerch déi Situatioun. Well déi rout Luucht op gréng gesprongen ass an de Verkéier lafe gelooss ginn ass. Mä déi Leit net méi hannert dem Container erauskomm sinn.

Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Altmeisch. Soss keen do? Den Här Liesch wëll eppes soen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen dem Här Altmeisch Merci fir seng Aarbecht, déi en ëmmer mécht. Ech hat dat nogefrot. Ech wollt awer just liesen, wat den Artikel an eisem Reglement seet. Do steet et e bëssen nuanciert dran. Do steet: „C18 stationnement interdit, complété par un panneau additionnel portant le cas échéant l'ins-

cription des jours et heures pendant lesquelles l'interdiction s'applique“. Dat schéngt mer elo, par rapport zum Gesetzestext, wou Dir sot, vum Code de la route, eng Nuance ze sinn. Well hei steet, mir schreiwen drënner, wéini d'Interdiction gëllt. Da bräichte mer de ‚sauf‘ also net.

Mä ech ginn Iech recht. Mir sollten dat doten awer elo klären, ob mer dee ‚sauf‘ müssen dobäi maachen oder net. D'Volontéit ass kloer, wat mer hei wëllen. Mir müssen et awer richtig maachen. Duerfir ginn ech Iech recht. Mir klären dat elo nach eng Kéier. Den Artikel, deen Dir gelies hutt am Code de la route, an deen Artikel, dee mir hunn an eisem Reglement, wat de Stationnement interdit livraisons ugeet, nuanciert do. An da mussen mer dat awer iergendwann eng Kéier richtigstellen. Do hutt Der ganz recht.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wollt nach eppes dozou soen. D'Zil an den Zweck vun deem Ganze soll jo esou sinn, dass deejéinegen, deen d'Schëld begéint a liest, sech net brauch un de Ministère de Transport ze wenden, fir d'Schëld ze verstoen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat wär fir jiddwereen eng Erläuterung. An dass mer et eng Kéier unanime wëssen. A wat mer eis och mussen bewosst sinn, mir kënnen kee Verkéiersreglement maachen hei vun der Stad Déifferdeng, wat net am Konsens steet mam Code de la route. Mir müssen eis un déi Texter halen. Dat do ass wierklech ze klären.

Eng Richtegstellung wier e grouse Plus fir d'Leit aus der Gemeng. An och fir eis. Well mir heiansdo do mat der Bibel mussen stoen, fir dat ze verstoen.

Ech soen Iech Merci.

10. Syndicats / 11. Commissions/ Questions

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Richartz, wannechgelift.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass d'Libellée mat de Schëlter, Verkéiersschëlter elo iwwertenee stëmmen, dass dat an d'Rei geet, déi Saach mam Här Altmeisch a mam Här Liesch.

Awer selbstverständlech sinn eis Geschäftsleit an d'Restaurateuren immens frou iwwert déi Zone de livraison, haauptsächlech well se bis owes zéng Auer ass. A fir de Rescht vun de Libelléen, dat geet jo dann an d'Rei.

Ech begréissen, dass um Kierfecht zwou Parkplaze gemaach si ginn, jee-weils à 30 Minutte mam Disk, fir déi Leit, déi op de Kierfecht ginn, déi schwéier Saachen ze droen hunn an hei an do. Ausserdeem hunn ech nogefrot, et ginn erëm Charioten op de Kierfecht gestallt, déi ee ka mat Zwee-Euro-Ménzen benotzen, sou wéi d'Strenzen. Déi ware schonn do, sinn awer, bedauerlecherweis, entweder geklaut ginn oder futti gemaach ginn. Dat kënnt och elo an Zukunft.

Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Richartz. Da géife mer driwwer ofstëmmen, wa kee méi eppes soe wëll.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications du règlement de circulation.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Komme mer zum Punkt 10, Syndicats intercommunaux. Mer hunn eng Statutenännerung am SIDOR. Wou mer bis

elo ee Verrieder haten – dat war den Här Ruckert –, hu mer elo d'Méiglecheet kritt, en zweete Verrieder vun der Stad Déifferdeng ze benennen. De Schäfferot proposéiert den Här Guy Tempels. Wann elo nach een anere sech beruff fillt, kann e sech och mellen. Da stëmme mer of.

Ech zielen of. Wa keen anere sech elo mellet, dann ass et oui oder non fir den Här Guy Tempels.

Also et gëtt ofgestëmmt iwwert d'Kandidatur vum Här Tempels am SIDOR. Mat oui, non oder Abstention.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui, 2 voix non et 3 abstentions que monsieur Guy Tempels sera membre au sein du syndicat SIDOR.

Domat wär den Här Tempels designéiert als zweete Verrieder vun der Gemeng Déifferdeng am Syndikat SIDOR.

Dann hu mer de Punkt eef: Changes au sein des commissions consultatives. Do hu mer e Bréif erakritt vun deene Gréngen. Do soll d'Madamm Brassel-Rausch remplacéiert ginn duerch den Här Antoine Kossoko an der Commission des finances et subsides. An der Commission à l'égalité des chances entre femmes et hommes gëtt den Här Pol Flesch remplacéiert duerch d'Madamm Nathalie Klein. An der Commission de la circulation gëtt den Här Mich Falco remplacéiert duerch den Här Arnes Adrovic.

Wiere mer domat d'accord? Dann hale mer dat esou fest.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da géife mer zu de Froe kommen.

(Diskussiounen)

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

espère que cette question de textes et de panneaux pourra être résolue. Les commerçants et les restaurateurs sont contents de disposer d'une zone de livraison jusqu'à 22 h.

Yvonne Richartz-Nilles se réjouit de l'aménagement des deux places de parking de trente minutes au cimetière.

Elle a aussi appris que des charriots allaient être mis à la disposition des gens pour deux euros.

TOM ULVELING (CSV) répond que c'est comme au Cactus.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

rappelle que de tels charriots existaient déjà, mais qu'ils ont été volés ou cassés.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) passe au point 10, les syndicats intercommunaux.

Les statuts du Sidor changent. Différence pourra disposer d'un deuxième représentant en plus de M. Ruckert.

Le collègue échevinal propose M. Tempels.

(Vote)

Tom Ulveling constate que M. Tempels devient le deuxième représentant au sein du Sidor.

Il passe aux commissions consultatives. Pour déi gréng, M^{me} Brassel-Rausch est remplacée par M. Antoine Kossoko dans la commission des finances et M. Paul Flesch est remplacé par M^{me} Nathalie Klein dans la commission à l'égalité des chances. M. Mich Falco est remplacé par M. Arnes Adrovic dans la commission de la circulation.

(Vote)

Tom Ulveling passe aux questions. (Discussions)

Tom Ulveling cède la parole à M. Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) a introduit plusieurs questions quant à Aquasud, mais une l'intéresse plus particulièrement.

Cet été, il a vu qu'Aquasud abandonnait ses cartes familiales, qui permettaient aux familles d'accéder aux installations pour moitié prix. Apparemment, Aquasud réfléchit à une nouvelle offre. Or Gary Diderich croit se souvenir que le conseil communal décide des tarifs. Par conséquent, l'exploitant privé ne peut pas décider seul de la suppression d'une offre.

Gary Diderich demande au collègue échevinal si celui-ci a été mis au courant des nouveaux tarifs. Quand comptait-il en informer le conseil communal? La commune ne devrait-elle pas intervenir pour que les cartes familiales soient réintroduites.

TOM ULVELING (CSV) s'est informé auprès d'Aquasud. La commune a reçu la nouvelle offre par écrit.

(Interruption de M. Krecké)
Tom Ulveling propose d'en faire des copies.

(Interruption de M. Krecké)

Tom Ulveling ajoute qu'Aquasud dit accorder une grande importance aux familles et organise un «Family Day» une fois par mois. Cependant, la carte «Famille» telle que mise en place en 2004 ne correspondrait ni aux attentes des clients ni de l'administration d'Aquasud.

Celle-ci pose notamment la question de la définition d'une famille. Un adulte profitant de la carte pour aller nager à midi constitue-t-il une famille? Qu'en est-il d'un adulte avec son enfant et celui de sa compagne? En outre, la réalisation matérielle des cartes posait problème et Aquasud était en rupture de stock. La validation des nouveaux tarifs permettra de régler toutes ces questions.

SERGE GOFFINET (LSAP) s'étonne de cette réponse.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande si ce n'est pas à la commune de décider.

(Discussions)

Wou fänke mer un? Den Här Diderich, mengen ech, hat seng als éischt eraginn.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Hien hat se schrëftlech eraginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Sidd der d'accord, dass mer domat ufänken? Här Diderich, Dir hutt d'Wuert.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn e puer méi détailléiert Froen eraginn zum Aquasud, mä ech hu virun allem eng Fro: Am Summer hunn ech gesinn, dass si e Schëld am Accueil opgestallt hunn, dass déi Carte-familien elo ausgesat wäeren. Dass deen Tarif net méi ze kréie wär. Wat awer e ganz gud-den Tarif war, denken ech, wou ee mat 25 Euro am Joer konnt den hallwen Tarif ëmmer kréien, wann een als Famill dohinner gaangen ass a pro Persoun da just d'Hallschent um Ticket bezuelt huet.

A si géife sech nach iwwerleeën, wat si dann amplaz maachen. A souwäit ech dat awer an Erënnerung hunn, si mir als Gemengerot zoustänneg, fir d'Tarifer ze stëmmen. An domadder ass de privaten Exploitant och net eegestänneg ermächtegt, fir en Tarif auszesetzen, denken ech.

Do wollt ech eben nofroen, ob de Schäfferot mat där Tarifännerung befaasst ginn ass a wéi dat elo vonstatten geet. A wéini mir als Gemengerot domadder befaasst ginn. An ob een net do muss intervenéieren, dass d'Carte-familien awer sollen esou weidergefouert ginn, bis eppes anescht gestëmmt ass. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hunn natierlech beim Aquasud nogefrot. A si hunn eis – all Partei, géif ech soen – eng Kopie ginn, vun deem, wat se ersat hunn.

(Diskussionen)

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et gëtt eng schrëftlech Äntwert zu all deene Froen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech kann awer soen, wat d'Madamm äntwert zu de Cartes familles: „Nous attribuons une grande importance à notre clientèle familiale, d'où la création d'un Family day mensuel avec des activités pour petits et grands. Mais au bout de cinq ans et demi d'application, nous avons effectivement constaté que la carte famille, telle qu'elle avait été mise en place en 2014, ne correspond pas aux attentes des clients et de l'administration d'Aquasud.

Qu'est-ce que c'est qu'une famille? Un adulte qui vient nager ses longueurs à midi en bénéficiant de la réduction ou des grands-parents et petits-enfants ne sont pas une famille. Un adulte avec son propre enfant et l'enfant de sa copine, est-ce une famille? De plus, la réalisation matérielle des cartes, telles qu'elles existaient, n'est plus dans l'air du temps. Nous continuons à pratiquer les tarifs familles. Mais c'est vrai qu'arrivant à l'épuisement du stock et pour des raisons techniques de réalisation en caisse de la carte en elle-même, nous n'en produisons plus. Nous attendons la validation des nouveaux tarifs qui réglerait ce problème“.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dat ass awer eng Äntwert wéi keng.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ass et dann net un eis, dat ze decidéieren?

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dat schreiwe si jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Si schreiwe jo: „nous attendons la validation des nouveaux tarifs“. Dat ass also vun eis. Mir sollen dat ...

Questions

FRED BERTINELLI (LSAP):

Se sinn awer elo ausgesat ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, si sinn am Auslafen, well se keng méi hunn. A si wëlle keng nei méi maachen. Esou hunn ech et verstanen.-D'Tariffer sinn nach applicabel. Mä ech verstinn awer och ...

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Een, deen elo eng Kaart wëll froen, dee kritt keng. Dat heescht, an deem Sënn ass den Tarif fir déi net méi applizéiert zënter zwee Méint.

An och wa si materiell déi Kaarten net méi kënne produzéieren – si hunn ëmmer Schwierigkeete gehat mat deene Kaarten. Am Ufank konnt een d'Foto nach sur place maachen. Do hate se extra eng kleng Kamera do, an dann huet een dat du schnell gemaach.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Hei steet awer: „Nous continuons à pratiquer les tarifs familles. Mais c'est vrai, qu'en arrivant à l'épuisement de stock et pour des raisons techniques de réalisation en caisse de la carte en elle-même, nous n'en produisons plus“.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Genau. Dat heescht, déi, déi nach eng Kaart hunn, déi kréien nach ëmmer d'Reduktioun.

ENG STËMM:

Déi aner och.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Nee. Si hunn d'Schëld schonn do stoen. Do ass jiddereen decouragéiert, fir eng Kaart ze froen. A wann een e Sondage géif maachen, géif ee warscheinlech genuch Leit fannen, déi soen, ech hu keng méi kritt.

Si kéinten awer, och ouni materiell déi Kaarten ze produzéieren, den Tarif weiderféieren, bis en neien Tarif gestëmmt ass. An deem Sënn, dass se einfach dat an hirem System opschreiwen. Esou hu se dat och virdu gemaach. Dann hu si eben do sur place nogekuckt. Dat dauert dann dräi Minutte méi laang. Mä ech mengen, et ass jo elo keng Hochsaison. Am Summer ass dat vläicht méi pertinent. Mä ech denken, et ass un hinnen als Gestionnaire – och wann hinnen d'Kaarten op eemol ausginn, musse si en Tarif applizéieren. Da musse si eng Léisung dofir fannen, bis ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir froen dat no. An da kucke mer, wann aner Tariffer proposéiert ginn, da schwätze mer am Schafferot driwwer. An da bréng mer déi natierlech heihin, fir dass mer déi dann aktéieren. Wat mer jo musse maachen.

Soss keng Froe méi, Här Diderich?

(Interruption)

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dat leeft jo virun. Dat hu mer jo virgelies.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech ginn Iech awer duerno d'Kopie vun deem Bréif.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mailt eis et einfach.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat kënne mer maachen, jo. Dann hat den Här Meisch eng Fro.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Zum PAG wollt ech froen: Wéi geet et elo do virun? Et ass eis gesot ginn, den éischte Vott géif annulléiert ginn. Da géife mer nach eng Kéier d'Saisine maachen.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

constate que c'est ce qu'ils disent. (Discussions)

TOM ULVELING (CSV) *explique qu'Aquasud attend la validation des tarifs par le conseil communal. (Interruption)*

Tom Ulveling répète que les cartes sont en rupture de stock et qu'Aquasud ne veut pas en fabriquer de nouvelles.

(Interruption de M. Krecké)

Tom Ulveling confirme que les tarifs sont toujours appliqués.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *proteste. Les personnes demandant une nouvelle carte n'en obtiennent pas. Les tarifs ne sont donc plus appliqués.*

(Interruption)

Gary Diderich rappelle qu'au début, les photos pouvaient être faites sur place. La procédure était rapide.

TOM ULVELING (CSV) *répète que d'après Aquasud, les tarifs sont encore appliqués, mais pour des raisons techniques, de nouvelles cartes ne sont pas produites.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *retorque que par conséquent, seuls ceux ayant déjà une carte profitent de la réduction. Des panneaux découragent les gens à demander une nouvelle carte. Aquasud pourrait appliquer les tarifs familiaux même sans carte matérielle. Il faut trois minutes. Cette question sera plus pertinente en été. Mais c'est au gestionnaire de proposer une solution.*

TOM ULVELING (CSV) *se renseignera. Le collègue échevinal fera ensuite une proposition au conseil communal.*

(Interruption et discussions)

Tom Ulveling donnera une copie de la lettre au conseil communal.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *propose un courrier électronique.*

TOM ULVELING (CSV) *est d'accord.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *demande où en est le PAG. Si le premier vote est annulé, une deuxième saisine est nécessaire.*

Par ailleurs, les démocrates ont appris que plusieurs dossiers n'ont volontairement pas été traités pendant des mois. Deux jours après le vote, les personnes concernées ont reçu un refus. Quelle est la position du collègue échevinal? Les responsables doivent rendre des comptes.

TOM ULVELING (CSV) rappelle que la première saisine est valide selon le ministère de l'Intérieur. Mais maître Krieger ayant menacé de porter l'affaire en justice, le collègue échevinal a décidé d'annuler la saisine et de voter une deuxième fois. Le collègue échevinal a discuté avec le ministère de l'Intérieur des personnes ayant introduit une demande, mais n'ayant pas obtenu une réponse de la commune. Une phase transitoire va être mise en place au cours de laquelle les dossiers qui étaient complets seront traités sur la base de l'ancien PAG. Le collègue échevinal veut que la procédure avance rapidement, mais a constaté des erreurs dans la partie écrite de la première saisine. Il faut les redresser.

Par ailleurs, le collègue échevinal veut intégrer dans le nouveau PAG les réclamations ayant été approuvées. Autrement, les personnes concernées devraient réclamer à nouveau dans le cadre de la seconde saisine.

C'est la raison pour laquelle la procédure dure un peu plus longtemps. Mais le deuxième vote est prévu dans la séance de novembre.

Tom Ulveling est au courant de l'affaire des dossiers qui auraient été retardés. C'est pourquoi une phase transitoire a été mise en place. Les dossiers complets pourront être traités sans que les gens aient besoin de protester.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que la procédure est identique à celle de la servitude sur les maisons unifamiliales. À l'époque, tous les dossiers introduits avant le vote ont été pris en considération. Dans ce cas-ci, la commune ne pourra pas se montrer trop sévère si un dossier n'est pas complet. En effet, ces dossiers ont été introduits à temps.

TOM ULVELING (CSV) répond que certaines personnes ne font que de

ENG STÈMM:

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Do hätte mer gären Informatiounen, wéi dat dann elo ausgesäit. An am selwechte Kontext vum PAG si mer informéiert ginn, datt eng ganz Rei Dossieren, volontairement, méintelaang zréckgehalé goufen, bis dann deen éischte Vott vum PAG koum. An déi Leit hunn een zwee Deeg no eisem Vott e Refus dann op eemol kritt. Wéi steet de Schäfferot dozou? Dat ass jo definitiv inakzeptabel. Do müssen déi Schëlleg definitiv zur Rechenschaft gezu ginn, wann dat dann esou war.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir hu festgehalen, mer géifen nach eng Kéier d'Saisine maachen. Obwuel mer jo gesot kritt hu vum Ministère de l'Intérieur, déi Saisine, déi mer gemaach haten, do wäre mir richtig gewiescht. Do hätten net missen deen een oder deen aneren erausgoen.

Mä well awer am Raum steet, dass den Affekot Maître Krieger do gesot huet, hie géif dogéint kloen, hu mer gesot, dass mer déi Saisine wäerten annulléieren an an enger zweeter Phas dann nach eng Kéier iwwert d'Saisine ofstëmmen. An der Tëschenzäit hu mer mam Ministère de l'Intérieur Gesprécher gehat, well mer net gutt fonnt hunn, dass keen Delai tëschent der Saisine an deem neie virgesi war. Et war keen Delai virgesinn an der aktueller Prozedur. Wou d'Leit, déi scho virdrun eppes eraginn haten, déi am Fong schonn en règle waren, mä déi awer nach keng Äntwert kritt hu vun eis.

Do si mer souwäit am Accord mat hinnen, dass et elo an enger Tëschenzäit do eng Phase transitoire géif gi vun där neier Saisine op dat aalt. Dat heescht, déi Dossieren, déi doranner komm sinn, déi komplett waren, déi géifen nach nom alen Dénge behandelt ginn. An déi nei, déi net komplett waren, déi müssen dann natierlech erëm frësch gemaach ginn.

Mir hunn decidéiert, dass mer dat esou schnell wéi méiglech wëlle maachen.

Mä mir hunn awer och festgestallt, dass verschidde Feeler an der Partie écrite ware vun der éischter Saisine, déi mer haten. An déi wëlle mer redresséieren.

Doniewent hu mer all déi Leit, déi elo scho reklaméiert hunn. Do sinn der e ganze Koup, wou mer mat hiner Reklamatioun kënne liewen. Déi wëlle mer direkt regulariséieren an deem Sënn, dass mer elo an där neier Saisine dat géife consideréieren. An da géife mer hinne recht ginn. Fir dass déi net erëm, wa mer elo eng nei Saisine maachen, missten ufänke mat reklaméieren, missten erëm heihinner kommen, an eis erëm dat selwecht zielen.

Fir dass déi Fäll, wou mir soen, dat do liicht eis an, dat ass gutt, dat kënne mer hinnen zougestoen, dass mer déi direkt mathuelen. An dofir dauert et elo e bësse méi laang wéi mer geduecht haten, bis mer dat kënne maachen. Mä ech mengen, et ass virgesinn awer am November an där Sitzung déi ganz Prozedur do ze maachen.

Dat anert, wat Der ugesprach hutt vun Dossieren, déi zréckgehalé si ginn, do hu mer och Kenntnis dovu kritt elo. Mir sinn amgaangen ze kucken, wéi mer dat kënne léisen. Respektiv, doduerch dass mer eis agesat hu fir déi Phase transitoire, wär et méiglech, do verschidden Dossieren ze ecoléieren, ouni dass d'Leit erëm musse protestéieren an heihinner kommen.

An zumindest déi Dossieren, déi komplett waren zu deem Zäitpunkt, wéi déi éischt Saisine war, géife mer consideréieren als nach erakomm. An och deene géife mer da recht ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt nach eppes froen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir hate jo déi selwecht Prozedur bei der Servitude Maisons unifamiliales. An do hu mer alles dat, wat bis zum

Questions

Datum vum Vott dobanne war, nach mat consideréiert. A wat duerno komm ass, net méi.

Dir sot elo, den Dossier war net komplett. Et muss ee kucken, dass een do och net ze streng vläicht virgeet. Net dass iergendeng Dommheet net do war. Ech mengen de Fait, dass den Dossier heibanne war, wann en elo net wesentlech ännert, dass een elo seet ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mä et si jo Leit, déi einfach froen: Wat dierf ech do bauen? Verstitt Der.

ERNY MULLER (LSAP):

Ah nee. Et muss e fäerdegeng Dossier sinn, do ginn ech Iech scho recht. Mä, wéi gesot, e richtegen Dossier, net nëmmen eng Demande de principe. Dat geet net. Mä ech mengen, mir hunn et jo awer gemaach.

Dat anert, wat den Här Meisch do gesot huet, fannen ech zwar trotzdeem e staarkt Stéck. An ech kann nëmmen soen, wou kann een eppes zrëckhalen, wann do déi responsabel Politiker net gesot hunn, dass dat soll gemaach ginn? Ech mengen, dat ka jo einfach net sinn. Et kënne jo net eis Beamten oder wien – ech weess jo net, wien dat do elo war – einfach soen, elo ginn déi Dossieren net eraus.

Souwäit ech informéiert sinn, hätt déi Baugeneemegung scho kënnen ausgestellt ginn, laut deem ale PAG. An ouni Problemer.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. A mir kéinten op Schuedenersatz verklot ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Voilà.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An dofir si mer amgaang, all déi Dossieren ze kucken. A mir sichen elo wierklech no enger Léisung fir d'Leit.

ERNY MULLER (LSAP):

Also Är Positioun, déi Der elo hutt, kënne mir nëmmen ënnerstëtzen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wann elo keng Froe méi sinn, da géife mer an d'Non-publique goen.

ERNY MULLER (LSAP):

Et sinn nach Froen. Wann ech dann dierf virufueren. Meng Fro betrëfft de Fonctionnement vun där neier berüümter Hall O.

E Sonndeg war déi éischt Organisatioun. An ech war do kucke gaangen, net nëmme par sympathie vum Organisateur, deen dat do hat, mä och, fir mer emol en Androck ze maachen, wéi esou eng Organisatioun an där neier Hal funktionéiert. An ech muss awer meng Enttäuschung zum Ausdrock bréngen, wat ech do leschte Sonndeg erlieft hunn. Ech erlabe mer, e bëssen ze zitëieren, wat ech erlieft hunn. Ech wäert Propositione maachen, Suggestiounen, ech wäert och Kritik ausüben an déi eng oder déi aner Fro stellen.

Mä ech wëll et awer och net schlecht rieden. Dat wëll ech och soen. Et gëtt ganz vill Positives an där Hal. Dat wëll ech schonn emol virausschécken. Mä mir missten e puer Korrekture virhuelen, säitens vun hei, vun de Responsabelen.

Wéi ech dann do erakomm sinn, waren d'Aganksdieren, fir vu baussen eran an de Foyer, mat hëlzene Käfferen opgestäipt. Do louchen hëlze Käfferen dertëscht. Do hunn ech mech direkt informéiert, wat dat wier. D'Schlässer funktionéieren net richtig, krut ech gesot. Wann d'Dieren zougemaach ginn, da kritt ee se vu baussen net op. Dat heescht, do muss een all Kéiers erëm frësch mam Schlëssel opmaachen.

Dat ass schonn en immens gutt Bild, wann een éierens erageet an da si Käfferen dertëscht, déi d'Diere blockéieren.

Den Organisateur, dee konnt dee klenge Sall net benotzen, well deen ze kleng war. Dunn ass en an dee grouse Sall

mander ce qu'ils peuvent construire.

ERNY MULLER (LSAP) *confirme que le dossier doit effectivement être prêt.*

(Interruption de M. Ulveling)
Erny Muller fait allusion aux vrais dossiers, pas aux demandes de principe.

TOM ULVELING (CSV) *est du même avis.*

ERNY MULLER (LSAP) *trouve que ce que dit M. Meisch est fort. Il ne comprend pas comment la commune pourrait retarder volontairement des dossiers. Les hommes politiques ne peuvent pas donner l'ordre à un fonctionnaire de ne pas traiter certains dossiers. Les permis de construire auraient pu être accordés sur la base de l'ancien PAG.*

TOM ULVELING (CSV) *ajoute que la commune pourrait être condamnée à verser des dommages et intérêts.*

(Interruption de M. Muller)
Tom Ulveling répète que la commune analyse tous les dossiers et cherche des solutions pour les personnes concernées.

ERNY MULLER (LSAP) *soutient la position de M. Ulveling.*

Il des questions concernant le fonctionnement du nouveau Hall O.

Il est assisté à la première organisation dimanche dernier. Malheureusement, il doit avouer sa déception.

Lorsqu'il est arrivé, Erny Muller a constaté que les portes d'entrée du foyer étaient maintenues ouvertes par des cales en bois. Apparemment, si l'on verrouille les portes, celles-ci ne peuvent plus être ouvertes de l'extérieur. Mais ces cales ne donnent vraiment pas une bonne première image de la salle.

Par ailleurs, l'organisateur n'a pas pu utiliser la petite salle parce qu'elle était trop petite. Mais la grande salle était beaucoup trop grande. C'est pourquoi Erny Muller en revient à la paroi de séparation. Il faut agir rapidement, parce que l'ambiance n'est pas bonne dans une salle aussi grande.

Erny Muller ajoute que les invités tremblaient de froid en mangeant à cause du système de ventilation. La

Questions

température a ensuite été augmentée à distance, mais l'air qui circulait restait froid. Il faudra réfléchir à la question.

Il n'y a pas de signalisation pour les personnes à mobilité réduite. Le chemin prévu à cet effet est encore fermé à cause du chantier. Du côté d'Aquasud, il n'y a pas de panneau. Les personnes concernées ne savent pas forcément où aller.

Un panneau indiquait le chemin vers le Hall O. Mais il était inutile parce que les automobilistes étaient forcés de faire demi-tour pour aller au parking. En plus, les places de stationnement pour personnes handicapées ne sont pas accessibles pour le moment. Il faudrait prévoir une ou deux places provisoires en attendant que le LIHPS soit terminé.

Ceux qui organisent des événements de temps en temps savent que des places de stationnement sont nécessaires à côté de l'entrée pour déposer le matériel. Le jour dont parle Erny Muller, il faisait un temps de cochons. L'organisateur était obligé de courir à droite et à gauche. Or lorsque le hall a été planifié, il était question d'une place de stationnement pour l'organisateur.

TOM ULVELING (CSV) répond que cela est dû au chantier du LIHPS.

ERNY MULLER (LSAP) réplique que le LIHPS est derrière. On pourrait passer de l'autre côté.

TOM ULVELING (CSV) signale que la borne était ouverte.

ERNY MULLER (LSAP) rétorque qu'on avait placé un panneau à cet endroit.

TOM ULVELING (CSV) précise que c'était pour éviter que tout le monde ne passe par là.

ERNY MULLER (LSAP) constate ensuite que le foyer ressemblait à un local de stockage. Il faudrait le rendre plus convivial — éventuellement avec des plantes.

Erny Muller a parlé à un agent communal. Mais il se serait attendu à ce que le chef de service ou un responsable politique soit sur place.

gaangen. An dee Sall ass leider vill ze vill grouss. Do ware se verluer.

Dofir stellen ech haut nach eng Kéier d'Fro vun der Trennwand. Mer müssen eis do eng afale loossen, ganz schnell. Well dat gëtt einfach keng Ambiance, esou eng Organisatioun an esou enger grousser Hal. Entweder decidéiere mer eis fir eng Trennwand oder mir müssen en anere System fannen, temporairement, bis mer eng Decisioun geholl hunn. Panneau setzen oder wat weess ech. Op jidde Fall musse mer oftrennen.

An da sinn ech iwverfall ginn, well d'Leit geziddert hunn. Dat heescht, d'Leit, déi do giess hunn, souzen op hire Plazen ze zidderen. Déi Ventilatioun ass relativ staark, déi spiert ee gutt. An d'Temperaturregelung war och e Problem. D'Temperatur ass zwar dunn, op Interventioun hin, eropgesat ginn, op Distanz. Mä et war nach ëmmer e Problem vu Loftzirkulatioun a relativ kaler Loft. Dat ass och nach eppes, wouriwver mer eis Gedanke maache müssen.

En anere Punkt, wou och Problemer waren, dat sinn d'Personnes à mobilité réduite. Do ass näischt gezechent. Ënnen, wou mer laanscht d'Hal eraginn, dee Wee, dee jo spéiderhi soll fir den Zweck virgesi sinn, deen ass elo zou duerch de Chantier. An déi aner Säit, säitens Aquasud, do ass guer kee Schëld, dass et do bei d'Hal geet. Et gëtt awer Leit, déi net esou informéiert si wéi mir anerer, wou déi Hal ass. Dat misste mer och direkt nohuelen, dass mer do Schëlter setzen.

Et war e Panneau dohi gestallt ginn. Dee konnt een zwar dann ewechhuelen, fir bis bei d'Hal ze fueren. Da sinn d'Leit erëm zrëckgefuer an de Parking. Dat hunn och d'Organisateure misste maachen. An do waren handicapéiert Plaze virgesinn, direkt ënnen dobäi. Mä déi sinn an deem Deel, wou elo gespaart ass. Duerfir wollt ech Iech suggeréieren, dass mer sollte provisoiresch op enger anerer Plaz elo emol zwou Plaze virgesinn, dass een awer direkt bei der Hal eng oder zwou Handicapéiertep-lazen – zwou, géif ech soen, wär ideal – do hätt, bis dass mer déi definitiv hunn, bis de LIHPS fäerdeg ass.

Dat selwecht fir d'Organisateuren. Wann een esou eng Organisatioun mécht – Dir wësst dat jo, mir hunn der och heibannen, déi heiansdo Saachen organiséieren –, da brauch een oft en Auto direkt derbäi, fir gewësse Saachen, drénglech Saache sichen ze goen. Deen Dag war e Wieder wéi eng Sau, loosse mer et emol op Lëtzebuergesch soen, an et huet een ëmmer missen hin an hier lafen.

Mä déi Plaze si virgesinn. Dat heescht, wéi mir d'Hal geplangt haten, hate mir Plaze virgesinn, e Parking fir den Organisateur. Nëmme fir deen. Fir soss keen. An da musse mer och kucken, dass mer dat un d'Funktionéiere kréien.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mä et ass och do erëm mam LIHPS ofgeschnidden.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir konnte jo des Kéier déi aner Säit erafueren. De Poller war erof, mä et gouf e Panneau dohi gestallt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Dass net jiddereen erafiert.

ERNY MULLER (LSAP):

Dann nach eppes. Ech mengen, do misste mer awer och nach eppes maachen. De Foyer huet ausgesi wéi e Stockage. Also wann een an eng Hal erakënnt an et gesäit een esou eppes – e Foyer ass déi éischt Impressioun. Dee kleng Sall, do ware Still stockéiert an esou Saachen. Also wierklech, dat musse mer méi convivial maachen. Eventuell passabel Planzen. De Panneau a Bëtrib huelen, dee grouse Panneau, dee mir hunn, affichéieren. Do kënne mer jo Saachen iwver eis Gemeng weisen an esou weider. Da gëtt dat schonn e ganz aneren Aspect. Et war wuel een do vum Service, deen Urgence hat. Mat där Persoun hunn ech och geschwat, dem Agent vun eiser Gemeng. Mä ech hat mer erwaart, dass vläicht de Chef de service vun där Administratioun oder vläicht och e politesche Responsablen do gewiescht wär. Well ech si jo

Questions

nëmmen e simple Conseiller, ech hunn de Leit alt – ech sinn iwverfall ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

D'Madamm Rausch war och do.

ERNY MULLER (LSAP):

War déi och do?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi huet eis dat och gesot. Alles, wat Dir elo gesot hutt.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Net gläichzäiteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Da war ech vläicht deen Éischtchen. Do sinn ech ganz staark iwverfall ginn. Et ass egal. Ech mengen, mir wëlle jo alleguer, dass et besser gött.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Richtig.

ERNY MULLER (LSAP):

Um Enn nach eng Fro iwvert déi Organisatioun, wou Handlungsbedarf ass. Fir vläicht e Questionnaire auszeschaffen, dee mer de Leit, mat der Rechnung géife ginn, wou se eis kënnen hir Do-leancen, hir positiv an negativ Erfahrung matdeelen, an da géife mer kucken drop ze reagieren.

Déi Hal huet ganz vill Potential. Ech bleiwen dobäi. Ech wëll dat elo net alles schlecht rieden. Mä des kéier war et e bësse schlecht, e bësse derniewent. Mä do kënne mer awer ganz schnell drop reagieren. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci och, Här Muller. D'Madamm Rausch hat mer déi selwecht Remarken

direkt scho méindes gemaach. Wou mer wierklech elo musse mildernde Umstände kréien, well mer an enger Ulaflas sinn, dass ee muss emol de Pli hunn, wéi dat fonctionéiert, wéi et soll fonctionéieren.

Dir wësst och, et ass nach net alles fäerdeg, déi ganz Bünentechnik, Medientechnik. Dat ass nach net alles installéiert. Dofir stinn och nach Saache ronderëm, wou Firme kommen ...

ENG STÈMM:

Do misst ee Responsabelen awer do sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, dat ass elo eng aner Fro. Ech fannen och déi Iddi ganz gutt, fir esou e Questionnaire ze maachen. Ech fannen och, bei esou Saachen, wann esou eppes ufänkt, dass do e Responsable misst op der Plaz sinn, deen duerno kuckt.

Hëlze Käfferen – okay, dat si kleng Problemer. Déi wäerte mer sécher léisen. Mä et muss een awer nach e puer Wochen oder Méint duerch d'Hand kucken. Well eben nach Corps-de-metiere musse kommen, déi schaffen. Déi loosse hiert Geschier natierlech do. Dat gesäit da vläicht net ganz propper aus.

Mä mir wäerten déi Saachen, déi Dir elo gesot hutt, kucken. Et ass e bësse och elo nach zousätzlech de Problem mam LIHPS, deen do gebaut huet. Wou alles ofgespaart ass. Dass een deen een Deel nëmmen iwvert déi eng Säit erakënnt, deen aneren Deel nëmmen uewen.

Mä ech hunn och gesot, fir dass een dat e bësse méi visibel mécht, wäerte mer mol dräi Masten ophänke mat engem Fändel. Dass d'Leit gesinn, dass do eppes vun der Gemeng Déifferdeng ass, eppes Publiques. An da wäerte mer kucken, déi aner Problemer geléist ze kréien. Ech soen awer Merci fir déi Saachen, déi Der do ugereegt hutt, dass een dat ka virginn.

Sinn nach Froen?

Lui-même n'est que simple conseiller communal. Il a été assailli.

TOM ULVELING (CSV) réplique que M^{me} Rausch était là.

ERNY MULLER (LSAP) s'en étonne.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que M^{me} Rausch a déjà communiqué toutes ces informations.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise qu'elle n'était pas là en même temps que M. Muller.

ERNY MULLER (LSAP) suppose qu'il était là en premier. Il a été assailli. Tout le monde sait que les choses auraient pu se passer mieux.

TOM ULVELING (CSV) en convient.

ERNY MULLER (LSAP) propose de soumettre un questionnaire aux organisateurs pour qu'ils expriment leurs doléances.

TOM ULVELING (CSV) est d'accord.

ERNY MULLER (LSAP) trouve que le hall a un potentiel important. Il ne veut pas en dire du mal, mais il constate que cette fois-ci les choses ne se sont pas bien passées. La commune doit réagir rapidement.

TOM ULVELING (CSV) répète que M^{me} Rausch a déjà fait les mêmes remarques lundi. Mais la commune a des circonstances atténuantes. Le Hall O est en phase de rodage. M. Muller sait que tout n'est pas fini. L'équipement n'est pas complètement installé.
(Interruption)

Tom Ulveling trouve l'idée du questionnaire bonne. Il estime lui aussi qu'un responsable aurait dû être sur place.

Les cales en bois constituent un petit désagrément. Les travaux se poursuivront encore pendant quelques mois. Il ne faut pas oublier le chantier du LIHPS non plus. Certains accès sont barrés.

Tom Ulveling a proposé d'installer trois mâts avec des drapeaux pour signaler qu'une infrastructure communale se trouve à cet endroit. Il

veillera à ce que les autres problèmes soient aussi résolus.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

était sur place et peut confirmer une bonne partie des choses que M. Muller a dites.

Elle a discuté avec l'organisatrice. Mais il faut comprendre que le Hall O a besoin d'une phase de rodage tout comme une voiture ou une entreprise.

La responsable de l'évènement a d'ailleurs envoyé un courrier électronique particulièrement positif. Apparemment, elle n'a pratiquement jamais été aussi bien accompagnée que par le personnel du Hall O.

(Interruption et discussions)

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

raconte qu'elle était au Hall O jeudi pour « Kuck a Klick ». Les portes fonctionnaient parfaitement.

La présidente du LSAP a même dit que le personnel de la commune s'était montré extrêmement poli. Le seul problème concernait le froid.

FRED BERTINELLI (LSAP)

a entendu dire qu'il ne serait plus possible de jouer sur le terrain du Woiwer jusqu'en décembre. Il connaît bien le dossier. Il a toujours avancé l'excuse à la FLF que la commune comptait construire un stade d'athlétisme avec un terrain synthétique au milieu.

Il voudrait savoir qui était présent lorsque le terrain a été présenté à la FLF. Lui-même était présent au Thillenberg, à Niederkorn et à Oberkorn. Il a entendu dire que la commune avait envoyé une lettre aux autres clubs pour les informer que le CSO s'entraînerait sur leurs installations, car la FLF ne valide plus le terrain.

Il se souvient que les choses fonctionnaient différemment avant. En cas de problèmes, les clubs essayaient de trouver une solution ensemble. Fred Bertinelli sait qu'il n'est pas toujours facile de trouver une solution. Mais ici, la commune s'est contentée d'envoyer une lettre pour informer les clubs que le CSO utiliserait désormais leurs terrains. Ce n'est pas la bonne façon de procéder. Il aurait mieux valu inviter

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

D'Madamm Rausch, wannechgelift.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengen- an aus dem Schäfferot, Här Muller, ech war selwer do. Ech ka villes bestätegen, vun deem, wat Der gesot hutt. Ech hunn och mat der Presidentin geschwat. An et ass bei dem Hall O, genau wéi bei allen anere Betriber, ob et e Restaurant ass oder eppes anescht, do si Problemer aus de Kannerschong. Et brauch een iergendwéi e Rodage. En Auto brauch e Rodage. An esou e rise-grouse Betrib brauch och e Rodage.

Ech hunn alles notéiert. Mir hu souguer deelweis schonn Ännerungsvirschléi oder Verbesserungsvirschléi. Wat mer nach wichteg ass, ass, dass mer vun der Responsabeler e ganz positive Mail als Réckmeldung kritt hunn. Ech halen drop, dat ze soen. An dass se seelen esou gutt betreit gi wäre wéi vum Personal aus där Hal. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ass elo nach dozou eppes?

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo, dozou. Ech wëll dem Här Muller soen, mat den Dieren, ech war doneschdes do, bei Kuck a Klick, do haten déi Dieren awer ganz gutt fonctionéiert. Do war kee Problem mat engem hëlzene Käffer. An ech muss soen, d'Presidentin vun der LSAP koum bei d'Madamm Brassel – ech war mat hir do –, a si huet gesot, dass zwee Häre vun der Gemeng do gewiescht wieren, déi wieren immens fein a léif gewiescht. Et war just d'Keelt.

Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Elo den Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro, wat de Woiwer Terrain ugeet. Wéi mer zu Ouere komm ass vun de Veräiner, ass de synthetischen Terrain bis op Weideres net direkt gespaart, mä spéitstens am Dezember kréie mer do vun der Federatioun keen Droit méi fir drop ze spillen. Ech kennen de Problem vun deem Terrain. Déizäit war ëmmer d'Argumentatioun vun der FLF, datt ech gesot hunn, datt mer do virhätten, en neie Liichtathletikszenter mat engem Terrain an der Mëtt ze bauen, en neie synthetischen Terrain. An, datt dat ëmmer e bëssen esou d'Excuse war.

Ech wollt froen, wie vun Iech bei der Presentatioun, wou d'FLF den Terrain kucke komm ass, derbäi war? Ech weess, dat kritt een ëmmer geschriwwen op d'Gemeng. Ech war dräi-, véiermol mat dobäi, um Thillebiere, zu Nidderkuer an Uewerkuer. Wie war do derbäi?

Well ech gelies hunn, datt e Bréif vun der Gemeng erausgaangen ass un déi aner Veräiner, wann den CSO net méi do kéint trainéieren, well d'FLF hinne keng Validatioun méi gëtt, dann ass einfach vun der Gemeng en Ziedel un déi aner Veräiner gaangen, datt den CSO dann an da géif bei hinnen trainéieren. Dat ass e bësse komesch a quokeleg.

Well ech weess, datt dat soss ëmmer eng aner Aart a Weis war, wéi dat funktionéiert huet. Wann esou eppes wéi dat dote war, hu mer oft genuch probéiert, samschdes moies mat de Veräiner selwer ënnerteneen eens ze ginn. Well elo weess een net, wien een elo op säi Platebande trëppelt. Well jiddweree vill Kanner huet. Fir awer do en Accord ze fannen, wou all Veräin domat liewe kënn.

Hei ass einfach e Bréif vun der Gemeng un d'Veräiner erausgaangen, dann an dann trainéiert den CSO bei Iech do an do um Terrain. Ech mengen, dat ass net déi Aart a Weis, wéi ee sollt virgoen. Et sollt een allegueren d'Veräiner invitéieren an da kucken, e Konsens ze fannen, wann et esou ass, datt een um Woiwer Terrain net méi ka spillen.

Well jiddweree vun deene Veräiner do am Drock ass mat esou ville Kanner,

Questions

déi jiddwereen huet. Dat ass keng Aart a Weis, wéi ee mat de Veräiner sollt ëmgoen. Wou ech deenen neie Leit mat op de Wee ginn, datt et besser ass, et sëtzt een an enger Diskussioun mat dran, et probéiert een en Accord ze fannen, bis een dann op e Punkt kënnt, wou all Veräin domadder ka liewen an zefridden ass.

Meng Fro ass, wien do derbäi war vun der FLF, wéi den Terrain besichtegt ginn ass. Si hate sech am Virfeld ugemellt. Ech hunn hinnen zweemol gesot, datt do eng nei Infrastruktur géif hi kommen. Domadder war et da gutt.

Mä, wéi gesot, elo si se héchstwahrscheinlech vum Veräin nach eng Kéier geruff ginn, well den Terrain wierklech – e war déizäit scho bal um Enn, mä elo ass en um Nullpunkt. Et ass wéi Bëtong. Fir kleng Kanner ass dat net ganz gesond, fir do drop ze spillen.

An effektiv, ass déi doten Ausso elo do erauskomm. Wat mech e bësse wonnert. Well soss ëmmer am Konsens mat deenen anere Veräiner gekuckt ginn ass, wou si eis e bësse Plagë kënne ginn. An hei ass einfach vun uewen erof gesot ginn, dann an dann. Ech wollt froen, wéi dat méiglech ass?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Also ech weess näischt vun engem Bréif vun der FLF, dee soll komm sinn. Ech weess och näischt vun engem Bréif, dee soll erausgaange sinn. Dat muss mer da kucken, wie wat do gemaach huet a wien och do war, wann een do war. An da muss mer Iech do eng Äntwert ginn, wa mer déi hunn. Awer elo kënne mer Iech keng ginn.

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Ech soe mengem Kolleg Fred Bertinelli Merci fir déi Interventioun, déi en elo bruecht huet. Ech kann dozou e puer klärend Detailler liwweren.

D'Terrainskommissioun vun der FLF war um Site Woiwer, wou den CSO trainéiert, an huet festgestallt, dass dee synthetischen Terrain an engem net

méi gudden Zoustand ass. Huet dunn awer eng Auslafzäit gi bis den 31.12.2019, dass nach kéint do drop gespillt ginn. Dat war den Ist-Zoustand, dee mir als Veräin, an déi aner Veräiner, déi hei an der Gemeng sinn, matgedeelt kritt hunn. Well och Kanner vun eis drop spillen. Den Terrain ass wierklech net méi gutt. Mä d'FLF huet awer gesot, bis den 31.12.2019 kann drop gespillt ginn.

Dunn hu mer als Veräin viru 14 Deeg e Mail kritt vum Service des sports, wou ech éischtens emol iwwert de Wuertlaut zimmlech erféiert war. Well et ass kee Wuertlaut an och keng Manéier, mat deene Wieder esou un d'Sportsveräiner erunzotrieden.

Et muss ee jo wëssen, dass mer no bei 1.000 Kanner an där ganzer Gemeng an deene verschiddene Sportsveräiner erlaben, Sport ze maachen. An dat zu 95 % gedriwwen a geleet a veraarbecht gëtt vum Benevolat.

Wann een dann esou e Schreiwes kritt vun engem Professionellen, dee responsabel ass vum Service des sports, dat ass net motivant. Dir wësst, dass d'Benevolat amgang ass, lues a lues ëmmer méi schwach ze ginn. An esou e Schreiwes ass net motivant.

Obwuel d'FLF den Terrain CSO-praktikabel erkläert huet bis den 31.12, kréie mir als Déifferdenger 03 – Dir wësst, dass ech net vun der Luna schwätzen – dann e Bréif, wou drasteet, a 14 Deeg wier den CSO-Terrain zou. Mir missten eis déi Charge als reschtlech Fussballveräiner opdeelen. Wou ech ganz domat d'accord sinn, fir déi Ekippe vun der CSO entgéintzehuelen. Mir missten eis Terrainen deelen.

Richtig. Mä da muss awer en Dialog bestoen. Ech muss mech awer mat deene Leit, déi do hir Fräizäit verbréngen, kënne un en Dësch setzen a froen – net nëmme kucken –, wéi vill Ekippen hues du? Wat ech elo vun hinnen octroyéiert kritt hunn, dat geet a 14 Deeg un. 14 Deeg nom Mail ass dat doten aktuell. Da muss ech éischtens emol bei d'Federatioun uruffen, ech muss Matcher reportéieren, Matcher decaléieren. Ech hu mat Momenter, laut deem dote Planning, 150 Kanner op engem hallwe synthetischen Terrain.

les clubs à trouver une solution ensemble. C'est-à-dire s'asseoir à une table, discuter et essayer de trouver un accord pouvant satisfaire toutes les parties.

Fred Bertinelli demande une nouvelle fois qui de la FLF était présent à la visite du terrain. Il leur a dit à deux reprises que le site accueillait de nouvelles infrastructures sportives. Mais il est probable qu'ils aient été contactés par le club par la suite. Lorsque Fred Bertinelli était échevin aux sports, ce terrain était déjà en piteux état. Désormais, il est devenu inutilisable. C'est du béton.

Pour les enfants, il est même carrément dangereux. C'est ce qui explique la décision prise. Mais normalement, il aurait fallu en discuter avec les clubs. Comment est-ce possible?

TOM ULVELING (CSV) *n'est pas au courant d'une lettre envoyée par la FLF ou par quelqu'un d'autre.*

(Interruption de M. Bertinelli)

Tom Ulveling devra se renseigner. Il fournira une réponse à M. Bertinelli ensuite.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *peut apporter quelques précisions.*

La Commission des terrains de la FLF a inspecté le terrain et a constaté qu'il était en mauvais état. Elle a donné son autorisation pour qu'on y joue jusqu'au 31 décembre 2019. Guy Altmeisch ajoute que des enfants s'y entraînent et qu'il était vraiment en mauvais état.

Il y a deux semaines, le club a reçu un courrier électronique plutôt effrayant de la part du service des sports. En effet, ce n'est pas une façon de s'adresser à des clubs.

Differdange compte un millier d'enfants pratiquant un sport au sein d'une association. Ces clubs sont gérés bénévolement à 95 %. Le courrier envoyé par le responsable du service des sports n'était pas de nature à motiver ces gens – surtout quand on sait que le bénévolat faiblit continuellement.

Bien que la FLF ait déclaré le terrain du CSO praticable, le Differdange 03 a été informé que le terrain serait fermé 14 jours plus tard et qu'il devrait soutenir le CSO en mettant ses terrains à disposition.

Guy Altmeisch est d'accord, mais un dialogue est nécessaire. Dans la situation actuelle, 150 enfants vont se retrouver sur un demi-terrain synthétique par moments. Guy Altmeisch devra donc contacter la fédération pour décaler ou reporter des matchs,

Il n'est pas question de ne pas vouloir partager ce qu'on a. Mais ce qui compte, ce n'est pas le nombre d'équipes; c'est le nombre de membres. Cent-cinquante enfants sur un demi-terrain ne peuvent pas jouer au football.

Il n'y a pas eu de réelle communication. Un représentant du service des sports peut-il dire aux clubs ce qu'ils doivent faire sans en informer les hommes politiques? Pour Guy Altmeisch, un dialogue raisonnable avec les associations doit avoir lieu. Autrement, il s'agit d'une dictature. En plus, il semblerait que les hommes politiques n'étaient même pas au courant. Il y a de quoi se poser des questions.

Guy Altmeisch espère que l'ordre de se partager les terrains endéans 14 jours sera annulé. Ensuite, les clubs devront se réunir et chercher une solution sur la base de chiffres réels.

TOM ULVELING (CSV) donne raison à M. Altmeisch. Mais celui-ci sait qu'il y a eu un vide politique et que les nouveaux responsables ont besoin d'un peu de temps.

Le nouvel échevin au sport, M. Aguiar, devra clarifier la situation et trouver un consensus. Il faudra réorganiser la répartition des terrains. Ce qui est arrivé est regrettable.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) est échevin depuis vendredi dernier. Il est en train d'étudier les dossiers.

Le responsable du service des sports a proposé une solution. Il a trouvé un accord avec le Progrès. Des plages sont aussi disponibles au stade Thillenbergh.

Pour la FLE, le terrain restera praticable jusqu'à fin décembre. Il devra être refait. Le collège échevinal est en train de chercher la meilleure solution. Paulo Aguiar essayera de fournir des explications la prochaine fois.

Ech deele gär. Mä et ass net d'Zuel vun den Ekippen, déi ausschlaggebend ass, et ass d'Zuel vun de Memberen. Ech ka mer jo net virstellen, dass bei 150 Kanner op engem hallwe synthetischen Terrain een nach ka vu Fussballtraining schwätzen. Da schwätze mer vun trëpelen. Da schwätze mer vun een op deen anere sprangen. Well déi Zuel do erlaabt et jo net méi, e rasonablen Training ze maachen.

Wat ech vermessen, ass eng reell Kommunikatioun fir de Kompetenzberäich vum Verrieder vum Sportsservice. Awéiwäit dee sech kann d'Fräiheet eraushuelen, deenen anere Veräiner ze soen, wat wou wéini geschitt. Ouni dass d'Politik dovunner weess.

Do stellen ech mer zwar Froen. An déi sinn och berechtigt. Well fir mech ass et nach ëmmer esou, an dat wäert och an Zukunft esou bleiwen, dass en Dialogue raisonnabel mat deene verschidene Veräiner zu deem beschte Resultat féiert. Dat do ass fir mech net méi Dialogue, dat do ass eng Diktatur. Déi, wéi ech dann hei muss feststellen, och nach net vun der Politik gewosst ass. Gedroen ass se jo dann och net vun deene Leit.

Da muss ech mer zwar wierklech Fro stellen. Also ech wier frou, wann et dann am Nachhinein zu enger Annulatioun vun där Opfuerderung vun deene 14 Deeg an där Separatioun vun den Terraine géif kommen, säitens der Politik. A wa mer et géife fäerdegbréngen, eis zesummesetze mat deene concernéierte Veräiner. A mat reelle Chiffere eng reell Opdeelung vun deene Sportméiglechkeeten, déi mer hunn an der Gemeng, virzehuelen. A woumat jiddweree ka liewen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Dir hutt recht. Dir wësst, dass mer elo hei e bëssen an engem Vide politique waren, eng Zäit, wou sech nei Leit an d'Dossiere mussen aschaffen. Ech fannen et och net glécklech, wann dat esou ass, wéi Der sot, wat do geschitt ass.

Mir wäerten esou schnell wéi méiglech – an do ass den Här Aguiar elo responsabele Schäfte vum Sport,

dee sech där Missioun elo wäert unhuelen, fir dat alles ze klären. An dann ze kucken, dass mer do jiddweree richtig behandelen an am Konsens mat jiddwereengem dat reorganisieren. En attendant, dass mer aner Solutiounen hunn. Méi kann ech elo dozou net soen. Mä et ass regrettabel, dass dat geschitt ass.

Här Aguiar, Dir wëllt nach eppes soen?

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Den Här Ulveling huet et grad gesot. Ech war leschte Freideg aktéiert. Dat heescht, ech sinn amgang, dat alles ze kucken. Souwäit ech weess huet de Responsabele vum Service des sports missen eng Léisung fannen. Hien huet och eng Léisung proposéiert. Hien ass amgang ze kucke mam Progrès. Ech weess, et ass eng Entente mat de Jonke schonn do. An och mam Thillebergh-Stadion si verschidde Plages d'entraînement dobäi. Dat si mir amgang ze kucken.

Am Kader vun der FLF: Den Terrain gëtt am Dezember zougemaach. Do si mir och amgang ze kucken, mir mussen en Devis kréien, wéi vill et kascht, fir den Terrain nei ze maachen. Am Schäfferot si mer amgang zesummen ze kucken, déi beschte Léisung ze fannen. An der nächster Sitzung probieren ech alles ze klären. Dat kucke mir no. Merci.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Däerf ech ee Saz dozou äntwerthen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass ganz richtig. Mä déi Fro, déi ech mer stellen: D'FLF léisst den Terrain op. Eng Terrainskommissioun, wat Spezialiste sinn, autoriséiert, um Terrain ze spille bis den 31.12.2019. Wou kënnt elo op eemol déi Panik hier? Mir wëssen, dass mer e Vide politique hunn, dass mer an enger schwiereger Situationsinn sinn, mä wou kënnt dann elo op

Questions

eemol déi Panik do op, fir de Veräiner e Mail ze maachen, a 14 Deeg hues du déi Situatioun. Dat ass jo intenabel dat do.

Wa mer keen zoustännege Politiker hunn, deen dat do responsabiliséiert, sinn ech der Meenung, dass de Chef de Service awer net individuell aus eegener Initiativ ka mir als Veräin e Bréif ginn, hei dat do sinn d'Direktiven, déi vun der Politik sinn. Also dat fannen ech schonn en Affront. An ouni Dialog. Mä Dir wësst jo elo, wou mer dru sinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir kucken dat, Här Altmeisch. Dir kritt eng Äntwert, soubal den Här Aguiar sech do ageschafft huet. Hie kuckt no, wat do geschitt ass, wat do geschriwwe ginn ass. Wéi gesot, et ass net glécklech. Dat kënne mer elo scho soen. Mä mir musse kucken, wat mer draus léieren.

Den Här Hartung nach, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Ech wollt eppes heizou erwännen. Ech war op der Generalversammlung vun der CSO. Do hu se effektiv gesot, datt bis Dezember den Terrain nach kéint gespillt ginn. Mä anscheinend hate se e puer Verletzter, wa se do getackled hunn oder esou, datt se sech do wéi gedoen hunn. Datt se gesot hunn, et wär méi sécher, net méi do ze spillen. Dat ka warscheinlech d'Erklärung sinn, firwat se éischer eng Alternativ fanne wollten.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir si bei de Froen. Wann elo kee méi eng Fro huet, dann ass d'Froeronn eriwwer. An da gi mer an déi Non-publique. An da stelle mer do och nach Froen. Oder äntworten op Froen. Ech soen der Press Merci, dass se et esou laang ausgehalen huet hei bei eis.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *ne comprend pas.*

La Commission des terrains de la FLF, qui est composée de spécialistes, autorise l'utilisation du terrain jusqu'au 31 décembre 2019. Pourquoi toute cette panique? Pourquoi envoyer un courrier électronique laissant 14 jours aux clubs?

En plus, tout le monde est au courant du vide politique actuel. Guy Altmeisch ne pense pas qu'un chef de service puisse prendre une telle initiative tout seul. Son courrier électronique constitue un affront.

TOM ULVELING (CSV) *répond qu'il vérifiera cela.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *l'espère.*

TOM ULVELING (CSV) *répète que M. Altmeisch recevra une réponse dès que M. Aguiar en saura plus.*

(Interruption)

Tom Ulveling sait bien que la situation est malheureuse.

JERRY HARTUNG (CSV) *confirme que le CSO peut jouer sur son terrain en décembre. Mais à l'assemblée générale, le club a expliqué qu'il y avait eu des blessés et que dans la pratique, il n'est plus possible de jouer sur ce terrain. C'est sans doute la raison pour laquelle il a fallu chercher une solution rapidement.*

TOM ULVELING (CSV) *constate que si personne n'a d'autres questions, la séance publique est close.*



13-21 JUIN
2020

JUGENDKONSCHTWOCH NOUS CHERCHONS DE JEUNES ARTISTES

Cette manifestation s'adresse aux jeunes artistes (musiciens, écrivains, sculpteurs, peintres, graphistes, photographes...) de 12 à 26 ans.

Délai d'inscription Dimanche 29 mars

Quand?

Vernissage Samedi 13 juin à 18 h

Exposition Dimanche 14 au samedi 20 juin de 15 h à 18 h

Remise du Jugendkonschtpräis Dimanche 21 juin à 11 h

Où?

1535° CREATIVE HUB

115, RUE ÉMILE MARK | L-4620 DIFFERDANGE

Pour toute information supplémentaire veuillez contacter:

Lynn Tintinger | lynn.tintinger@differdange.lu | T. 58771 1308

Caroline Freylinger | caroline.freylinger@judiff.lu